Muttergottesoktav 2002

1. Predigt : Lk 1, 39-45 : Der Besuch Marias bei Elisabet
Selig ist die, die geglaubt hat, dass sich erfüllt, was der Herr ihr sagen ließ

Am Evangelium vum Lukas liese mer:
Nach einigen Tagen machte sich Maria auf den Weg und eilte in eine Stadt im Bergland Judäa. Sie ging in das Haus des Zacharias und begrüsste Elisabet. Als Elisabet den Gruss Marias hörte, hüpfte das Kind in ihrem Leib. Da wurde Elisabet vom Heiligen Geist erfüllt und rief mit lauter Stimme:
„Gesegnet bist du mehr als alle anderen Frauen, und gesegnet ist die Frucht deines Leibes. Wer bin ich, dass die Mutter meines Herrn zu mir kommt. In dem Augenblick als ich deinen Gruss hörte, hüpfte das Kind vor Freude in meinem Leib. Selig die, die geglaubt hat, dass sich erfüllt, was der Herr ihr sagen liess.“

Glécklech déi, déi gegleeft huet...

Här Erzbeschof, léif geeschtlech Matbridder, léif Pilger, léif Nolauschterer, di Dir mat eis iwwert de Radio verbonne sidd.

Mir hunn elo jhust dat Evangelium héieren aus dem de Motto vun der dësjähreger Oktav erausgeholl ass. Et ass di Episod, wou d'Maria bei d'Elisabet kënnt, a wou d'Elisabet, vläicht ee vun deene wichtegsten Sätz aus der Helleger Schrëft behaapt.
„Glecklech déi, déi gegleewt huet, datt sech dem Herrgott säi Wuert erfëllt.“

Et war dëse Satz, Här Erzbeschof, deen Dir als Motto fir d'Oktav gutt geheescht hutt, an ech soen iech Merci dofir, wëll dëse Satz gëtt eis Méiglechkeet iwwert eisen eegene Glaawen nozedenken, a firwaat nët, och iwwert Gleck, an iwwert dat wat eis Mënsche liewen deet.

Gläich 4 Dimensiounen ginn duerch de Motto aus dem Evangelium ugeschwaat:

-- Fir d'éischt emol Gleck.
„Glecklech bass du, Maria.“

Oh, wee wëllt nët iergendwéi glécklech sinn?

Gleck ass, esou ze soen, d'Haaptziel vu all Mënsch, an all déi, déi iwwert de Sënn vum Liewen nodenken, kommen nët derlaanscht och iwwert d'Gleck ze schwätzen.
Awer wéi den Aristoteles et scho festgestallt hat: Iwwert de Numm sinn d'Leit sech alleguerten eeneg: Ziel vum Mënsch heescht d'Gleck.
Wann ët dann awer drëms geet ze soen, wat d'Gleck ass, da kommen di verschiddenst Meenungen op.

An dëser Okatvszäit wëlle mer méi intensiv der Meenung vun der Elisabet nogoen, si déi behaapt, dat d'Gleck mat dem Glaawen a Verbindung ze brengen ass.

-- Gleck, di éischt Dimensioun vum Oktavsmotto, de Glaawen, déi zweet:
„Glecklech bass du, wëlls de gegleewt hues"

„Der Glaube macht selig," seet op Basis vun dësem Bibelwuert de Volleksmond, mat engem Hauch vu Veruechtung dem Glaawe géinteniwwer.
Wëll Glaawen, ass nun emol nët Wëssen.
Glaawen ass nun emol nët Nopréifen.
Glaawen ass nun emol nët Berechnen.
Glaawen ass nun emol nët Härr a Meechter sinn.

Wëssen, Nopräifen, Berechnen, Muecht, dat alles sinn déi Werter, déi an der moderner Zäit grouss geschriwwe goufen, an och nach vill haut ginn. Do schenkt de Glaawen keng Roll méi ze spillen, a scho guer nët dat, wat d'Bibel mat dem Wuert Glaawe bezeechent:
Eppes fir wouer haalen, wat een eben nët kann nopräifen,
oder och, eppes als Schéin, Gudd a Richteg unhuelen, nët wëll een ët berechent huet a wëssenschaftlech bewissen, mee ganz einfach wëll een deem vertraut, deen ët behaapt.
An dofir ass de Glaawen nët nëmmen e Glaawen un eppes, mee virun allem e Glaawen un een, un eng Persoun.
Ze froen ass dofir nët ode nët nëmmen, „u wat gleews de?" mee virun allem „wiem gleews de?",
wéi Dir H. Erzbeschof, ët esou treffend an der Eröffnungsandacht formuléiert huett.

D'Oktav soll esou fir eis eng Zäit ginn, wou mer eis eisem Glaawen méi bewosst ginn, perséinlech, awer och gemeinschaftlech, kierchlech, gesellschaftlech a politesch.

A wéi kinnt een dat besser maachen, wi wann een op déi kuckt, déi jhust wéingst hirem Glaawen glecklech genannt gëtt, d'Maria, d'Mamm vu Jesus.

Si ass d'Höchstform vu Glaawen, an si léisst eis, esou ze soen, eisen eegene Glaawen nei entdecken.

Kuckt, et ass ähnlech, wi wann een en Instrument spillt, zum Beispill.
Et héiert een da gären e gudde Solist spillen. Secher wees een, ët kann een ni dat ereeschen, wat dee kann, awer ët mierkt een, wéi ee kinnt säin eegent Spill aneschters verstoen, aneschters gestalten, a verbesseren.

Genau dat mecht mat dem Glaawen, de Bleck op Maria.

Wat opfällt, wann een sech d'Kierch vun haut méi genau ukuckt, dat ass, datt iwwerall do, wou de Glaawen sech erneiert oder verdéift, an allen neie Fondatiounen a reliéise Mouvementer, déi iwwert länger Zäit dierhaalen, d'Muttergottes: hir Veréierung, hirt Beispill, hirt Gebied, eng wesentlech Roll spillen. Dat ass esou eveident, datt ee roueg ka soen: ouni Maria, keng wirklech spirituell Glaawenserneierung an der Kierch.

-- An sengem Buch iwwert d'Trendforschung an Europa, ënnert dem Titel "Die Werte sind im Kommen" schreiwt den André Lorenz ee Kapitel: „Der Glaube boomt – egal woran." Hie weist hei op, wéi an eiser Zäit e bessen iwwerall d'Gleewen wichteg gëtt, awer ee Gleewen, ouni fest Konturen.
War nach firu Joeren de Sproch „Jesus ja, Kirche nein" richteg, da schéngt ët haut éischter ze sinn: „Religion ja, Jesus nein". Wuehl kaum ee giff agestoen, nët e reliéisen oder e spirituelle Mënsch ze sinn,
awer dat unhuelen, an deem nogoen, wat Jesus seet???

De Wolfgang Schumacher nennt eis Zeit haut, „eine Zeit religionsfreundlicher Gottlosigkeit". „Der Glaube bommt - egal woran."

Glewen ass inn, wëll ët léisst een sech nët méi sou einfach vu Wëssenschaften, Technologien an Ideologien un der Nous eremféieren, déi behaapten alles ze wëssen an alles ze beweisen, an déi letztendlech dach op déi wesentlech mënschlech Froen keng richteg an zefriddestellend Entwert ginn.

Nët Wëssen a Technik, mee Glaawen an Intuitioun gi groussgeschriwwen, nach ni ass esou vill vun der eegener Erfahrung geschwat ginn, wéi haut, a jiddereen schenkt zu allen Themen eng perséinlech Meenung ze hunn, un déi e gleeft.

Kuckt, léif Leit, ët ass nët esou e Glaawen, deen de Motto vun der Oktav mengt. De Glaawen ëm deen ët hei geet, ass nët de Glaawen un eng perséinlech Meenung, de Glaawen u seng eegen Erfahrungen,

mee de Glawen vu Maria huet ee ganz besnneschen Inhalt.

“Glecklech bass du, Maria, wëll s du gegleewt hues, datt sech dem Hergott säi Wuert erfëllt.”

D’Elisabet léisst eis also net am Onkloren. Si gëtt eis villméi den Inhalt, de Sënn vu Maria hirem Glaawen un.
Maria huet gegleewt, datt sech d’Wuert vum Herrgott erfëllt,
an dofir ass si glecklech ze nennen.

Hei ginn also niewt dem Gleck an dem Glaawen nach zwou aner Dimensiounen ugeschwaat:

- fir d’éischt emol dem Härgott säi Wuert.
Zenter der Erschaafung vum Mensch, schwätzt den Herrgott d’Mënschen op vill Manéieren ëmmer erem un.

Et gëtt haut oft behaapt, de westleche Mensch - gemengt ass dee räichen, wäissen Mann mat wëssenschaftlech-technescher Schoulausbildung, wiir daaf ginn, fir dem Herrgott säi Wuert.

Ähnlech wi an der klenger Geschicht mam Indianer, héiert dee räichen, wäissen, wëssenschlech-technesch ausgebiltene Mann, - deem d’Fra elo soll gleichgestallt ginn, d’Grill nët zierpen, awer dat anert Geräich, dat nach vill méi lues klengt, nämlech d’Falen vun engem 1-Cent-Geldsteck op den Trottoir giff hi ganz gutt héieren.

Wann eis Oueren zevill eeseiteg geschoult sinn, dann iwwerhéieren mer gären aner Téin. Esou giffe mer och bei eis hei, an de westleche Länner, dem Hergott säi Wuert iwwerhéieren, heescht ët, wëll mer an deenen leschten Joerhonnerten zevill eesäiteg geschoult goufen.

Dat ass nët onbedingt schlechte Wëllen. Meechtens ass ët einfach esou:
mir giffe jo lauschteren, mee mir sinn esou déformëiert, datt mer nët méi héieren kënnen, wat den Herrgott seet.

-- Dem Herrgott säi Wuert erëm zougängeg machen, och dem räichen Deel vun der Mënschheet, dat ass déi grouss Erausfuederung un d’Weltkierch, an un de Glaawen haut.

Dem Herrgott säi Wuert, di drëtt Dimensioun vum Oktavsmotto. Dëst Wuert hänkt zenter dem Glaawen vu Maria nët einfach an der Loft, ët ass nët nëmmen

einfach esou ee Wuert, e Satz, eng Idee, mee ët ass duerch de Glawen an d'Jowuert vu Maria, Wierklechkeet ginn.

„Und das Wort ist Fleisch geworden, und hat unter uns gewohnt."
heescht ët am Prolog vum Johannes Evangelium.

Dat ass déi gutt an déi freedeg Nooricht, déi mer ähnlech wéi déi meechtens schlecht Norichten um Radio, mueres mëttes a owes eis am „Engel des Herrn" an Erennerung ruffen.
„Und das Wort ist Fleisch geworden und hat unter uns gewohnt."
Dem Herrgott säi Wuert hänkt also nët einfach an der Loft, mee ët ass Mënsch ginn, an dofir huet de Glaawen, deem zum wirkleche Gleck féiert, ee ganz konkreten Inhalt: d'Persoun vu Jesus Christus, an domat den Herrgott selver ënnert eis Mënschen.

Deene 4 Dimensiounen musse mer also nogoen, wa mer dem Oktavsmotto gerecht wëlle ginn:
„d'Gleck, de Glaawen, dem Herrgott säi Wuert, an d'Erfëllung vun dësem Wuert an der Persoun vu Jesus Christus".

Ech schwätzen bewosst hei vun Dimensiounen, wëll si kënnen nët onoofhängeg eng vun där anerer verstanen ginn, mee alle véier zesummen, gestalten si de Kader, fir dat, wat ët heescht: Chrëchtsinn.

„Gleckléch déi, déi gegleewt huet..."

Aus dësem Satz, léisst sech direkt näicht soen, iwwert d'Gleck oder d'Ongleck vun deenen, déi nët gleewen.
D'Elisabeth behaapt just - a Maria mat hirem ganze Liewen gëtt hir Recht: all déi Mënschen, déi sech op de Glaawen aloossen, hu schon de Wee zum wierkleche Gléck ugefaangen.

Helleg Maria, Mamm vu Jesus a Mamm vun allen, di gleewen,
Haal du deng Hand iwwert eis.
Looss eis an dëser Oktav deenen Dimensiounen nogoen,
déi däi Liewen geprägt hunn:
de Glaawen, dem Herrgott säi Wuert, d'Erfëllung vun dësem Wuert a Jesus Christus, an esou dat wirklecht Gleck.

Lee du e gutt Wuert bei dengem Jong fir eis an,
fir datt och mir hien an eisem Liewen begéinen,
an esou am Glaawen eist Gleck fannen.
AMEN.

2. Predigt: Gen 1,26-31: Gott schuf den Menschen als sein Abbild
Glauben heißt Vertrauen, dass sich Gottes Wort erfüllt

Am Buch vum Ufank liese mer:
Dann sprach Gott: Lasst uns Menschen machen als unser Abbild, uns ähnlich. Sie sollen herrschen über die Fische des Meeres, über die Vögel des Himmels, über das Vieh, über die ganze Erde und über alle Kriechtiere auf dem Land. Gott schuf also den Menschen als sein Abbild; als Abbild Gottes schuf er ihn. Als Mann und Frau schuf er sie. Gott segnete sie, und Gott sprach zu ihnen: Seid fruchtbar und vermehrt euch, bevölkert die Erde, unterwerft sie euch, und herrscht über die Fische des Meeres, über die Vögel des Himmels und über alle Tiere, die sich auf dem Lande regen. Dann sprach Gott: Hiermit übergebe ich euch alle Pflanzen auf der ganzen Erde, die Samen tragen, und alle Bäume mit samenhaltigen Früchten. Euch sollen sie zur Nahrung dienen. Allen Tieren des Feldes, allen Vögeln des Himmels und allem, was sich auf der Erde regt, was Lebensatem in sich hat, gebe ich alle grünen Pflanzen zur Nahrung. So geschehe es. Gott sah alles an, was er gemacht hatte: es war sehr gut. es wurde Abend, es wurde Morgen: der sechste Tag. (Gen 1, 26-31)

Gott schuf also den Menschen als sein Abbild, als Abbild Gottes schuf er ihn.
Här Erzbeschof, léif geeschtlech Matbridder, léig Pilger, léif Leit, déi dir mat eis iwwer Radio verbonne sidd.

Op enger Skulptur an der Kathedral zu Chartres, gesi mer Gott Vater, deen de Mensch amgang ass aus Lehm ze forméieren. A während hien dëse Lehm zum Mensch gestalt, kuckt hien eriwwer op Christus niewt him, dee Modell steet fir d'Erschaafung vum Mensch.

Mat dësem Konschtwierk aus dem Mëttelalter kinnt de moderne Mënsch op seng grondlegend Fro eng Entwert kréien. Wëll zenter de Kant all grouss Froen an der klenger à première vue einfacher Fro résuméiert huet: „Was ist der Mensch?", hellt d'Mënschheet nët méi op, ze versichen eng valabel Entwert op dës Fro ze fannen. Kuckt een an d'Moral oder an d'Politik, an d'Philosophie oder an d'Wëssenschaften, iwwerall gëtt versicht, iergendwéi och eng Entwert op dës grondlegend Fro ze ginn: „Wat ass de Mensch?".

Am Joer 2000 ass d'Decade vun der Gehirforschung op en Enn gangen. Wëssenschaftler vun alle Borden, vun der Neurologie, iwwert Kognitivwëssenschaften, bis hinn zu Mathematik a Logik haten sech weltwäit virgeholl, 10 Joer laang Gehirforschung ze bedreiwen, fir eraus ze fannen, wéi dann dëst höchstkomplizéiert Organ vum menschleche Kierper giff fonktionnéieren, a fir esou besser ze verstoen, wat et heescht "Verstoen", wat et heescht "Mënschsinn".
Dës Recherchen hu vill Aspekter beliicht ginn, a vill neit Wëssen zesummegedroen. Awer di wesentlech Fro?:
wéi kann d'Gehir denken?
Wéi ass ët méiglech, datt mer eis eppes bewosst ginn, datt mer Gefiller kënnen hunn? Wéi ass ët méiglech, dass mer kënnen ECH soen?
datt mer kënnen gleewen, glecklech sinn, eis fräi entscheeden?
Wat heescht ët dann elo Mënschsinn?

Fir dës Froen, bleiwen di wëssenschaftlech Entwerten onkloer, an di schlaust vun den Neurologen a Kognitivwëssenschftlecher, wann se de Leit kee Sand an d'Ae wëlle streeen, ginn éierlech zou: Dat si Froen, op déi mer höchstwahrscheinlech ni eng reng wëssenschaftlech Entwert wäerte fannen.

Esou kënnt ët dann, datt zwou grouss Tendenzen sech géinteniwwer stinn.

- fir di eng ass Gehir alles: si erenneren eis un d'Materialisten aus dem spéiden 19. Joerhonnert; ouni Gehir, behaapten si, ass kee mënschleche Geescht méiglech.
Hannert dëser Thes steet de Nobelpräisträger Francis Crick, deen a sengem Buch behaapt, vu Séil oder Geescht ze schwätzen, dat wiir eng falsch wëssenschaftlech Hypothes, dat wiir iwwerflësseg.
De menschleche Geescht wiir nämlech nët eng onstierwlech Séil, mee hie wiir sos näicht wi Resultat vun der Aarbecht vu komplizéierte Gehirzellen. Wann dës Gehirzellen ophaalen ze schaffen, da wiir ët eriwwer mam Geescht. De Mënsch, am Fong sos näicht wéi eng komplizéiert Matière, déi enges Dags, mam Doud, verfellt.
Dat ass di eng grouss Entwert, déi eng ganz Rei vun Unhänger huet.

- di aner, seet just de Kontraire:
Nët „ouni Gehir, kee Geescht", mee emgedréit, ouni Geescht, ouni Séil, kann d'Gehirn nët schaffen. An all Strom an all Impulser kënnen näicht, wann kee Geescht do ass, deen dat ganzt steiert.
Och hannert dëser Thes steet e Nobelpräisträger: den John Eccles, mat senge ville Bicher iwwert d'Gehir, a besonnesch säi leschte Buch, mat dem provokativen Titel: „Wie das Selbst sein Gehirn steuert".

Wat mer méi iwwert di wëssenschaftlech Recherchen informéiert ginn, wat mer méi mierken, wi verschidden hir Resultater a besonnesch hir Interpretatioune sinn. Dat ass och irgendwéi verständlech, wëll wiir alles eendeiteg a kloer an de Wëssenschaften, da kinnt et jo kee Fortschrëtt méi ginn.
An esou laang et Fortschrëtt gëtt, esou laang gëtt et kee wierklecht Wëssen.
Nun ass de Mensch awer vun Natur aus, op der Sich, nët nëmmen no Wëssenschaft, mee no wirklechem Wëssen, an dofir verléisst hien, bewosst oder onbewosst, ëmmer erëm den Domäin vun de Wëssenschaften.

Eng Quell fir esou grondlegend Wëssen ass a bleiwt ëmmer erëm dem *HERRGOTT SÄI WUERT*.

Aus him däerfe mer natierlech keng Wëssenschaft maachen, wéi dat am Ufank vun de Wëssenschaftsgeschicht allzeoft gemeet gouf, mat de Konsequenzen, déi mer kennen. Wëssen ass nët onbedingt Wëssenschaft, a Wëssenschaft ass nët onbedingt Wëssen. Nëmmen wa mer dësen Ennerscheed machen, da kënne mer och d'Verhältnis tëschen Wëssenschaft a Glaawen nei bedenken, ouni eng direkt géigensäiteg Vereinnahmung, oder eng direkt géigensäiteg Exklusioun.

"Wat ass also de Mensch?" Op dës Fro gëtt dem Hergott säi Wuert eis eng Entwert. De Bibeltext, deen ech elo jhust gelies hunn, - an deen d'Elisabet an d'Maria, als jüddesch Fraen ganz secher gutt kannt hunn, - weist drop hinn, dat de Mensch nët ouni den Herrgott ze denken ass.

De Mensch – Mann a Fra – ass nämlech een eemolegt Geschöpf vum dräifaltegen Herrgott höchstperséinlech. Dat rappt hien eraus aus all wëssenschaftlech Noutwegkeet an aus all Zoufallsketten. De Mensch als Geschöpf Gottes:
als Abbild, als Ebenbild Gottes, huet eppes vun deem Gescht, deen ni wert ganz durch Wëssenschaften ze erfasse sin.
Egaal wéivill Fortschrëtt d'Wëssenschaften och maachen, dat biblescht Wëssen ëm de Mensch ass a bleiwt ëmmer wouer: De Mensch – Geschöpf an Ebenbild vum liewegen Herrgott.

Kuckt, léif Leit, dës Wourecht mat all hire Konsequenzen ëmmer erëm, - an de Wëssenschaften, den Ideologien, den alldeeglechen Entscheedungen - an Erënnerung ze ruffen, dat ass eng wesentlech Aufgab vum Glaawen haut an eiser Zäit, eng Aufgab, där sech d'Kierch muss stellen, an déi si ni däerf faale loossen.

Am 19. Joerhonnert, hu schlau Denker gemengt, Interessantes ze soen, wann si de Satz aus der Bibel giffen ëmdréien. Nët de Mensch ass Ebenbild Gottes, mee

Gott wiir en Ebenbild vum Mënsch, Gott wiir e Bild, nëmmen e Bild, dat de Mensch sech giff maachen.

Secher ass de „nëmmen“ an dësem Satz ze vill, awer ganz Onrecht haaten dës modern Denker nët: mëcht de Mënsch sech nämlech e Bild vum Herrgott, dann ass ët, wëll hien schon ëmmer dëst Bild a sech dréit, hien deen als Ebenbild, als Abbild Gottes erschaafe gouf.

Dat klengt wéi ee Krees, aus deem een nët eraus kënnt.
Et ass awer nët en Deiwelskrees, e cercle vicieux,
mee ët ass e cercle fécond, eng Sorte *Glaawensspiral,* di eis zum wierkleche Wëssen ëm den Herrgott an ëm eis Mensche ka féieren.

Kucke mer op déi Biller, di de Mensch sech vum Herrgott gemeet huet, da gesi mer doran ëmmer och eppes vum liewegen Herrgott erem. Oder wéi ët esou flott op dem Pélé des jeunes gesoot gouf: de Mënsch ass dem Herrgott seng Home-page. Kuckt op de Mënsch, an dir gidd iwwert den Herrgott informéiert. Loost iech op dem Herrgott säi Wuert an, an dir gitt iwwert de Mënsch wesentleches gewuer.

Wi ech nach Student war, an de 70er Joeren, do war ët Mode ënnert de Philosophen, nët méi vum Herrgott ze schwätzen; Ideologiekritik ass gemeet ginn, Dekonstruktiounen, wéi dat genannt gouf. A-theist sinn, huet zum gudden Toun gehéiert. Haut stellen di meechte Philosophen an Denker fest, datt den Herrgott an d’Reliounen der Menschheet dach méi ze soen hunn, wéi dat nach virun 20, 30 Joër gemengt gouf.

Wéi am Oktober d’lescht Joër de weltberühmten, linksliberalen Sozialphilosoph Jürgen Habermas de Friddenspräis vum Däitsche Buchhandel kritt huet, dunn huet hien eng Ried gehaalen, firum Bundespräsident, dem Bundeskanzel an den 1000 Invitéen vum kulturellen a politeschen Establishment, déi de Leit den Otem verschloen huet, wëll si esou eppes vun him net erwaart haaten.

„Glauben und Wissen“ huet den Habermas ganz provokativ seng Ried iwwerschriwwen. A seng Thes:
dat, wat de biblesche Glaawe seet, kenne mer nët richteg erëm ginn, wa mer di reliéis Sprooch ewegloossen. D’Menschheet verléiert u Wëssen an u Sënn, wann si di reliéis Begrëffer versicht duerch weltlech Begrëffer ze ersetzen.

D’Sënd ass eppes aneschters wi einfach nëmme Schold,
an nom Habermas läit och an der Gottebenbildlechkeet vum Mensch vill méi wi am einfache weltleche Begrëff „menschliche Würde“.

Interessant ass, datt dës Analysen nët bei engem Theolog ze liesen sinn, mee bei engem Denker, deen sech selver als „reliéis onmusikalesch“ bezeechent. D'Menschheet huet nëmmen ze verléieren, wann si dat reliéist Wëssen opgëtt. An dofir muss ët erhaale bleiwen, an op kee Fall däerf dëst Wëssen an Privatsphäre verdrängt ginn, wi verschiddener dat gären giffe maachen, déi an hiren Iwwerleeungen nach nët beim Jürgen Habermas ukomm sinn.

Wat ass also de Mensch? ouni de Glaawen, ouni d'Bibel, d'Wuert Gottes, ouni d'Reliounen kënne mer keng valabel Entwert op dës wichteg Fro ginn.
Wëll wann an der Entwert nët zum Ausdrock kënnt, dat de Mensch iergendwéi eppes mat dem Herrgott ze dinn huet, dat de Mensch iergendwéi un den Herrgott reckgebonnen ass, dann ass dës Entwert op d'Fro nom Mensch ze kleng, ze falsch, an letztendlech ouni Wert fir eis Menschen. A mat esou wertlosen Entwerten, verléiert den Emgang mam Mensch selver u Wert, wéi di rezent Geschicht eis ët virun Ae stellt.

Drei grous Ideologioen haaten versicht am 20. Joerhonnert den Herrgott op der Säit ze loossen: ouni dem Herrgott säi Wuert wollten si soen, wat de Mënsch ass, an esou Gleck a Fridden opbauen; D'Resultat kenne mer. De Kommunismus an den Nazismus hunn aus dem 20. Joerhonnert eent vun deene mäerdereschsten, a menscheveruechtendsten aus der ganzer Geschicht gemeet. An och déi drëtt Ideologie, de liberale Konsumismus, deen am Mënsch wieder näicht erkennt, wéi e Konsument, ass wäit eweg dervun d'Mënschheet glecklech ze maachen.

“Was ist der Mensch?”
Ouni op den Herrgott ze lauschteren, kann dës Fro nët beentwert ginn. An ouni Entwert op dës Fro, gëtt sech de Mënsch och nët kloer, iwwert dat, wat säi wirklech Gleck ausmëcht.

Vu Maria gëtt eis gesoot, dat si hellhöreg war fir dem Herrgott säi Wuert. Esou hellhöreg, esou offen, dat si dat authentescht Bild vum Herrgott a sech erreescht huet, an datt si dësem authentesche Bild a Jesus d'Liewe geschenkt huet. Hien, dee bei der Erschaafung vum Mënsch derbäi war, esou wéi d'Skulptur zu Chartres ët bildlech opweist, hie gëtt Mënsch, fir de Mënsch nei Mënsch ginn ze loossen, fir de Mënsch als Mënsch ze retten, wéi mer theologesch soen. Esou ginn dann och di zwou éischter méi ongewinnten Uruffungen aus der Lauretanescher Litanei beliicht, wou ët heescht:
Maria, du Mutter des Schöpfers, Maria, du Mutter des Erlösers.

Merci Maria, fir däi Glaawen.
Du hues d'Bild vum Herrgott an dir nët verkommen gelooss an och nët vergiess.

Mee du hues him duerch däi voll a ganzt Jowuert Wirklechkeet ginn a Jesus Christus.

„Glecklech bass du, déis du gegleewt hues, dat sech dem Herrgott säi Wuert erfëllt.“ AMEN.

3. Predigt: Joh 1,35-39a: Die Berufung der ersten Jünger

Glauben heißt sich bei der Sinnsuche von Jesus begleiten lassen

Am Johannesevangelium liese mer:
„Am Tage darauf stand Johannes wieder am Jordan, und zwei seiner Jünger standen bei ihm. Als Jesus vorüberging, richtete Johannes seinen Blick auf ihn und sagte: Seht das Lamm Gottes! Die beiden Jünger hörten, was er sagte, und folgten Jesus. Jesus aber wandte sich um, und als er sah, dass sie ihm folgten, fragte er sie: Was wollt ihr? Sie sagten zu ihm: Rabbi – das heisst übersetzt: Meister - , wo wohnst du? Er antwortete ihnen: Kommt mit, und ihr werdet sehen!“ (Joh 1,35-39a)

Här Erzbeschof, léif geeschtlech Matbridder, léif Pilger, léif Leit, déi dir mat eis iwwer Radio verbonne sidd,

Während engem Openthalt am Spidol, hëllt de 95jähregen franséische Schrëftsteller Julien Green a sengem Journal, dee quasi dat ganzt 20.Joerhonnert reflecktéiert, folgend kuerz Episod fest:

Hien luch an engem Eenzelzëmmer, d’Infirmière haat d’Diir opstoe gelooss, an esou kumm een eeleren Här an d’Zëmmer eran, deen ganz duerchenaner gefroot huet: „Wou sinn ech – Wou ass mäin Zëmmer?“

Dës alldeeglech Szene aus Spideeler, Alten- a Pflegeheimer hëllt de Julien Green als Ausgangspunkt fir eng kuerz, awer pregnant Bemierkung iwwert d’Liewen ze machen. Hie schreiwt a säi Journal:
« Cela m’a paru terrible et prémonitoire de toute notre époque. »

D’Begéinung mat dem Patient, dee säi Zëmmer nët méi eremfënd, gëtt fir deen aalen Julien Green wéi e Bild vun eiser Zäit haut.

Wéivill Menschen gëtt et, di am Liewen dorëmmer laafen, an duerchenaner froen, wou si dann elo higehéieren, wou hirt Doheem ass, wou a wat hirt Ziel, de Sënn vun hirem Liewen ass !

De Julien Green schreiwt:
« Perte du sentiment de sa personnalité, chercher autour de soi sa chambre perdue, me fait songer au désir inconscient de retrouver la porte du paradis. »

De Sënn fir seng Personalitéit ass verluer gangen, ee grousse menschlechen Defizit, eng terribel Analys, de Mensch wees nët méi, wien hien ass, a wou hien higehéiert.

Ee Liichtbleck awer an dëser Däischtert : de Mënsch weess nach iergendwéi, datt hien anzwuersch hi gehéiert, e sicht nach no sengem verluerenen Zëmmer. An dëst Sichen deit de Julien Green mat der schéiner Expressioun:
« retrouver la porte du paradis ».

Nët « trouver », mee « retrouver », esou wi wa mer op der Sich wiiren, vun eppes, wat mer emol haaten, wouru mer eis erenneren kënnen, wat mer awer verluer hunn : d'Paradis.

Kuckt, léif Leit, dat ganzt Liewen ass wéi ee Sichen, ee Sichen no Gleck, no eppes wat eis erfëllt, wat eis Freed mëcht, wou mer e Sënn dra fannen, wou mer kënne rouen an doheem sinn.

All d'Striewe, a sief et och nach esou verkéiert a verwuerelt, ass ëmmer ee Sichen no Heemecht.

Den Evangelist Johannes, dee laang iwwert dat meditéiert, wat hie mat Jesus erliewt huet – ët war hien, deen d'Maria, d'Mamm vu Jesus, bei sech opgeholl haat – versteet et meechterhaft, d'Beruffungsszene vun den éischte Jünger an d'Liicht vum allgemengen Sichen – a Fannen ze stellen.

Di zwee Jünger lauschteren op hire Meechter, de Johannes den Deefer, an si gi Jesus no. Si wëllen mat him a Kontakt kommen, wëll si dem Johannes trauen : si gleewen him, datt Jesus, d'Lamm Gottes ass, Lamm Gottes, dat d'Sënd vun der Welt eweghëllt.

O jo, hei musse mer genau a richteg liesen : Et geet hei nët ëm dësen oder dee klengen oder groussen Fehler, deen entschellegt gëtt, mee ëm d'Sënd vun der Welt, an ët wiir gutt, wann eis Lëtzebuerger Iwwersetzung och d'Eenzahl giff gebrauchen :
d'Sënd vun der Welt, domat ass di absolut Trennung tëschen Gott a Mënsch gemengt, an et ass dës Trennung, déi Jesus – de Wieder vum Johannes dem Deefer no – eweghëllt.

Dee Ress, deen de Mënsch ëmmer erem erfiirt, wëll en an der Sënd liewt oder un der Sënd leit, u senger eegener oder u senge Matmensche hirer,
mat deem Ress, deem Grouw, där Mauer, egaal wéi ent Bild mer gebrauchen, geschitt elo eppes duerch Jesus, d'Lamm Gottes.

Dat huet de Johannes den Deefer eraahnt, an et ass dofir, wou hien als dee gréissten vun de Prophéiten bezeechent gëtt; d'Jünger vu Jesus awer maachen nach e Schratt méi wäit wi hien, si gi Jesus no, duerch d'Diir, an d'Himmelräich.

Hei musse mer kucken, genau, wéi den Evangelist Johannes eis dat opgeschriwwen huet:

Di zwee ginn hannert dem Jesus; de Jesus dréit sech ëm, a freet si,
di éischt Fro, déi Jesus stellt: „Wat siicht dir? Wat wëllt dir?"

Wat giffen mer Jesus entwerten, wann hien eis, jidderengem vun eis, di Fro giff stellen: "Wat sich's dë? wat wëlls de?"

Mir kinnten secher direkt eppes soen. De Mensch vun haut huet elauter Projeten, déi hie wëllt realiséieren.

A sengem Buch, wou e versicht d'Chrëchtentum ze laiziséieren, beschreiwt den Luc Ferry, esou schéin eis Zäit, di op der Sich ass: e lauter kleng Projeten hätte mer, di realiséiert kënne ginn, an déi dann erëm aner kleng Projeten erfirruffen. "E lauter kleng Sënner, ouni grousse Sënn," kinnt een d'Liewensgefill vum postmoderne Mënsch vun haut ëmschreiwen:

En Haus, e Partner, Kanner, eng Vakanz, een zweet Haus, en zweete Partner,
Oofhuelen oder Bäihuelen, je no Gesondheet,
Awer de Sënn vun deem Ganzen?

Di zwee Jünger am Evangelium haaten e gudde Meechter, de Johannes den Deefer: deen ass nët einfach bei deenen klenge Projeten stoe bliwwen, mee dee geet op d'Ganzt.

An esou sichen di zwee Jünger och eng Entwert, di op d'Ganzt geet:
wann se Jesus noginn, dann ass dat nët fir einfach nëmmen en Autogramme vum him ze kréien, och nët säi leschtent Buch, oder seng lescht CD, nee si wëllen wëssen:
« Rabbi, wou wunst du, wou bass du doheem? »

D'Entwert ass nët: An der rue Notre Dame, op Nummer esou an esouvill
Mee d'Entwert ass: „Kommt mat, an dir wert gesinn".

Fir ze wëssen, wou Jesus doheem ass, musse mer eis mat him op de Wee maachen, a mir werte gesinn, datt dëse Wee selver eist Doheem gëtt.

„Der Weg ist das Ziel“ ass ee Satz, deen viru kuerzem nach ganz inn war an spirituelle Mouvementer, déi aus dem Orient an eise Weste komm sinn.
Dëse Satz huet eppes richteges an eppes falsches u sech.

„Der Weg ist das Ziel“, ass secher da falsch, wa mer blannemännerchers einfach drop lass ginn, an Sënn vun „mir mussen Erfahrungen maachen“.
Erfahrungen ouni Kader brengen letztendlech näicht.

Et ass wéi an der Szene, déi de Julien Green a sengem Tagebuch beschriwwen huet: Ouni Kader, gëtt de Wee e Koschmar, ët wees een nët, wou ee wirklech doheem ass, ët gëtt engem, am duebelen Sënn vun Wuert, onheemlech:
Ouni Heem, fänkt een un, ët mat der Angscht ze dinn ze kréien.

„Der Weg ist das Ziel,“ ass awer da richteg, wa mer de Wee mat Jesus ginn. Wa Jesus eis de Kader stellt, fir de Wee ze maachen.

Nët allgemeng Offenheet mëcht de Mënsch räich un Erfahrungen.
Wann eppes no alle Säiten offen ass, dann ass ët letztendlech zou.
Erausfueren op d’offent Miir ass dovunn ee gud Beispill.

Wann ee laang genug gefouer ass, datt ee ronderemmer sech nëmmen nach Waasser gesäit, da kann een eng Zäit laang staunen, iwwerwältegt sinn, sech un de Welle freen. Mee all déi, déi eng Croisière maachen, wëssen: maar si mer erem u Land, an si waarden meechtens nët bis mar, fir sech an d’Schëff zereckzezéien, an um Baal oder un der Disco deelzehuelen, wëll Offenheet no alle Säiten hinn, ouni Ziel, ass op d’laang Weil langweileg, jo onheemlech.

Dat heescht nët, datt de Wee scho ganz vu sengem Ziel aus virausbestëmmt ass. Nee ët bleiwt ëmmer eng Spannung tëschen dem Wee an dem Zil.

Jesus seet nët zu de Jünger, wann si hie froen, wou hie wunnt:
„Kommt und seht,“ Kommt kucken, wéi ët oft falsch iwwersaat gëtt,
mee hie seet: „Kommt, und ihr werdet sehen.“ Et ass e Futur, deen Jesus hei gebraucht. Mir musse scho matgoen, a da wäerte mer gesinn.
D’Spannung tëschen dem Wee an dem Zil bleiwt oprecht erhaalen, bis een um Wee erausfënd: Ma Jesus selver ass de Wee an d’Zil.

Am Interview-Buch „Salz der Erde“ freet de Journalist Peter Seewald de Kardinol Joseph Ratzinger, wéivill Weer zum Herrgott ët da giffen am Ganze ginn.

De Peter Seewald schreiwt: „Ech wosst nët wat de Kardinol giff entwerten: hien hätt kinnte soen, een eenzegen, oder verschiddener.

De Kardinol huet sech nët laang Zäit gelooss fir ze entwerten:
Et gëtt esou vill Weer zum Herrgott, war seng Entwert, wéi ët Mënsche gëtt.“

Kuckt, léif Leit, Gleewen heescht de Wee mat Jesus goen. Op säin: Komm, a du wäers gesinn, positiv entwerten.

Dëse Wee steet nët vu virera fest. Et gët wirklech esou vill Weer wéi ët Mënsche gëtt, awer wa mer mat Jesus de Wee ginn, fir eist wirklecht Doheem ze fannen, da wäerte mer gesinn: mat Jesus si mer ëmmer schon doheem, egaal, wéi ee Wee mer och musse goen.
An deem Sënn huet déi orientalesch Orakelform: „der Weg ist das Ziel“ hier richteg Bedeitung.

Am Glaawen de Wee mat Jesus goen, léisst eis wëssen, „datt dem Herrgott säi Wuert sech och fir eis erfëllt“,
datt d’Diir vum Paradies erëm opgeet,
datt d’Sënd vun der Welt eweggeholl gëtt,
datt Trennung tëschen Gott a Menschen erëm opgehuewe gëtt,
datt mer nët méi mussen duerchenaner no eisem Zëmmer musse siche goen, wéi den Patient am Green sengem Spidolserliewnis, mee dat mer wëssen, wou mer hi gehéieren, wou eist wirklecht doheem, wou eist wirklecht Gleck ass.

Kuckt, léif Leit, ët ass mer opgefall, datt an der lauretanescher Litanei - déi ee nët genug kann meditéieren - hannert der Uruffung „du Pforte des Himmels“, direkt di aner steet: „du Morgenstern“.

Diir zum Paradies huet duerch hirt Jowuert, d’Maria gehollef opmaachen,
awer méi nach, si weist och, wéi de Stär um Himmel, d’Richtung, de Sënn un.
„Du Morgenstern“:
nët datt Maria eis de Wee virgeet, a mir briichten nëmmen, hir nozeahmen.
Nee, Chrëchten si keng Aafen, a jidderengem säi Wee ass ee ganz perséinleche, neie Wee zum Herrgott.

Awer op deem Wee, ass d’Maria, wéi de Stär, op dee mer kënne kucken, fir eis ze orientéieren, a si weist ëmmer op deen hinn, deem si d’Liewe geschenkt huet.

Helleg Maria, Mamm vu Jesus,
Wa mer op dech kucken, erennere mer eis un d’Diir vum Paradies.
Duerch däi Jowuert, kunnt Christus eis gebuere ginn, hien, de Wee, d’Wourecht an d’Liewen.
Däi Glaawen ass fir eis Orientierung, wa mer Sënn an eisem Liewe sichen.
Wëll däi Glaawen als Virbild, léisst och eis mat der Elisabeth erkennen:

Glécklech déi, déi gegleewt huet, datt sech dem Herrgott säi Wuert erfëllt.
AMEN.

4. Predigt: Lk 10: Das Gleichnis vom guten Samariter
Glauben heißt Danken - Eucharistie, Quelle und Mitte unseres Glaubens

Här Erzbeschof, léif geeschtlech Matbridder, léif Pilger, léif Leit, déi dir iwwer Radio mat eis verbonne sidd.

"Wat muss ech maachen, fir d'éiwescht Liewen ze kréien? Wat muss ech maachen, fir dat mäi Liewen nët am Näicht verschwënnt, mee dat ët ee Sënn, en Ziel huet? datt ët Erfëllung fënd?"
Dat ass d'Fro vum Schrëftgeléierten un de Jesus.

Keen Dommen, dësen Schrëftgeléierten, hie gëtt sech nët mat Niewesaachen oof, mee stellt, direkt riicht eraus, di wesentlech Fro:
de Sënn vun deem Ganzen? wat ass en, wéi kann ech en ereechen?

Et ass dës eng grondlegend Fro, esou wichteg, datt bestëmmten psychotherapeutesch Schoulen de Sënn, de Logos, an de Mëttelpunkt vun hirem heelende Schaafen recken: huet de Mensch de Logos nët fond, dat heelend Wuert, de Sënn, da feelt him eppes, fir wirklech glecklech ze ginn.

Secher de Mensch ka ganz gutt eng Zäit laang liewen, ouni d'Fro nom Sënn ze stellen. Hie kann si duerch Wëssen oder Spillen iwwertéinen, dës Fro nom Sënn. Kritesch a skeptesch kann hien sech verhaalen,
oder kabarettistesch an onserieus sech laanscht di grondlegend Froe schläichen, kuerz: sech duerch d'Liewen léien,
sech amuséieren, keng wesentlech Froe stellen, - divertissement, wi de Pascal dat nennt -, awer an all Liewen gëtt ët Momenter, wou dat alles nët méi duer geet, a wou d'Fro opkënnt: „a wat ass dann de Sënn vun deem Ganzen."

Op dës Fro, kréie mer duerch d'Iwwerleeung vum Schrëftgeléierten fir d'éischt eng allgemeng Entwert: de Sënn vun deem Ganzen ass ët, den Hergott an säi Nächste gären ze hunn.

Haalt iech un d'Geboter vum Herrgott, un d'Wuert Gottes,
an dir wert d'Liewen, Sënn an Heel fannen.

Esou wäit, esou gutt. Awer wéi kënne mer dës Geboter haalen?
„Wien ass mäin Nächsten, deen ech muss gären hunn?"
esou di zweet Fro vum Schrëftgeléierten.

Kuck, léif Leit, op dës Fro „Wien ass mäin Nächsten?“ gi mer normalerweis – mir sii jo gutt erzunn - di moralesch Entwert: „eisen Nächsten ass all Mensch, a besonnesch deen, deen eis Hëllef brauch.“

Also musse mer de Mënschen hëllefen, di an Nout sinn. An esou maachen mer eis op d’Sich nom Nächsten, fir ze hëllefen, fir Sënn ze fannen, bis mer am Helfersyndrom erstecken, ouni de Nächste wierklech gären ze hunn, an ouni wirklech de Sënn vum Liewen ze fannen.

„Wer ist mein Nächster?“

Fir an eis op dës Fro eng Entwert erfirzeruffen, erzielt Jesus dat berühmt Gleichnis vum Samariter.

Ee Mensch ass um Wee vu Jericho op Jerusalem vun de Reiber iwwerfall an hallef doud um Wee leie gelooss ginn:
De Wee vu Jericho op Jerusalem, ee géie Wee mat vill Kéieren, geféierlech fir all déi, déi eleng reesen. Symbol och fir de Liewenswee vun eis all, mir, déi vu Jericho, wuertwirtlech iwwersaat d’Stadt vum Mound, also aus der Däischtert eraus, eis op de Wee an d’Liicht wëlle maachen. Eleng werte mer dee Wee wuehl kaum packen. Ouni Hëllef, drecken dat Béist an dat Schlecht eis nidder. Mir denken hei onweigerlech un de Sündenfall.

Verwonnt vum Liewen, leie mer um Bord, hu keng Energie méi fir weider ze goen, an trotzdem si mer nët doud, mee warden op Hëllef, wi de Mann am Gleichnis.

E Priester kënnt laanscht..., e Levit kënnt laanscht...,
Awer eben nëmme laanscht, si bleiwen nët stoen, si maachen just *hir* Aufgab, um Helfersyndrom leiden si nët, dat as dat manst wat ee ka soen.

Am Priester an am Levit kënne mer all eis mënschlech Efforten erkennen, aus eis selver eraus de Wee an d’Liewen ze maachen. All Reliounen an all Moralen, déi mir Menschen opgebaut hunn, kënnen eis wuehl op dëst oder op dat opmierksam maachen, si si secher eng Hëllef um Liewenswee,
awer Heel, wirklech Heel, fir eis gefaalene Mënschen brengen si nët.
An ëmmer wa mer aus eisem Glaawen nëmmen eng Relioun, nëmmen e Ritus, nëmmen eng Moral, nëmmen eng Politik, nëmmen eng Dogmatik, nëmmen eng Exegese, wëlle maachen, da geet ët eis, wéi dem Priester an dem Levit am Gleichnis vu Jesus... mir ginn laanscht de Mënsch.

Wat feehlt also eis Mënschen, wat brauche mer?

Mir wësse, wéi d'Gleichnis ausgeet:
dee Frieme kënnt laanscht, de Samariter, an ët ass hien, deen Heel brengt.

Et gëtt eis vu Bibelwëssenschaftler gesoot, dat Jesus sech ëmmer selver a senge Gleichnisser erzielt. An esou wiir ët richteg, datt Jesus mat dem gudde Samariter sech selver mengt. Wéi de Samariter, kënnt och Jesus aus der Friemt, aus dem Himmel, aus där anerer Welt, fir eis Menschen ze retten.

Wann een dat esou seet, da klengt dat irgendwéi friem a falsch a modernen Oueren.
Wëll Himmel, retten, déi aner Welt ???
d'modern Welt mengt dat alles nët ze brauchen,
an esou ass si op sech selver gestallt, autonom, eng zoue Welt.

D'Kierch an de Glaawen, mussen dës zoue Welt opmaachen, dat ass eng vun deenen wichtegsten Aufgaben an der Welt vun haut.

D'Detailer vum Samariter-Gleichnis hunn di grouss Kierchenväter dann scho ganz fréi als Uspillungen u Jesus a seng Kierch gesinn:
- Wäin an Ulesch, deiten op d'Sakramenter vun der Kierch hinn,
- den Hotel, ass d'Kierch selver,
- di zwee Denaren, di de Samariter gëtt, ass dat aalt an dat neit Testament,
- dem Samariter säi Verspriechung, erem ze kommen, an nach méi ze ginn, wann ët nët soll duer goen, ass eng Uspillung nët nëmmen un di reliéis Erfahrung, di all Mensch ka perséinlech mat Jesus maachen, mee och nach un dee leschten Dag, wou Jesus mat senger ganzer Herrlechkeet wert eremkommen.
- an de gudde Samariter ass natierlech keen aneren wéi Jesus Christus selver.

A sengem emoleg ergräifende Kommentar vum Psalm 50, dem Misere, deen e kuerz viru senger Hiriichtung um Scheiterhaufen zu Florenz am Prisong geschriwwen huet, opschons en d'Féiss gefesselt an den Arm durch d'Folter verrenkt hat, bied de Savonarole zu Jesus, deem gudde Samariter: hie, Jesus Christus, soll kommen, en ophiewen, an an d'Herberg brengen, fir datt do no him gekuckt gëtt.

Et ass dëst, menges Wëssens, dee lëschten grousse Kommentar, deen am gudde Samariter Jesus erkennt, iert dann an der Moderne dës Gleichnis, wéi d'ailleurs dat ganzt Evangelium, eesäiteg moralistesch ausgeluecht gëtt.

Mir mussen dës moralistesch Astellung verloossen, an op d'Evangelium zereckkommen:
wëll dee vun de Reiber iwwerfaalene Mënsch, ass nët deen aneren,
mee ët si mir selver, jiddereen vun eis.

A gleewen, heescht, sech dirs bewosst ginn,
an zugläich och sech bewosst ginn, datt de gudde Samariter keen aneren ass wéi Jesus Christus höchstperséinlech:
eise Glaawe seet eis: jo, ët ass hien, deen eis ophiewt, deen eist d'Liewe rett, deen eis seng Guddheet ze spiere gëtt.

Kuckt, léif Leit, de chrëchtleche Glaawen ass also nët an éischter Stell dëst oder dat maachen, a sief ët dat Gudd, dat Schéint an dat Richtegt,
mee, mam Gleichnis vum gudde Samariter, léiert Jesus eis, d'Froen aneschters ze stellen:
de chrëchtleche Glaawen ass nët eng Moral, mee säin Ausgangspunkt läit bei der Fro: „Wiem hunn ech mäi Liewen ze verdanken?"
"Wiem kann ech merci soen, wie war an ass fir mech mäin Nächsten?"

Esou gi mer schon direkt vun Ufank uns op di aner verwissen, déi eis Guddes gemeet hunn, an déi e Merci verdingt hätten, eis Elteren, eis Famill, eis Frënn, an och méi wäit, all déi, déi dozou bäidroen, datt mer en éierbart Liewen liewe kënnen, och déi, déi sech fir Fridden am Land asetzen, déi, déi hirt Liewen fir d'Heemecht higinn hunn, ...
Wien ass mäin Nächsten? Wien kann ech MERCI soen?
léisst eis op si all kucken, déi zesummen op d'Guddheet vum Herrgott zu eis Mënschen verweisen.

Merci soen, heescht op griechesch "Eucharistie", an esou ass déi authentesch chrëchtlech Glaawenshaltung, nët an éischter Stell eng moralesch, mee ëmmer eng eucharistesch Haltung.

An der Eucharistiefeier, der Mass, gëtt eis an Erennerung geruff, wat Jesus alles fir eis gemaach huet. Him hu mer letztendlech ze verdanken, datt mer nët um Liewenswee leie bleiwen, an am Doud endegen, mee zum Glaawen, zum Heel a zum Gleck beruff sinn.

A wéi kënne mer him, Jesus, da MERCI soen? Wie kënne mer hien, eise Nächste gären hunn?
Géi, maach ët nämlecht wéi däi gudde Samariter:
Sief anerer Menschen och ee gudden Nächsten, wëlls du dir an Erennerung riffs, dats du selver ee gudde Nächsten hues, Jesus Christus.

Kuckt, léif Leit, direkt no dësem Gleichnis schreiwt de Lukas eis a sengem Evangelium dem Jesus säi Besuch bei Maria a Martha op.
Vill Tënten huet dës Geschicht fléisse gelooss, wëll ët schenkt, datt hei eng Ongerechtegkeet geschitt: Jesus ënnerstëtzt Maria, déi einfach do setzt an him

nolauschtert, éischter wéi Martha, déi an der Kichen beschäftegt ass a fir Jesus a seng Jünger suergt.

Mat Maria a Martha ginn zwou gondlegend Haltungen vum chrëchtleche Glaawen beschriwwen: Action et contemplation, Sech un dee gudden Nächsten erenneren, a selver wéi dee gudde Nächsten handelen.
Zwou Haltungen, déi nët, wéi ët oft gemeet gëtt, eng géint déi aner kënnen ausgespillt ginn, mee déi enk matenaner verbonnen sinn.

Wa mer eis d'Fensteren hei am Chouer vun der Kathedral ukucken, da gesi mer och Szene oofgebild, wou Jesus bei Maria a Martha op Besuch ass.

De Prof. Norbert Thill huet dës Fensteren an allen Detailen meechterhaft photographéiert an an der Zeitschrëft „Heimat und Mission" veröffentlecht, an ët ass do, wou mer en nët onwichtegen Detail opgefall ass:

Wann ee genau kuckt, da fällt ët op, datt ënnert där Fra, déi bei Jesus setzt, nët Maria, mee Martha steet, an datt ënnert där Fra, déi mat der Schossel erakënnt, nët Marta, mee Maria steet.

Hätt de Kënschtler sech hei geiirt? Hàtt hien d'Nimm verwiesselt?

Dat ass wuehl kaum unzehuelen, wann ee wees, mat wéi enger Suergfalt dës schéi Fënsteren konzipéiert an ausgefouert goufen.

Et gëtt eis hei villméi eng wesentlech Dimensioun vum chrëchtleche Glaawen gewissen: Et ass déi eucharistesch Wandlung, déi eis hei erzielt gëtt:
Wa mer wirklech, wéi Maria, Jesus nolauschteren, da sti mer op, fir d'Dingschter ze leeschten, wéi Marta,
a wa mer wirklech deenen aneren Dingschter leeschten, wéi Martha,
da fanne mer och Zäit, wéi Maria, eis bei Jesus ze setzen, an op säi Wuert ze lauschteren.

Bei Jesus gëtt Maria Martha, a Martha gëtt Maria: di grouss eucharistesch Wandlung vun all denen, déi un hire gudde Samariter Jesus denken.

Déi aner Maria, d'Muttergottes, huet dës zwou Dimensiounen voll a ganz geliewt: meditativ, kontemplativ an engagéiert, aktiv; also dee wirkleche Glaawen.
An dofir kann och d'Elisabeth zu hier soen:
„Glécklech déi, déi gegleewt huet." AMEN.

5. Predigt: Mt, 6, 24: Gott oder dem Geld dienen
Glücklich, wer sich richtig entscheiden kann!

Am Matthäusevangelium liese mer:
Niemand kann zwei Herren dienen; er wird entweder den einen hassen und den anderen lieben, oder er wird zu dem einen halten und den andern verachten. Ihr könnt nicht beiden dienen, Gott und dem Geld.

Här Erzbeschof, léif geeschtlech Matbridder, léif Pilger, léif Leit, déi dir iwwer Radio mat eis verbonne sidd.

1. An deenen leschte Méint ass an eisem Land ee Wuert ganz inn: Chancegläichheet. Mir mussen all di nämlecht Chance hunn. An dat heescht, mir mussen alles dru setzen, fir datt d'Leit all, besonnesch och d'Kanner an d'Jugend, egaal wéi verschidden si nun emol sinn, di nämlecht Chancen kréien. Dës Chancegläichheet soll anscheinend en Ideal sinn, fir eng modern Gesellschaft am zukünftegen Europa.

Wann een nun awer iwwert d'Wuert Chancegläichheet nodenkt, da stellt ee séier fest: datt Wuert selver ass am Fong ee Paradox.
Wann ët nämlech eppes an eiser menschlecher Welt gëtt, wat nët gläich ass, dann ass ët ganz secher d'Chance. Jo, d'Wuert Chance selver gëtt zuguer extra gebraucht, fir dat ze bezeechnen, wat eben nët gläich ass, wat eben nët jiddereen huet: Do haas du awer Chance, soe mer, wann engem eppes passéiert ass, dat eben nët dat war, wat jidderengem hätt gläich kinnte passéieren.

Wann elo e politeschen, gesellschaftlechen oder och reliéisen Projet dara besteet, d'Chance gläich ze maachen, wat ëmmer dat och soll heeschen, da musse mer eis op manst e puer méi kritesch Froen stellen.

2. Wéi all Moud, ass och dës Gläichheetsideologie am Fong nët ganz nei. Gläichheet war laang Joeren an eiser westlecher Moderne en zentralt Wuert, an huet eng ganz Reih vun Energien, gudder a béiser, mobiliséiert.

Secher sinn duerch de Gedanken vun der Gläichheet virum Gesetz vill Ongerechtegkeeten aus der Welt geschaaf ginn, a mir wëllen dës Gläichheet nët mëssen, och dann nët, wann een ëmmer erem mierkt, datt dës Gläichheet nët vollkommen ass, an och ni vollkomme wäert ginn.

Op där anerer Säit awer, huet d'Gläichheet och gewalttäteg Ideologien, besonnesch am 20. Joerhonnert, erfirbruecht. Denke mer un de Kommunismus, wou d'Menschen all gläich sollte ginn: mir wëssen, wat fir menscheveruechtend Diktaturen mat esou Virstellungen entstane sinn.
Awer och di aner Ideologie aus dem 20. Joerhonnert, den Nazismus, wollt Gläichheet, nëmmen eng Identitéit. Alles, wat aneschters ass, wat friem ass, dat passt nët eran, dat ass nët gläich a muss verschwannen. Leider hunn dës Ideologien nach nët ausgedingt, wéi och ënnert anerem déi rezent Wahlen an eisem Nopeschland bewissen hunn.

Aus dem 20. Joerhonnert ass dann nach eng 3. Gläichheetsideologie eriwwer an dat neit Joerhonnert gerett ginn, déi iergendwéi salonfäheg ze si schenkt: ët ass de liberale Konsummismus.

Mir sollen all gläich ginn am Konsum, an dofir musse mer all, - eenzel, individuell - an de wirtschaftleche System agebonne ginn: grouss a kleng, Mann a Fra, Jonk an aal: wëll d'Economie eleng kann d'Identitéit vun der zukünfteger Menschheet ausmachen.

Konsumonfäheg Menschen - egaal aus wéi engem Gronn – wäerten an der zukünfteger Gesellschaft keng Chance méi hunn, si hunn hir Chancegläichheet eben verpasst, an domatter hirt Menschsinn an der neier Welt.

Hannert dësen Gläichheetsideologien läit am Fong ëmmer di nämlecht Philosophie: mir wëllen näicht Neies hunn, mir wëllen näicht aneschteres hunn, mir wëllen nëmmen nach gläiches, alles muss genormt ginn:
vun den Äppel, déi an Europa däerfe verkaaft ginn, bis hinn zu de Menschen, di an Europa nach Recht hunn op d'Welt ze kommen oder op der Welt weiderzeliewen.

All pluralistesch ausgeriichten Ethikskommissiounen täuschen nët doriwwer eweg, mee bestätegen éischter, datt nëmmen nach *eng* reléis Sekt wirklech serieus gehollt gëtt: nämlech d'Economie, wi de Pascal Bruckner ët treffend an sengem leschten Essai „Misère de la prospérité" opweist.

D'ailleurs gewollt oder nët, zur Economiesrelioun muss nun emol jidderee gehéieren, an d'Politik, déi mengt nach eppes ze soen ze hunn, seet oft nëmmen nach dat, wat dës grouss, einflussräich reléis Sekt: d'Economie, hier diktéiert. Och wann hir Prophéiten sech wéi all Sekteführer ëmmer erem fatzeg iiren, gëtt hinnen dach, grad esou wéi deenen anere Sekteführer, ëmmer erem trei nogelauschtert.

Esou kinnt een op manst mengen, wann een kuckt, wat dann elo an eise Gesellschaften sech duerchsetze kann.

3. Dat rezent Schlagwuert „Chancegläichheet“ ass e Paradebeispill vun wirtschaftleche Pietismus.

Nodeems mer eis un de Pisa Schock gewinnt hunn – dag fir dag gëtt versicht hir Resultater an de Jugendsendungen vun eiser Lëtzebuerger Televisioun ze bestätegen – musse mer eis elo mat engem anerer Schock ausenanersetzen.

Mat Erschrecken stelle mer hei zu Lëtzebuerg, europäisch gesinn, fest, wéi hannendra mer sinn: hei bei eis ginn eréischt 50 Prozent vun de Fraen schaffen, opschons eisen Chomage taux immens kleng ass.

D’Wirtschaft – di nei Sekt – verlaangt, esou heescht ët, dass dat sech ënnert, wann alles soll esou weider goen, wéi bis elo.
A vue datt d’Aussoen vun der Economie, wéi reliéis Dogmen, kaum a Fro gestallt ginn, muss dann elo alles dru gesaat ginn – égalité oblige – esou vill Frae wéi méiglech an den economesch reguléierten Aarbechtsprozess anzebannen.

4. Et hätt een sech kinnten en anere Szenario virgestellen:
e klengt, räicht Land wéi Lëtzebuerg hätt kinnten an Europa weisen:
Kuckt, mir lee de Wert, nët op d’Gläichheet, mee op Differenzen,
an dat ass eise wirkleche Räichtum.
Ennerscheeder maachen muss nämlech nët direkt heeschen:
op enger Skala moossen, an dann andeelen, a méi an a manner.

Ennerscheder als Ennerscheeder respektéieren, an unhuelen, een anere Projet, dee vläicht villméi produktiv gëtt, wéi alles no der Chancegläichheet ausriichten.

Mir kinnte weisen:
bei eis gëtt nët jiddereen einfach gläich behandelt. Mir kënne eis ët schon erlaaben, d’Differenzen ze uechten.
Mir kënnen eis ët erlaaben, zum Beispill, datt EEN an der Famill doheem däerf bleiwen, fir sech aneschters wéi am bezueltenen Aarbechtsprozess ëm alles ze bekëmmeren, sief ët d’Mamm oder de Papp, mee op alle Fall, dee beschten a kompetentsten, fir déi wichteg Aarbecht, déi nun emol d’Aarbecht un der Famill ass. Si eleng op Hausaarbecht an Erziehungsarbecht ze reduzéieren ass falsch. Och vill sozial Aarbecht, Dingscht um kranken oder eelere Membere vun der Famill gehéiert an dës Tâche eran, och déi psychologesch Betreiung, d’Vereins- an d’Parliewen, an och dee kulturellen Engagement am Duerf- oder Quartiersliewen.

Houfreg kinnte mer sinn, op dëst alternativt Modell hinzeweisen, anstatt, datt mer eis ze schummen schengen, a bedaueren, datt mir nët och schon der allgemenger Gläichheetsideologie vun der Wirtschaft verfall sinn, wou alles no der objektiver Quantitéit verrechnet gëtt, bis an d'Minuten eran, déi een däerf huelen, fir enger kranker Persoun eng Piqure ze maachen, oder ee soin.

An der Economie ass Verrechnen vun all Minute normal, Zäit ass Geld fir den economeschen Aarbechtsprozess. Wat awer nët normal ass, dat ass, datt op emol - mir näicht dir näicht - à la suite vun enger nët justifizéierter Gläichheetsideologie, alles misst – sektenaarteg - vereconomiséiert ginn.

Nëmmen nach verrechnen, fir vill ze verdingen, ëmmer méi, fir ëmmer méi kënnen ze kaafen, an esou ëmmer méi kënne ze produzéieren. En Deiwelskrees, deen, wéi d'Economisten an Zesummenaarbecht mat den Psychologen a Soziologen, an deene leschten Joeren am Gang sinn selver erauszefannen, en Deiwelskrees, deen d'Menschen nët onbedingt méi glecklech an zefridde mëcht.

5.
Secher een Aarmen, dee méi räich gëtt, gëtt och méi glecklech an zefridden; an dofir misste mer alles dru sezten, fir d'Armut aus der Welt ze schaffen. Di jetzeg Intitiativen – och déi vun der Chancegläichheet – schengen awer nët an déi Richtung ze goen. Et gëtt éischter dru geschaaft, datt déi, déi vill hunn, nach méi solle kréien, oder op manst hiren Niveau solle behaalen.
Vun Deelen, oder neie Weer fir ze kucken, datt an eiser Welt jiddereen e menschewierdegt Liewe kinnt leiwen, geet nët esou vill Rieds.
Wien interesséiert nach Afrika, zum Beispill? All Kéiers wann eis Missionaren heem kommen, kloen si, datt d'Leit doënnen vu Mount zu Mount méi aarm ginn. Mondialisatioun an d'Chancegläichheet schenkt deenen Aarmen doennen nët méi ze brengen, wéi deenen aarmen hei. De Räichtum bleiwt an den Hänn vun enger Elite, weltwäit.

Et ass nun awer och vun den Economisten festgestallt ginn, an Zesumenaarbecht mat den Psychologen an de Soziologen, datt ee räichen, dee nach vill méi räich gëtt, nët vill méi glecklech gëtt, éischter de Contraire, hie verléiert nët selten u Gleck.

Vläicht wëll d'Geld an de materielle Räichtum ëmmer nëmmen ee Mëttel sinn, ni awer d'Roll vum Zweck kënnen iwwerhuelen.

Vläicht, wëll de Mensch eben nët gläich ass, an och guer nët gläich wëllt ginn, mee als Persoun wëllt unerkannt sinn, an senger Differenz an Eegestännegkeet, a Solidaritéit zesummen mat deenen aneren!

Vläicht, wëll dat lescht Wuert nët ass, aus Frae Männer an aus Männer Frae maachen, alles enges, als geeegent Funktiounen vum wirtschaftleche System?

Vläicht, wëll de Mensch gemierkt huet: ech si méi si eng Konsumm-machine, ech si wirklech Ebenbild Gottes, an den Herrgott ass nun emol nët gläich, nët identesch, mee eben, wéi eis kathoulesch Dogmatik ët richteg léiert: dräifalteg?

Eng Wourecht, déi am allgemenge Gläichheetswahn zuguer vun Theologen a Fro gestallt gëtt.

Vläicht, wëll de Mensch – Fra a Mann – erahnen, datt dat wirklech Gleck, eppes mat deem ze dinn huet, wat d'Elisabet iwwert d'Muttergottes seet.
„Glecklech ass nët deen, deen dem Geld déi éischte Platz gëtt,
mee wirklech glecklech ass deen, deen gleewt, dat sech d'Wuert vum Herrgott sech erfëllt."

6. Kuckt, léif Leit, Jesus léisst eis dat kloer gesinn, an ët ass nët fir näicht, datt hien eis, schwarz-wäiss, ouni vill Nuäncen, einfach virun d'Wahl stellt:
Gott oder Geld?
Wiem gëss du déi éischte Platz?

Keng aner Alternativ ass esou kloer formuléiert am Evangelium wéi dës:
Gott oder Geld. An den authentesche Glaawen ass un de Choix tëschen deenen zwee gebonnen.

De bon compte ne font pas encore de bon amis.

Wat fir eis Mënsche wichteg ass, dat sinn eben nët nëmmen gutt Compten a Chancegläicheet, mee virun allen Respekt, Solidaritéit, Akzeptanz vun den legitimen Differenzen, an dofir och fir dee klengen a schwaachen eng aner Suerg wéi fir dee staarken, deen eleng eens gëtt.

Wann d'Geld déi éischte Platz huet, da verschwënnt de Mensch iwwer kuerz oder laang a senger authentescher Differenz, als Mann an als Fra, als Ebenbild Gottes, da gëtt nëmmen nach gerechent, an all Differenz ass e méi oder e manner. De Mënsch gëtt nët méi verstanen als dat wat en ass, mee einfach nëmmen als Konsummaschin an engem wirtschaftleche System.

Wann d'Geld déi éischte Platz kritt, dann ass ët eriwwer mat der Rücksicht a mam Respekt, dann zielt nëmmen nach eent, an dat ass de Profit an eben d'Geld.
Oui, les bons comptes ne font pas encore de bons amis.

Wann awer den dräifaltegen Herrgott déi éischte Platz kritt, da kënne mer Ennerscheeder unhuelen, ouni direkt ze rechnen a vu méi oder manner ze schwätzen. Gott Vater ass nët méi an nët manner wéi Gott Sohn, oder Gott Hellege Geescht, an dach sinn si grondverschidden ee vun deem aneren.
Dat ass eng Logik, déi nët zum Geld passt, déi awer onbedingt muss ënnert de Mënschen verstane ginn, wa soll Fridden a Gerechtegkeet entstoen, besonnesch tësche Länner, déi verschidde sinn, an déi sech reliéis, kulturell a politesch nët vill ze soen hunn.

Virum Herrgott si mer nët allerguerten gläich, einfach nëmmen eng Nummer, mee jiddereen huet säi Numm, seng Eegestännegkeet, seng Eemolegkeet, déi den Herrgott selver geschaafen huet, a respektéiert.

Gott oder Geld. Wiem gëss du di éischte Platz?

Jesus rifft eis op, fir eis ze entscheeden. Firwaat dann nët op eist Beispill am Glaawe kucken, op Maria, wéi si sech entscheed huet?

8. Maria, Muttergottes, du hues am Magnificat kloer gesinn:
nët d'Chancegläichheet huet dech zum Gleck geféiert,
mee deng Offenheet fir dem Herrgott säi Wuert.
An dës Offenheet huet dir gewissen:
ët bleiwt nët alles gläich, am Géigendeel:
déi Mächteg hei, déi hir Muecht opbauen op Geld an Ongerechtegkeet,
déi faale beim Herrgott vum Troun a ginn heem gescheckt mat eidelen Hänn,
déi kleng awer, déi hirt Vertrauen an den Herrgott setzen, ginn héich gestallt a kréien dat mat op de Wee, wat se fir ze liewe brauchen.

Glecklech bass du, wëlls du dem Herrgott gegleewt hues,
datt sech säi Wuert erfëllt. AMEN.

6. Predigt: Lk 11, 27-28 Zweierlei Seligpreisungen
Nicht die gute Gesundheit ist des Menschen Glück, sondern der Glaube an Gottes Gute Wort

Während Jesus redete, rief eine Frau aus der Menge ihm zu: Selig die Frau, deren Leib dich getragen und deren Brust dich genährt hat.
Jesus aber erwiederte: Selig sind die, die das Wort Gottes hören und es befolgen.

Här Erzbeschof, léif geeschtlech Matbridder,
léif krank Leit, an dir all, déi dir eis Krank begleet,

dëse Rendez-vous an der Kathedral huet eis Muttergottes ganz besonnesch gäer.
Iwwerall do, wou si veréiert gëtt, iwwerall do, wou si erschienen ass,
steet ëmmer och dee kranken a noutleidende Mënsch am Mëttelpunkt.

An hei mëcht eis Muttergottesoktav keng Ausnahm.

Mir erenneren eis, datt si agefouert gouf an Zäiten, wou eist Land, der Krankheet an dem Misär nët Meechter ginn ass: Kriech, Honger an déi schrecklech Peschtepidemien hunn d'Mënschen baal verzweifele gedoen,
Et war an dës Zäit eran, wou d'Muttergottes sech als Tréischterin am Leed gewissen huet, an zenter hir huet si nët opgehaalen, ëmmer erëm all deenen, déi sech un si wenden Trouscht ze spenden.

D'Kranksinn gesäit secher haut äusserlech gesinn aneschters aus wéi fréier.
Eng laang a gutt kierchlech Traditioun an der Krankepfleg huet ët mat sech bruecht, datt deem kranke Mënsch haut besser a méi efficace ka gehollef ginn, wéi dat fréier de Fall war, an trotzdem ass a bleiwt Krankheet en Zoustand, deen oft nët liicht ze erdroen ass, an deen ëmmer erem op d'Matgefill an Trouscht, op e gutt Wuert, e léiwe Geste, eng frëndlech Hëllef ugewissen ass.
An dofir free mer eis iwwert all déi Leit, Haaptamtlech a Benevolen, déi sech hir ginn, fir sech ëm déi krank ze bekëmmeren, esou wéi och elo hei de mëtteg an der Kathedral. Si hunn eis Unerkenneung an eise Merci verdingt.

Trotz allen Efforten ass ët de Mënschen awer nët gelongen d'Krankheet aus der Welt ze schaafen. Wa fir eng Krankheet en Heelmëttel fond gouf, mëllt sech schon direkt eng aner un, esou datt d'Kranksinn, iergendwéi och zum Mënschsinn gehéiert.

Vläicht ass ët dofir, wou de Jesus der Fra aus dem Vollek eng kloer Entwert.

Si war beandrockt iwwert d'Vitalitéit an d'Ried vu Jesus, an si mengt:
„glecklech ass déi Fra, déi dech op d'Welt gesaat huet, an dech geniert huet."

Wann alles riicht leeft, engem alles liicht vun Hand geet,
wann ee gesond, räich an zefridden ass,
da kinnt ee mengen: ët hätt een alles ereescht, ët wiir ee glecklech.
An Emfroen stinn oft d'Geld an eng gudd Gesondheet un éischter Platz, fir d'Glecksgefill auszedrecken.

Jesus schengt dat nët esou ze gesinn. Hien setzt Gleck anzwuer aneschters un:

Wat hëlleft engem Geld a Räichtum, heescht ët, wann een d'Gesondheet nët huet. Wann ee krank ass, da wees een dat ganz genau. Awer dëse richtege Satz féiert d'Evangelium wieder:

wat hëlleft engem eng gutt Gesondheet, wann een u senger Séil Schued erleid.

Kuckt, léif Leit, am Evangelium, dat mer elo grad héieren hunn, seet Jesus eis, waat dat wirklech Gleck ausmëcht:
ët ass nët Geld, ët ass nët Gesondheet, ët ass nët eng gutt Famill, wou alles an der Reih ass,

Nee, Jesus seet eis:
„Glecklech sinn déi, déi op d'Wuert vum Herrgott lauschteren an ët befollegen."

An deem Sënn ass Maria, d'Mamm vu Jesus, eng wirklech glecklech Persoun. Egaal wat an hirem Liewe geschitt ass, si huet ëmmer gegleewt, datt sech dem Herrgott säi Gutt Wuert erfëllt.

Mir wëssen, datt si ët nët ëmmer liicht haat an hirem Liewen:
no deem freedege Jowuert zum Jesuskand, huet si scho kuerz no der Gebuert misste mat der Famill flüchten.
Si huet de jonke Jesus nët richteg verstanen: Wat muss si sech Suerge gemaach hunn, wéi si Jesus zu Jerusalem verluer haaten!

a spéider, wéi Jesus vum Herrgott esou ganz Neies a Guddes gesoot huet, datt d'Leit gemengt hunn, hie wiir geckeg, wat muss hir dat wéi gedoen hunn!

an henno wéi si de Leidenswee vun hirem Jong mat gangen ass, beim Kräiz stung a mat kritt huet, wéi ee schrecklechen Doud hirt Kand gestuerwen ass…!

Dat alles si schwéier Momenter, an dach heescht ët - an dat bleiwt iwwert alles eweg wouer:
„Glecklech bass du, Maria!“ an d’Elisabet seet eis firwaat: „wëlls de gegleewt hues, datt sech dem Herrgott säi Wuert erfëllt!“

Dat wesentlecht fir d’Gleck schenkt also nët Räichtum, keng Schwieregkeeten, eng gud Gesondheet ze sinn:
mee dat wesentlecht fir d’Gleck ass d’Lauschteren op dem Herrgott säi Wuert, an säi Liewen dirno ausriichten, oder aneschters ausgedreckt:
dat wesentlecht ass eise Glaawen, eist Gottvertrauen, dat mer an der Hoffnung an an der Léift kënnen ausliewen, andeems mer un all Mënschen denken, déi och leiden, an si am Gebidd der Mutter Gottes, eiser Tréischterin uvertrauen.

Ech kann näicht méi maachen, nët méi liesen, mech nët méi konzentréieren, Musik lauschteren deet mer weih,
dann denke ech am Gebiet un all déi, déi ech kennen, a vertrauen si dem Herrgott senger Guddheet un. Dofir geet meng Gesondheet nach just duer.
Wieder vun engem kranke Mann.

Kuckt, léif krank Leit, ët bleiwen eis Mënschen ëmmer eng Reih vu Biller hänken.

Bei mir ass ët e Bild vun enger Fra, déi vum Fernseh interviewt gouf, no enger Pilgerfahrt op Lourdes. Si war gelähmt a krank, an huet missten am Zug fir heem op der Couchette leien. An de Journalist huet si gefroot, op ët dës Kéier fir d’éischt gewiirscht wiir, datt si mat op Lourdes war. D’Fra huet geentwert, ech sinn schon 30 Joër laang gelähmt, an ët ass och fir 30. Kéier dat ech mat op Lourdes fueren. Dorops de Journalist, e bessen pickeg : „an dir sidd nach ëmmer nët geheelt?“

An d’Fra huet mat deem ganze Gesiicht gestrahlt, - an ët ass dëst Gesiicht, wat mech beandrockt huet - an si huet geentwert:
„ma ech sinn dach geheelt, ech hunn elo erem d’Kraaft an Energie kritt, fir ee ganzt Joer meng Krankheet ze erdroen...“

A bee, léif krank Leit, ët gëtt Saachen an eisem Liewen an an eise Krankheeten, déi kënne mer änneren. Da solle mer ët och maachen.

Et gëtt aner Saachen an eisem Liewen, an an eise Krankheeten, déi kënne mer nët änneren. Mee eis selver kënne mer ëmmer ännere loossen, wa mer mat Maria, eiser Tréischterin am Leed, gleewen a vertrauen, datt och fir eis sech dem Herrgott säi Gutt Wuert erfëllt.

„Selig sind die, die das Wort Gottes hören und es befolgen.“
wi Maria eis ët virgeleiwt huet, si, eis Tréischterin am Leed. AMEN.

7. Predigt: Mk 2, 1-12: Die Heilung eines Gelähmten

Vier Männer eröffnen ihrem Kollegen den Weg zum wahren Glück – Aufgaben des Glaubens

H. Erzbeschof, léif Pilger, déi der haut den Owend hei un der Männerwallfahrt deelgeholl hutt.

Zwou Saachen beandrocke mech am Evangelium, dat mer elo grad héieren hunn:

- fir d’éischt emol de Glaawen vun dëse Männer, déi hire Kolleg bei Jesus brengen.

Si haate ganz secher schon esou munches fir hire Kolleg gemaach, di 4.
Awer keen huet bis elo gehollef: De Mann bleiwt gelähmt, un d’Bett gefesselt, an ët fällt och op, dat hien näicht seet: vläicht schwéier Suergen, eng Depressioun, de Courage verluer, kee Sënn méi am Liewen...

Eng gutt Nooricht: Jesus ass do. Si kenne Jesus, di 4.
Si wussten, Jesus huet scho ville Leit gehollef. Si haaten och gemierkt, datt Jesus ee ganz anere Bleck op de Mënsch werft, eng ganz aner Virstellung vum Gleck a vum Heel huet fir d’Mënschen, wéi dat, wat si bis elo geléiert a gewuer gi waren. Si haate Vertrauen an dëse Jesus, an esou zecken si nët, hire Kolleg dohinner ze schleefen.

Vläicht am duebele Sënn vum Wuert, schleefen. Si hunn hien dohinner op der Brëtsch gedroen, a vläicht och e bessen forçéiert: op e wëll oder nët, mir droen en elo bei Jesus, dee kann him hëllefen: dat war hir Hoffnung an hire Glaawen, dee Jesus jo och direkt unerkennt:
„Als er ihren Glauben sah,“ heescht ët am Evangelium.

Kuckt, ech wees nët, op der hei ënnert eis sinn, déi och den Owend esou hei op d’Männerwallfahrt matgeschleeft goufen. „Komm, géi emol mat,“
a vläicht hut Dir dann och gesoot „d’aillez alt“, a sidd matgangen.

Ech ka mech erenneren, datt ech och emol esou matgeholl gouf, op e reléist Treffen, eng Mariapolis vun der Fokularbewegung, déi Bewegung, déi Chiara Lubich gegrënnt huet, an déi Jesus a säi Wuert, d’Parole de Vie, an d’Mëtt setzt. Maria spillt an dëser Bewegung, grad esou wéi an alle neie Bewegungen an der Kierch, eng wichteg Roll: Si ass déi, déi virbildlech op

d'Wuert vum Herrgott gelauschtert huet, Dofir heeschen d'Treffen och Mariapolis, d'Stadt vu Maria, wëll op deenen Vakanz-Treffen ëmmer och, wéi Maria, op d'Wuert vum Herrgott gelauschtert gëtt.

A bee, ech sollt dann och deemols mat op d'Mariapolis goen. Fir d'éischt war ech nët ganz dovun ageholl a wollt meng Vaklanz aneschters verbrengen, wéi do eng Woch mat Leit zesummen ze sinn, wou Maria am Mëttelpunkt sollt stoen, Gebiet, Konferenzen, a gemeinsam Fräizäitaktivitéiten. Op Dränge vu menge Kollegen, sinn ech dunn iewer alt mat gangen: d'aillez alt.

An, o Wonner, ët war fir mech eng eemoleg Erfahrung vu deem, wat d'Kierch ass. Nach haut erenneren ech mech mat Freed, un dës Mariapolis zu Carlsbourg an der Belge, wou grouss a kleng, aal a jonk, Männer, Fraen a Kanner, gesonder a karnker, ganz Familljen, zesummen Vakanz gemeet hunn, sech am Glaawen ennerrichte gelooss hunn, zesummen gebied a gesongen hunn, matenaner geschwaat hunn, och iwwer Kierch a Glaawen.

Mënsche mathuelen bei Jesus, esou wéi di 4 Männer am Evangelium, ass dat nët ee vun deene schéinen Optreeg, dee mer als Chrëchten an der Kierch hunn?

Kuckt, haut gëtt oft vill gejéimert: wéi soll dat mat der Kierch hei zu Lëtzebuerg weidergoen?! D'Fro ass secher berechtegt. Nei Weer mussen entstoen, eng nei Begeeschterung, e neit Engagement, och nei Strukturen, ganz secher. Hei spillt eis Initiativ Kierch 2005 eng wichteg Roll. Interesant Texter si veröffentlecht gin - Dir musst se liesen - mee och elo, duerch d'Visiten vum H. Erzbeschof a senge Mataarbechter, am ganze Land, werten am Hierscht organisatoresch a strukturell Ännerungen gemeet ginn. Do sollt dir als Männer nët feehlen, mee wéi an der Vergangenheet och weiderhinn eng Hand mat upacken.

Awer ech sinn iwwerzeecht, datt Zukunft vun der Kierch zum gréissten Deel dovunner ofhänkt, op mer eis Famill, eis Kanner, eis Jugend, eis Bekannten, eis Kollegen, eis Noperen, mat bei Jesus huelen,

op mer aus eise Kierchen, eise Paaren, eise Parverbänn, eise Kléischter, eise chrëchtleche Veréiner ... Platzen maachen, wou d'Evangelium, d'Wuert Gottes am Mëttelpunkt steet, wou mer ët lauschteren an befollegen, wéi Maria.

Wéi de Popst Jean Paul II. besser gesinn huet, wéi schnell sech Westeuropa giff vum chrëchtleche Glaawen entfernen, dunn huet hien ugefangen vun enger Neievangelisatioun ze schwätzen.
Neievangeliséierung, Nët nei Moral, oder nei Werter,
nët nei Virschrëften, oder nei Gesetzer,

nee! d'Evangelium, di GUTT A FREEDEG NOORICHT muss nei verkënnegt ginn. An dofir muss, wéi eisen Erzbeschof ët esou richteg bei der Uleschweih dës Joer gesoot huet: Christus eise Referenzpunkt sinn.
Dat féiert mech zu engem zweeten Aspekt, dee mech am Evangelium vun haut esou beandrockt:
Wéi dee Gelähmten viru Jesus läit, freet Jesus nët, wéi gewéinlech:
„Wat hätts de gären?" Oder „Wat soll ech fir dech maachen?"
Nee, Jesus seet dee lapidaren Satz, deen à première vue näicht mat der ganzer Geschicht ze dinn huet: „Deng Sënde sinn der verzien."

Kuckt, dat as den Zentrum vun der ganzer Geschicht,
an ët ass zuguer den Zentrum vum ganzen Evangelium:
„Deng Sënde sinn der verzien."

D'däitscht Wuert „Sünde" huet eppes ze dinn mat dem Wuert „absondern", trennen... am Griecheschen huet ët de Sënn: „Säin Zil verpassen", nët u säin Zil u kommen.

Di gudd an di Freedeg Nooricht vu Jesus ass ët, ze behaapten:
„deng Sënde sin der verzeien."
„Et gëtt keng Trennung méi tëschen Dir a Gott, tëschen Diir an deenen aneren. Du brauchs nët méi ze mengen, du häss däin Zil verfeehlt, däi Liewe wiir sënnlos. Nee, du bass voll a ganz vum Herrgott ugeholl."

Wann dat nët eng gutt a befreiend Nooricht ass!!!!
Glecklech déi, déi se gleewen!

Awer kënne mer si och gleewen, dës gutt a befreiend Noriicht?

D'Schrëftgeléiert, déi aner Männer an dëser Geschicht, wëssen ët: esou eppes ass nët méiglech. Mir loossen eis nët duerch fromm a letztendelche domm Sprëch oofferdegen, „Deng Sënde sinn der verzien," wéi wann dat esou einfach giff goen! Nee, nët mat eis. Fakten, wann ech gelift, an nët fromm Sprëch...

Fakten?
Jesus gëtt Fakten: dee Gelähmten steet op, hëllt seng Brëtsch a geet heem.

Léif Pilger,
Fakten?

Mir musse léieren nei kucken, op eis Matmenschen, an och op eis kierchlech Gemeinschaften, fir esou d'Fakten ze gesinn:
Mir ënnerschätzen all ze liicht de Mënsch an d'Kierch.

- De Mënsch ass nämlech méi, wéi einfach nëmmen eng Konsum-machine, wéi allzeoft eis modern Welt e wëllt gesinn; de Mënsch ass Ebenbild Gottes, a Jesus huet ët eis erméiglecht, dëst Ebenbild erem fräi ze leen.
Eng vun de wesentlechen Aufgaben vun der Kierch ass ët, dës Wourecht ëmmer erem ze behaapten, an ze liewen.

Kuckt, léif Pilger, wéi ass ët an äre Gemeinschaften, do wou der liewt a gleewt, do wou der iech engagéiert, vläicht dësen oder deen Dingscht leescht:
sinn dës Gemeinschaften wierklech esou schlecht, wéi dat ëmmer erem vu verschiddene Säiten behaapt gëtt?
Wat ech d'Kierch méi kennen, wat ech méi staunen, iwwert alles, wat do geschitt u Guddem, Schéinen, a Richtegem, wat nët un grouss Klack gehange gëtt, mee wat ët wierklech gëtt. Ech denken un déi onzielech Dingschter, déi an der Kierch geleescht ginn, vum Gesank, iwwert d'Kierchefabrik, eriwwer an d'Vereiner, de Gottesdingscht, di konkret Hëllef. Wéivill Phantasie a gudde Wëllen ginn hei opgewandt...

Secher ët ass nët perfekt, Perfektioun gëtt ët nierends ënnert eis Mënschen, awer dat wat eis Jesus duerch seng Kierch an déi Leit, déi un hie gleewen, bidd, doriwwer sinn ech houfreg, an ech soen dem Herrgott MERCI.

Fakten si gefroot?
Ma dat si Fakten, op déi mer mussen hiweisen. Eis Bilanen nët méi schlecht maachen, wéi se sinn....

Zënter dem Glaawen vu Maria, déi gegleewt huet, datt sech dem Herrgoptt säi Wuert erfëllt, ass ët nët méi onméiglech ze gleewen. Am Géigendeel:
Den Daach ass oofgedeckt, fir eis an eise Lähmungen viru Jesus ze brengen.
Mir Mënsche sinn zu méi beruff, wéi gelähmt um Bett vun eise virgefasstenen Meenungen ze leien an eis do vun allerwelts Weisheeten servéieren ze loossen.
Nee zu eis gëtt gesoot, an d'Fest vun der Tréischterin rifft ët eis an Erennerung:
Kuck, deng Mamm! Kuck de Glaawe vu Maria, looss dech un deem Glaawen stärken,
„Steh auf, nimm deine Tragbare und geh nach Hause."

Kuckt, léif Pilger,
wa mer haut an eiser Welt esou schwéier ass, en éierbaren Dialog ze féieren,
wa mer nët méi wëssen, wat richteg a wat falsch ass,
wa mer Kricher guddheeschen, fir Gewalt an Terror wëllen ze bremsen,
jo wa mer einfach zoulossen, datt ronderemmer eis, op der Aarbecht, an der Famill, an de Vereiner, an eise Paaren, Saache gedréint ginn, déi nët an der Reih sinn,

ass dat nët, wëll mer ze kleng vum Mënsch denken, ze vill kleng vun eis a vun deenen aneren???
ass dat nët, wëll mer nët wirklech gleewen, datt sech dem Herrgott säi Gutt Wuert fir eis all erfëllt???
Nei-Evangelisatioun. di gutt a freedeg Noricht nei soen.

Kuckt, ët muss eis dach wéi dinn, wa mer gesinn, wéi Pappen mussen hir Kanner stierwe gesinn, wëll näicht do ass fir hinnen z'iessen ze ginn, wou mir dach wëssen, wéivill mir hei bei eis Dag fir Dag einfach eweggeheien.
Misst nët do emol eppes gestart ginn, eng grouss Aktioun am ganze Land, fir dorop méi konkret opmierksam ze maachen, an all Phantasie mobiliséieren, och déi politesch, fir eng Entwert op dës Schand vun der Menschheet ze fannen.
Wann Dir ët nët maacht, als kathoulesch Männer, wie soll dann dësen Optrag erleedegen?

Wéivill Leed gëtt ët och an eise materiell räiche Länner, wou mer alles hunn, jhust nët genug Léift, Versteesdemech, Gebuergenheet, Asaz,
eng Welt, wou mer dag fir dag héieren, dat Pappen musse mat ukucken, wéi hir Kanner an der Drogenszene ënnerginn, u Versoen an der Schoul leiden oder kee Sënn méi an hirem Liewe gesinn, an esou hirt an deenen aneren hirt Liewen op d'Spill setzen. - denke mer nëmmen un dat Schrecklecht, wat gëschter an Däitschland geschitt ass.

Et ass an dës Welt eran, wou mer mussen Zeie bleiwen vun eisem Glaawen, vum Glaawen vu Maria, déi gegleewt huet, datt sech dem Herrgott säi Gudd Wuert erfëllt.

Mëcht iech an, an äre Parverbänn, an der kathoulescher Männeraktioun, an de Vereiner, jo iwwerall, wou der eppes ze soen huet.
Mëcht iech an, mat ären Ideen, äre Virschléi, ärem Gebied.
D'Kierch an d'Gesellschaft brauch iech all.

Kuckt, léif Pilger, mir sinn elo hei virun der Tréischterin. Si huet duerch hirt Beispill an hirt Gebied, den Apostelen gehollef, an si ass och bereed eis alleguerten Beispill an Hëllef ze sinn.
Sidd nët wéi Schrëftgeléiert, déi dem Neie keng Chance wëlle ginn,
mee sidd éischter wéi di 4 am Evangelium, déi hire Kolleg bei Jesus brengen.
Gleewt un déi GUDD A FREEDEG NORIICHT, grad esou wéi Maria, d'Muttergottes ët gemeet huet.
Gleewt, datt dem Herrgott säi Gutt Wuert sech erfëllt, ëmmer dann, wa Mënschen ët ophuelen.
Loosse mer den Owend der Tréischterin am Leed nei verspriechen, dat Wuert dat si opgeholl huet, och opzehuelen.

A da wäert och zu iech, an äre Familjen gesoot kënne ginn, wéi zu Maria: „Glecklech bass du, wëlls de gegleewt hues, datt sech dem Herrgott säi Wuert erfëllt.“ AMEN.

8. Predigt: Joh 19, 25-27: Maria und Johannes beim Kreuz
„Frau, siehe, dein Sohn!“ Marias zweite Jawort

Beim Kreuze Jesu standen seine Mutter, die Schwester seiner Mutter, Maria, die Frau des Klopas, und Maria von Magdala. Als Jesus seine Mutter sah und bei ihr den Jünger, den er liebte, sagte er zu seiner Mutter: Frau, siehe, dein Sohn! Dann sagte er zu dem Jünger: Siehe, deine Mutter! Und von jener Stunde an nahm sie der Jünger zu sich. (Joh 19, 25-27)

„Frau, siehe deinen Sohn.“

Kuckt, léif Leit, dës Uried vu Jesus um Kräiz, kann, wi iwwerhaapt dat ganzt vun eisem chrëchtleche Glaawen, schockéieren, erausfuederen, an Erstaune setzen, zum Nodenke brengen...

„Fra, do ass däi Jong!“

Vum Kräiz eroof, nennt Jesus seng Mamm einfach Fra! wi schon deemols op der Hochzäit vu Kana, wou hien säint éischt Zeechen am öffentleche Liewe gemaach huet. Da klengt esou, wéi wa Jesus sech willt fräi maachen vu senger Mamm, si, déi hirt Jowuert ginn haut, fir seng Mamm ze ginn.

„Fra, do ass däi Jong!“
Et ass, wéi wann vum Kräiz eroof, si gefroot giff ginn, en 2. Jowuert ze ginn, nët méi nëmmen Mamm vu Jesus ze sinn, mee d’Mamm vum Johannes, an domatter vun all denen, déi op d’Wuert vum Herrgott lauschteren an ët befollegen.

Kuckt, léif Leit, hei beim Kräiz, der zentraler Platz vun der Erléisung, dem Baam vun der wirklecher Erkenntnis vu Gudd a Béis, de wirkleche Baam vum Liewen, bei dësem Bam, dem Kräiz, widderhëllt sech dat, wat beim Baam vum Paradies geschitt ass.

Deemols hat d’Schlang vum Baam eroof d’Menschheet verfouert, si hat ët ferdeg bruecht d’Vertrauen, de Glaawen, deen den Herrgott an d’Menschheet gesaat haat, ze zerstéieren.

„Nee,“ soot d’Schlaang deemols, „Gott huet iech nët gären, dir däerft him nët trauen, hie wëllt iech jhust kleng haalen, fir datt dir him nët gläich gitt. Iesst roueg vum Baam, respektéiert d’Wuert vum Herrgott nët, an dir wäert Grousses

erliewen: Iech werten d'Aen opgoen, an dir wert gesin, dir Menschen sidd grad esou vill wi hien, den Herrgott."

Mir wëssen, wéi dës Geschicht beim Baam vum Paradies ausgangen ass.
Adam an Eva hunn op d'Wuert vun der Schlang gelauschtert a ët befollegt. Esou hunn si d'Vertrauen, dat den Herrgott a si gesaat hat, gebrach, an hinnen sinn d'Aen opgangen, awer nët fir ze gesinn, datt si elo GOTT GLÄICH wiiren, wéi d'Schlang et versprach hat, mee fir ze mierken, wéi aarmeséileg de Mënsch ass, ouni d'Vertrauen vum Herrgott, ouni de Glaawen, an si kënnen näicht aneschters machen, wéi sech verstoppen, ee virun deem aneren, a virum Herrgott.

„Mensch, wou bass du?" muss den Herrgott ängstlech froen, betraff vun deem, wat de Mënsch a senger Fräiheet ka ferdeg brengen, wann e méi op d'Ligen vum Deiwel, wéi op d'Wourecht vum Herrgott lauschtert.

„Mensch, wou bass du ukomm?"

Trotz dem groussen Vertrauensbroch, léisst den Herrgott de Mensch nët faalen, mee setzt en aus dem Paradies eraus.

Dëst ass oft ugesi ginn wi eng Stroof. A Wirklechkeet awer ass ët eng Hëllef, e Schutz, wëll de Mensch ouni d'Vertrauen an ouni d'Léift zum Herrgott kann am Paradies nëmmen nach vum Baam vum Liewen iessen an esou den éiwegen Doud stierwen, eppes, wat den Herrgott a senger Guddheet dem Mensch erspuert.

E neie Wee, wou d'Vertrauen an d'Léift erem opgebaut kenne ginn, fänkt un, an dëse Wee féiert, a senger leschter Statioun, bei d'Kräiz vu Jesus.

Vum Kräiz eroof, deem neie Liewensbaam, schwätzt hei nët méi d'Schlang, mee den Herrgott selver: hie bidd op eneits vu sech aus dat un, wat de Mensch vu sech aus verpasst huet:
déi lieweg Verbindung, am Glaawen, am Vertrauen, mat him, dem Herrgott, deen eis versëchert, datt hien eis gären huet, an eis d'Liewe schenkt.
Wa mer him nëmmen nolauschteren, wa mer him Glaawen a Vertraue schenken...

„Kuck, däi Jong!" seet Jesus zu där Fra, di duerch en 1. Jowuert dem Herrgott säi Wuert an d'Welt komme gelooss huet, an déi elo, duerch een zweet Jowuert, d'Mamm vun alle Menschen soll ginn.

„Kuck, deng Mamm!“ seet Jesus zu deem Jünger, deen hie gären huet, a wien ass nët dee Mensch, deen den Herrgott gären hätt, hien, dee bis zum Doud um Kräiz gangen ass, fir eis Menschen dës Léift ze bezeien.

Wat duerch den Baam am Paradies hätt misste geschéien: den Doud vun der Menschheet, ass duerch de Bam vum Kräiz der Menschheet erspuert bliwwen.

Kuckt, léif Leit, dat ass di gudd a freedeg Nooricht ausgedreckt, mat deene Biller, di eis d’Helleg Schrëft zur Verfügung stellt.
Beim Baam vum Kräiz gëtt dat erem riicht gebéid, wat beim Baam vum Paradies kromm gelaaf ass.

D’Menschheet kritt an der Fra beim Kräiz eng Mamm, eng Hëllef, fir nei unzefänken, fir, wéi si, voll a ganz op d’Wuert , nët vun der Schlang, mee vum Herrgott ze vertrauen, an esou hirt wirklecht Gléck ze fannen.

An de Johannes hëllt si, stellvertriedend fir eis all, bei sech op, a seng Liewenswelt.

Beim Kräiz entsteet esou di nei Gemeinschaft, geheimnisvoll gegrënnt op d’Jowuert vu Maria, di akzeptéiert, dat se vun hirem Jong Fra genannt gëtt, an dat si esou nët nëmmen d’Mamm vu Jesus ass, mee zuguer Jesus lassléisst, fir voll a ganz d’Mamm vum Johannes, a vun eis all, ze ginn.

„Fra, do ass däi Jong!“

An d’Entwert vu Maria ass nët: Ma Jesus, du bass dach mäi Jong!
Nee, si ass nees eng Kéier: UNHUELEN, am Vertraue GLEWEN, datt sech d’Wuert vum Herrgott erfëllt.
An dofir kënne mer ma
„Glecklech déi, déi gegleewt huet...“

Beim Kreuze Jesu standen seine Mutter, die Schwester seiner Mutter, Maria, die Frau des Klopas, und Maria von Magdala. Als Jesus seine Mutter sah und bei ihr den Jünger, den er liebte, sagte er zu seiner Mutter: Frau, siehe, dein Sohn! Dann sagte er zu dem Jünger: Siehe, deine Mutter! Und von jener Stunde an nahm sie der Jünger zu sich. (Joh 19, 25-27)

„Frau, siehe deinen Sohn.“

Kuckt, léif Fraen a Mammen, léif geeschtlech Matbridder, léif Leit,
dës Uried vu Jesus um Kräiz, kann, wi iwwerhaapt dat ganzt vun eisem chrëchtleche Glaawen, schockéieren, erausfuederen, an Erstaune setzen, zum Nodenke brengen...

„Fra, do ass däi Jong!“

Vum Kräiz eroof, nennt Jesus seng Mamm einfach Fra! wi schon deemols op der Hochzäit vu Kana, wou hien säint éischt Zeechen am öffentleche Liewe gemaach huet. Da klengt esou, wéi wa Jesus sech willt fräi maachen vu senger Mamm, si, déi hirt Jowuert ginn haut, fir seng Mamm ze ginn.

„Fra, do ass däi Jong!“
Et ass, wéi wann vum Kräiz eroof, si gefroot giff ginn, en 2. Jowuert ze ginn, nët méi nëmmen Mamm vu Jesus ze sinn, mee d’Mamm vum Johannes, an domatter vun all denen, déi op d’Wuert vum Herrgott lauschteren an ët befollegen.

Hei beim Kräiz, der zentraler Platz vun der Erléisung, dem Baam vun der wirklecher Erkenntnis vu Gudd a Béis, de wirkleche Baam vum Liewen, bei dësem Bam, dem Kräiz, widderhëllt sech dat, wat beim Baam vum Paradies geschitt ass.

Deemols hat d’Schlang vum Baam eroof d’Menschheet verfouert, si hat ët ferdeg bruecht d’Vertrauen, de Glaawen, deen den Herrgott an d’Menschheet gesaat haat, ze zerstéieren.

„Nee,“ soot d’Schlaang deemols, „Gott huet iech nët gären, dir däerft him nët trauen, hie wëllt iech jhust kleng haalen, fir datt dir him nët gläich gitt. Iesst roueg vum Baam, respektéiert d’Wuert vum Herrgott nët, an dir wäert Grousses erliewen: Iech werten d’Aen opgoen, an dir wert gesin: dir Menschen sidd grad esou vill wi hien, den Herrgott.“

Mir wëssen, wéi dës Geschicht beim Baam vum Paradies ausgangen ass.
Adam an Eva hunn op d’Wuert vun der Schlang gelauschtert a ët befollegt. Esou hunn si d’Vertrauen, dat den Herrgott a si gesaat hat, gebrach, an hinnen sinn d’Aen opgangen, awer nët fir ze gesinn, datt si elo GOTT GLÄICH wiiren, wéi d’Schlang et versprach hat, mee fir ze mierken, wéi aarmeséileg de Mënsch ass, ouni d’Vertrauen vum Herrgott, wéi kleng de Mënsch ass, ouni de Glaawen, an si kënnen näicht aneschters machen, wéi sech verstoppen, ee virun deem aneren, a virum Herrgott.

„Mensch, wou bass du?“ muss den Herrgott ängstlech froen, betraff vun deem, wat de Mënsch a senger Fräiheet ka ferdeg brengen, wann e méi op d’Ligen vum Deiwel, wéi op d’Wourecht vum Herrgott lauschtert.

„Mensch, wou bass du ukomm?“

Trotz dem groussen Vertrauensbroch, léisst den Herrgott de Mensch nët faalen, mee setzt en aus dem Paradies eraus.
Dëst ass oft ugesi ginn wi eng Stroof.
A Wirklechkeet awer gëtt duerch dëst Erausgeheien aus dem Paradies, dem Mënsch eng zweet Chance ginn.
Giff en nämlech ouni d’Vertrauen an ouni d’Léift zum Herrgott am Paradies bleiwen, da giff en och nach vum Baam vum Liewen iessen, an esou den éiwegen Doud stierwen, eppes, wat den Herrgott a senger Guddheet dem Mensch erspuert.

E neie Wee, wou d’Vertrauen an d’Léift erem opgebaut kenne ginn, fänkt also ausserhalb vum Paradies elo un,
an dëse Wee féiert, a senger leschter Statioun, bei d’Kräiz vu Jesus.

Vum Kräiz eroof, deem neie Liewensbaam, schwätzt hei nët méi d’Schlang, mee den Herrgott selver: hie bidd op eneits vu sech aus dat un, wat de Mensch vu sech aus verpasst huet:
déi lieweg Verbindung, am Glaawen, am Vertrauen, mat him, dem Herrgott, deen eis versëchert, datt hien eis gären huet, an eis d’Liewe schenkt.

„Kuck, däi Jong!“ seet Jesus zu där Fra, di duerch en 1. Jowuert dem Herrgott säi Wuert an d’Welt komme gelooss huet, an déi elo, duerch een zweet Jowuert, d’Mamm vun alle Menschen soll ginn.

„Kuck, deng Mamm!“ seet Jesus zu deem Jünger, deen hie gären huet, a wien ass nët dee Mensch, deen den Herrgott gären hätt, hien, dee bis zum Doud um Kräiz gangen ass, fir eis Menschen dës Léift ze bezeien.

Wat duerch den Baam am Paradies hätt misste geschéien: den Doud vun der Menschheet, ass duerch de Bam vum Kräiz der Menschheet erspuert bliwwen.

Kuckt, léif Leit, dat ass di gudd a freedeg Nooricht:
Beim Baam vum Kräiz gëtt dat erem riicht gebéid, wat beim Baam vum Paradies kromm gelaaf ass.

D’Fra beim Kräiz hëllt dem Herrgott säi Wuert eecht, a befollegt ët: Si gëtt esou fir eis all eng Mamm, eng Hëllef, ee Virbild, fir grad esou wéi si nët méi der

Schlaang, mee dem Herrgott ze vertrauen, an esou nei unzefänken, wéi de Johannes.

Hien hëllt, stellvertriedend fir eis all, dem Herrgott säin Angebot vu Léift un, an Zeechen dovun ass, datt hien Maria bei sech, a seng Liewenswelt, ophëllt.

Beim Kräiz entsteet esou di nei Gemeinschaft, geheimnisvoll gegrënnt op d'Jowuert vu Maria, déi akzeptéiert, datt se vun hirem Jong Fra genannt gëtt, datt si esou Jesus ka lassloossen, fir voll a ganz d'Mamm vum Johannes, an esou vun der ganzer Mënschheet, vun eis all, ze ginn.

Léif Leit,
Vläicht freet deen een oder aneren, wat dës aal Geschichten mat eisem Liewen haut ze dinn hunn?

Fir d'éischt emol, si deelen eis eng Wourecht mat, déi iwwert d'Joerhonnerten erhaale bleiwt:
Maria, d'Muttergottes, gëtt ëmmer erëm hiert Jowuert, fir d'Mamm ze sinn, vun eis all.
Dat haaten deemols a schwéieren Zäiten d'Lëtzebuerger erkannt, wi si sech direkt u si gewandt hunn, fir se zur Patréinesch vun hirer Staat ze maachen.

Dat erfueren mir selver awer och ëmmer erëm.
Mir kënnen eis u Maria wenden, a si léisst eis am Glaawen nët faalen.

Si weist eis awer och drop hinn datt mer am Glaawen an am Liewen virum Herrgott nët eleng do stinn: Ech a mäi Gott,
nee d'Glaawensliewen ass ëmmer gedroen vun enger Gemeinschaft, déi mer d'Kierch nennen.

Mir maachen elo hei zu Lëtzebureg Efforten fir dës Gemeinschaft am Glaawen nei ze beliewen. 57 Parverbänn ginn am ganze Land opgebaut, fir déi Dimensioun vu Gemeinschaft, zesummen um Wee, besser kënnen ze ënnersträichen an ze liewen.

Kuckt, als Kierch hu mer eis zu Lëtzebuerg ronderemmer d'Muttergottes fond. Et kinnt een ët verkierzt ausdrecken: zenter där Zäit, wou d'Leit aus dem ganzen Land an d'Stadt bei d'Muttergottes gepilgert sinn, ass d'Bewosstsein gewuess dass si zesumme Kierch sinn, an dofir och an enger gemeinsamer Struktur zesummen sollte schaffen: esou kunnt sech rondermmer den Marienzentrum de Zentrum vum Bistum bauen, an ët ass secher keen Zoufall, datt just d'Wallfahrtskierch zur Muttergottes, Kathedral ginn ass.

Nach een aneren Aspekt léiert eis Muttergottes.
Den Hellege Escriva de Balaguer, deen jo och der Muttergottes hiren Num dréit, Josémaria, schreiwt an sengem Buch „Christus begegnen“:
„Es ist unmöglich, wie ein Kind Maria zu begegnen und dabei nur an sich selbst, nur an die eigenen Probleme zu denken.“

Emmer wa mer d’Muttergottes veréieren, dann denke mer och un di aner, a sief ët nëmmen, wëll mer op de grousse Mariepilgerorten, ëmmer anerer begéinen, Mënschen, déi e Leed ze droen hunn, durch Krankheet oder Schwieregkeeten mat der Famill, mam Liewen, mat sech selver.

Et kënnt een ëmmer gestärkt zereck vun enger Platz, wou Maria wierklech veréiert gëtt. Wëll ee gesäit an erfiert: de Mënsch steet nët eleng do.
Hien huet eng Mamm, déi bereed war nët nëmmen - esou ze soen egoistesch d’Mamm vu Jesus, mee d’Mamm vun de Mënschen all ze sinn.
An dëst zweet Jowuert vu Maria, fiirwt oof, op all déi, déi si éierlech veréieren.

„Es ist unmöglich bei Maria nur an sich selbst und seine eigenen Probleme zu denken.“
Loose mer dann Maria, besonnesch och am Rousekranzmount Oktober de Fridden an der Welt uvertrauen. Du Königin des Friedens,heescht ët an der Litanei, si soll matbewierken, datt ëmmer méi Friddensgedanken geduecht a geliewt ginn.

Loosse mer haut openeits eist Jowuert zu Maria soen, déi mer auserwielen, an hir verspriechen, no hirem Virbild, och do ze sinn, ee fir deen aneren, an esou déi Gemeinschaft oprecht erhaalen, déi Christus vum Kräiz eroof gegrënnt huet. Amen.

Léif Leit,

Vläicht freet deen een oder aneren, wat dës aal Geschichten mat eisem Liewen haut ze dinn hunn?

Ech giff doropper entwerten: ganz vill, besonnesch haut, wou mer besser wi d'Leit virun 200, 300 Joer verstinn, wat eis hei erzielt gëtt.

Am Mënsch läit d'Kraaft, fir sech fräi ze maachen, nët méi oofhängeg vun engem Gott, deen alles scho vu vireran festgeluecht huet. Dee Gott ass doud, esou heescht ët, an de Mënsch ka fräi ginn. Fräiheet ass secher och nach haut dat magescht Wuert, dat eis all an de Bann zitt. AN autonom a fräi ze ginn an ze sinn, ganz falsch ass dat nët. Et ass zuguer dem Mënsch seng wirklech Bestëmmung.

Awer op dem Wee dohinner si munch Feeler ënnerlaaf.

E Gott oofzeleenen, deen de Mënsch kleng wëllt haalen an sech als totalitären Diktator opspillt, dat ass nëmme richteg, sech selver awer als Diktator opspillen, deen de Mënsch nidderdreckt, ass falsch.
Worun ët dem 19. an 20. Joerhonnert, trotz aller Theologie, am meechte gefeelt huet, ass dat wouert Gottesbild, dat eleng Jesus um Kräiz de Mënsche gewissen huet.

Den Herrgott ass nët den Diktator, deen de Mensch a senger Fräiheet anengt, wéi de Sartre, dem atheisteschen Dogma aus dem 19. Joerhonnert getrei, ët nach esou falsch, enger ganzer Nokrichsgeneratioun verzielt huet.

Gott stierwt, also wiir en doud, an de Mënsch wiir him lass, ass nach viru kuerzem behaapt ginn, an d'Chrëchtentum, dat den Doud vu Christus um Kräiz verkënnegt, wiir esou als Relioun um Enn, ët wiir letztendlech eng Relioun, déi eis aus all Relioun giff befreien.

Richteg dorun ass, datt di chrëchtlech Relioun eppes total Neies an d'Welt vun de Relioune brengt: den Herrgott ass nët, wéi oft gemengt, wäit eweg vum Mënsch, eppes vun deem de Mënsch sech misst befreien.
den Herrgott ass villméi a Jesus Christus dem Mënsch esou no, dat de Mënsch nëmmen duerch hien, an dat ass dee chrëchtleche Glaawen, säi Mënschsinn ka voll a ganz erfueren, gestalten a liewen.

Et ass dës fundamental chrëchtlech Wourecht, déi d'21. Joerhonnert erem nei entdeckt. „Ohne Glauben ist der Mensch in dieser Welt ein Nichts" heescht ët beandrockend am Azio Corghi senger Oper Diwara Wasser und Blut, an d'Philosophen entwerten, datt all déi, déi Gott oofschaafen, am Gang sinn sech selver oofzeschaafen, wëll den Herrgot ass nët einfach nëmmen eng

wëssenschaftlech Hypothese, och nët einfach en Axiom an engem System, mee hien ass de Grond, op deem, iwwerhaapt Wëssenschaft a Mënschsinn ka gedeien.

Fra, kuck däi Jong!
Jo, Maria, kuck op eis, déi mer wëllen ee Wee goen, deen eis fräi mëcht, ouni eis als Saach verkommen ze loossen, ee Wee, deen eis voll a ganz Mënsch gi léisst, ouni, daat mer voll a ganz vu virgefaasstenen economeschen, biologeschen oder kulturellen Systemer determinéiert sinn, déi Gott an domatter dat wirklecht Mënschsinn leegnen.

Maria, du hues gegleewt, datt sech dem Herrgott säi Wuert erfëllt, an dëse Glaawen, huet aus dir, déi Fra gemaach, déi fir eis all eng Mamm ka sinn, eng Mamm am Glaawen, de Gronn vun eiser Freed an d'Tréischterin am Leed, wéi ët an den Uruffungen vun der lauretanescher Litanei heescht.
Diir wëlle mer eis openeits uvertrauen. An dir ët am Glaawen nomaachen:
Op däi Jong wëlle mer lauschteren, an dech als eis Mamm, bei eis ophuelen.
Wëll mir si secher:
nëmmen mam Glaawen fanne mer eis wierklech Bestëmmung,
nëmmen am Glaawen fanne mer eist Gleck. AMEN.

9. Predigt: Weish 6, 1-21: Die Mahnung, die Weisheit zu suchen
Weder nur Glauben noch einfach nur Vernunft, sondern Glauben und Vernunft!

Lesung aus dem Buch der Weisheit
Wer das Heilige heilig hält, wird geheiligt, und wer darin unterweisen lässt, findet Schutz.
Verlangt also nach meinen Worten: sehnt euch danach, und ihr werdet gute Belehrung empfangen.
Strahlend und unvergänglich ist die Weisheit; wer sie liebt, erblickt sie schnell, und wer sie sucht, findet sie.
Denen, die nach ihr verlangen, gibt sie sich sogleich zu erkennen.
Liebe ist Halten ihrer Gebote; Erfüllen der Gebote sichert Unvergänglichkeit, und Unvergänglichkeit bringt in Gottes Nähe. Weisheit 6, 10-13.18-19

Här Erzbeschof, léif Leit,

wann eppes sech weltwäit an deenen leschten 20, 30 Joer geännert huet, dann ass ët mat Secherheet d'Astellung dem reliéise Glaawen an de Relioune géinteniwwer.

An de 60er Joeren war ët deene meechten hei bei eis kloer:
Gott ass doud, an d'Relioun wert gläich verschwannen:
d'Wëssenschaft an d'Technik werten all eis Problemer erkennen an och hëllefe léisen. Nëmmen nach déi Reckstäneg werten u Relioun a Glaawe festhaalen, mee Menschen, di den Zäitgeescht erkannt hunn, verloossen dës Illusiounen, fir der Wirklechkeet riicht an d'Aen ze kucken.
An dës Wirklechkeet huet näicht méi mat Relioun ze dinn: an d'Privatsphäre verdrängt, zielt an der neier, moderner Gesellschaft de reliéise Glaawen nët méi.

Dës Positioun, léif Leit, war en allgemengt Dogma ënnert den Ideologen an der 2. Hallschent vun 20. Joerhonnert, a kee huet dat esou richteg a Fro gestallt, bis dann op emol alles aneschters komm ass, wéi viraus gesinn...

Weltwäit hunn an den 70er Joeren d'Reliounen eng nei Wichtegkeet kritt.
An den arabesche Länner huet sech eng jonk Generatioun bemierkbar gemeet, di gudd op westlechen Universitéiten ausgebillt gi war, an di sech op emol an hirer

traditiounsräicher Relioun, dem Islam, eremfond hunn, géint di moralesch a reliéis Dekadenz vum Westen, wi si dat genannt hunn. De Gilles Kepel huet dëse Phänomän fir Europa, Amerika an den Noen Osten a sengem Bestseller „La revanche de Dieu," analyséiert, a gewissen, dat een nët ze séier dat einfach alles ka mat Extremismus oofdinn, wat sech zenter de 70er Joëren um Gebitt vun dem reliéise Glaawen an de Reliounen oofspillt.

1978 ass mam Karol Wotyla ee Popst aus dem Ostblock gewielt ginn, deen kloer an deitlech dee reléis verschloofene Westen, an deen allzevill bis dohinn gewerde geloossenen Osten opgerësselt huet.

„Hutt keng Aangscht! Maacht Christus d'Diiren grouss op."
Dat war dem Popst säin Appell, an als Motto fir dat Pontifikat, dat eent vun deenen bedeitendsten aus der Neizeit sollt ginn, huet hien sech eng marianesch Devis geholl: "Totus tuus".
„Ganz dir uvertraut, Maria", fir esou mat Maria, glecklech genannt ze ginn, wëll e gegleewt huet, dat dem Hergott säi Gutt Wuert sech fir all d'Menschen erfëllt.

Mir wëssen wi d'Geschicht weider gangen ass: di europäisch an och d'Weltgeschicht.

Europäisch ass ët kloer ginn: och den Osten gehéiert zum zukünftegen Europa. Scho 1985 haat de Popst Jean-Paul II. dem Benedikt, als Patréiner vun Europa zwee slawesch Helleger zur Säit gestallt, de Kyrillus an de Methodius. Deemols huet nach keen am Westen, un d'Verschwannen vum Ostblock geduecht.

A dach!
Di litauesch Flüchtlingen, an dee klenge Group Studenten aus Estland, déi deemols 1980 zu Louvain no hirem Medezins- oder Ingenieursstudien Theologie ugefangen hunn. Si wollten Priester ginn, wëll, esou sooten si eis:
gläich geet den Ostblock op, an da musse mer prett sinn, fir d'Evangelium do ze verkënnegen.

Mir, di méi skpetesch waren, krute gesoot: iech werten d'Aen och nach opgoen, an da soot dir: mir wussten näicht, esou wi der ët och schon 1945 gemaach hutt. Schwéier Ukloen, fir eis Generatioun, di sech an den 80er Joeren mam Marxismus an der Befreiungstheologie intellektuell ganz op der Héicht geduecht haat...

Wi e puer Joer méi spéit, di fiirchterlech Biller aus de Kannerheemer gewisse goufen, wéi di sellechen Témoigangen vun Ennerdeckung, Bespëtzelung, a Misär an de Länner, ënnert der Fortschrëttsideologie: atheistesche Kommunismus gewisse goufen, dunn hunn ech ëmmer erëm un

d'Bemierkungen vum André-Marie an vum Pascal-Marie missten denken, deemols zu Louvain.

Si haaten hannert hirem Numm, dee vun der Muttergottes gesaat, wëll mat hir waren si verbonnen. All Owend ass di kleng Kommunautéit zesumme komm, fir de Rousekranz ze bieden: Maria sollt hëllefen, den Osten ze befreien, a gegleewt hunn si, wi Maria, datt sech dem Herrgott säi Gudd Wuert och enges Dags fir hir Leit dohannen, hannert dem Rideau, giff erfëllen.

Haut ass ët esou wäit, wi de Popst ët 1985 virausgesinn hat:
Europa ass am Gang konkret sech opzebauen: Westen an Osten.

Secher, aale, reaktionnäre Poliker schwiewt ëmmer nach fir, Politik ouni Relioun wëlle ze maachen, an si hunn an engem éischten Ulaaf ët ferdeg bruecht, aus der Europa Charta, all Allusioun u Relioun a Glaawen ze sträichen. Dat ass awer nët realistesch, a ka keng Zukunft fir Europa sinn.

Fir Ouschteren war an der däitsche Wochenzeitung „Die Zeit" op der éischter Säit ee langen Artikel ze liesen, wou Bibel als de Schlëssel fir Literatur, Musik a Molerei, och fir den Bioethikssträit an Däitschland beschriwwen gouf. An de Jan Ross mengt „Die Bibel ist das Buch, ohne das man nichts versteht".

All Dag stelle mer spéitestens bei de Noorichte fest: ouni d'Reliounen versteet een näicht méi, wat an eiser Welt sech politesch oofspillt. An een däitschen Diplomat haat scho Recht, wéi e virun e puer Joer en Artikel iwwert d'Weltpolitik iwwerschriwwen haat: „Nicht ohne Gott"

Mat dësem „Retour des religions" haat kee bei eis esou richteg gerechent. De Géigendeel war vun de Soziologen erwaardt ginn.

De Peter Berger, deen an de 70er Joeren virausgesoot hat, datt d'Reliounen an de reliéise Glaawen giffen an de westlechen Staate verschwannen, an datt de Recht vun der Welt giff nozéien an och sekular, a-reliéis a laizistesch giff ginn, gëtt zenter den 90er Joeren zou, sech fatzeg geiirt ze hunn.

Haut behaapt hien, déi reléis Gemeinschaften, déi nët versicht hunn sech der moderner Welt unzepassen, hunn d'Moderne nët nëmmen iwwerliewt, mee hunn ët zuguer ferdeg bruecht, sech ze vergréisseren. Dat gefällt den distingéierten Universitéitsprofessoren nët, dat ass awer esou, mengt de Peter Berger, humoristesch, mat enger gewëssener Selbstironie, iwwert seng eegen falsch Aschätzungen aus den 70er Joerern.

An dësem „Retour des religions“ oder an dëser „Ent-sekulariséierung“ ass Europa, weltwäit gesinn, nach eng Ausnahm. Et giff sech gären présentéieren als Avant-garde: di aner giffen ginn wéi Europa, awer wann een d'Entwecklungen nüchtern analyséiert, da muss ee feststellen:
Europa ass reliéis gesinn nët avant-garde, mee arrière-garde.
Wëll eppes schenkt ëmmer méi kloer ze ginn:
de Verstand eleng, besonnesch wann en esou anengend verstane gëtt, wéi an der moderner Wëssenschaft an Technik, geet dem Mënsch vun haut nët duer.

Alles nëmmen aus der wëssenschaftstechnescher Perspektiv eraus ze kucken an ze analyséieren, nëmmen d'Vernunft ze gebrauchen, an hir eleng di éischten an di wichtegst Platz ze ginn, dat ass och ee Glaawen, an zwar een äussert primitiven a geféierlechen.

De Zygmunt Bauman, renoméierten jüddesch-englesche Soziolog, schwätz vun der Moderne, wéi vun engem „Marsch ins Gefängnis“. An spéitenstens zënter Auschwitz, wou alles, mat exakter Wëssenschaftlechkeet gemaach gouf, wësse mer, - wi de Philosophiesprofessor Jean Reiter ët esou tiefgründeg an sengem Artikel iwwer Auschwitz „Die unerträgliche Leichtigkeit des Tötens“ schreiwt:

„In Auschwitz-Birkenau hat die Vernunft als rettender Anker der Menschheit nicht nur versagt, sie hat die Unmenschlichkeit zu grauenvoller Wucherung getrieben.
an hie stellt di beängstigend Fro:
„Wie kann man nach Auschwitz noch an die menschliche Vernunft glauben?“

Eleng duerch Verstand, Wëssenschaft an Technik, d'Gleck vun der Menschheet maachen ze wëllen, alles aus eegene Mëttelen, autonom a souverain, erschaafen an erdenken, gestalten a verbesseren ze wëllen, ouni ausdrecklech op deen ze lauschteren, deem Maria hiert Jowuert ginn huet, dat ass a leschter Instanz e liewensgeféierleche Projekt.

De Popst Jean-Paul II. rifft eis dat a senger bedeitender Enzyklika „Fides et Ratio“, Glaawen a Vernunft, an Erennerung:
Esou wi Europa geographesch esouwuehl de Westen wi den Osten muss ëmschléissen, esou kann Europa kulturell a geeschteg nëmmen bestoen, wann ët di onverzichtbar Wourecht bedenkt, a beliewt, di eis ganz europäisch Kulturgeschicht duerchzitt:

Fides et Ratio – Glaawen a Vernunft – gehéieren zesummen.
Emmer wann nëmmen eng vun dësen zwou Dimensiounen gezielt huet, ass ët Europa – op d'laang Weil – schlecht gangen.

Eis chrëchtlech Traditioun, an domat ass si mat der jüddescher an der islamescher verbonnen – léiert:
„Ouni Glaawen kee wirklecht Wëssen,
an ouni Wëssen, kee wirkleche Glaawen."
Di zwee gehéieren zesummen, ët kann een si weder trennen, nach matenaner verwiesselen.

Kuckt, léif Leit, dat alles klenkt secher wäit eweg vun eisem Alldagsliewen.
Jo a nee.

Wëll mir sinn am Gang vill Weichen ze stellen, fir eis Zukunft.
Wa mer hei nët iwwert den Hannergronn nodenken, deen eis bestëmmt, da kënne mer dee schlechte Wee aschloen, an dat wiir fatal, fir Europa.

Et geet nët duer, tolerant ze sinn. Dat war gutt fréier.
Haut musse mer ee Steck weider goen, wi de Goethe ët scho richteg gesinn haat, wann hie schreiwt:
„Toleranz sollte eigentlich nur eine vorübergehende Gesinnung sein: Sie muss zur Anerkennung führen. Dulden, heisst beleidigen."

An deem Sënn musse mer méi wi tolerant sinn, mir mussen dofir suergen, datt mer deen anere kenne léieren, datt mer mat deem aneren iwwert den Herrgott an d'Gespréich kommen. Ouni Dialog tëschen de Reliounen, kee Fridden, awer nët wéi den Hans Küng mengt, dat mer aus alle Reliounen dat eraussichen, wat mer scho vu vireran fir richteg halen, nee en éierlechen Dialog ass gefroot, wou mer bereet sinn, och wirklech op dem aneren seng Glaawenswourecht ze lauschteren.

Hei kënne mer, iech, Härr Erzbeschof, nëmme félizitéieren, datt dir äre Numm ënnert déi Petitioun gestallt hutt, wou di islamesch Gemeinschaft fir Unerkennung hei zu Lëtzebuerg freet. Dat ass dee richtege Wee, fir een Europa, dat an d'Zukunft kuckt.

Als klengste Land an Europa, kinnte mer eis froen:
a wat solle mir dann zu der grosser wëssenschaftlecher Recherche bäidroen?
Besonnesch am Zesummenhank mat der Universitéits-diskussioun hei zu Lëtzebuerg, wiir ët nët interessant, mir, di hei esou en héige Prozentsatz vu Friemer ënnert eis wunnen hunn: nei Akzenter ze setzen:

Weisen, datt eng „tolerant Ignoranz", eng „Gläichgültegkeet" dem Reliéise géinteniwwer, ët nët brengt, wann ee wëllt Gerechtegkeet a Fridden an der Welt schaffen. Hei ass en éierbaren Dialog gefuerdert, an dee muss geléiert ginn.

Esou wichteg och Kultur-fuesende sinn, fir datt Menschen kënnen zesummen feieren a sech kenne léieren, daat eleng geet nët duer.
Wann ët bei der Kultur-Fuesend bleiwt, a beim „Lächerlech-maachen“ vun de reliéisen Differenzen, dann entsteet nët en Dialog, mee eng Folkloriséierung vun de Kulturen an de Reliounen, déi d’Zesummenliewen an de Fridden alles wéi nët förderen.
Reliounsbanausen sinn hei di denkbar schlechst Berooder. A wann sech dat zukünftegt Europa weiderhinn esou relisiounsbanaus wëllt bleiwen, da wäert ët wi elo schons, och an Zukunft näicht an der internationaler Politik zustane brengen.

Eng wirklech multikulturell Gesellschaft kann nët op een onserieusen, folkloristeschen Eenheetsbrei opbauen, mee muss éierlech am Kulturdialog no der Wourecht sichen. An dat geet nun emol nët ouni d’Kulturträger par excellence, deen an all Zivilisatioun d’Relioune sinn.

Lëtzebuerg kinnt hei universitär Fundamentalrecherche bedreiwen, mat Mëttelen déi nët iwwert eis begrenzte Méiglechkeeten erausginn. Wëll eppes steet fest: Wirtschaft a Finanzen eleng ginn nët méi duer fir an Zukunft dem Mënsch Sënn ze ginn, an eng Gesellschaft ouni Sënn wert iwer kuerz oder laang als sennlos verschwannen, grad esou wéi eng reliéis-extremistesch ausgeriichten Politik, déi näicht mat der westlecher Vernunft ze di wëllt hunn.

Di wirklech Weisheet, ass weder de Glaawen, nach d’Vernunft.
Mee di wirklech Weisheet, ass Zesummesinn vun deenen zwee.
Esou eng Weisheet féiert – wéi d’Bibel eis ët léiert, an all grouss reliéis Texter – zur Léift, a brengt eis „in Gottes Nähe“.

Eng vun den Uruffungen aus der Lauretanescher Litanei, ass „Maria, du Sitz der Weisheit“.

Wann dës Uruffung bildlech dirgestallt gëtt, gesi mer Maria mam Jesuskand um Schouss. Wëll Jesus ass nët einfach Gott do uewen am Himmel, och nët einfach e schlaue Mënsch, deen hei allerwelts Wourechten vertrëtt, déi sech mat engem moralisteschen Humanismus decken,
mee Jesus ass den Herrgott, dee als Mënsch an dës Welt era gebuere gëtt, och duerch Jowuert vu Maria:

“Glecklech bass du, Maria, wëlls du gegleewt hues, datt sech dem Herrgott säi Wuert erfëllt, datt Gott ënnert eis Mensch gëtt, datt mer an him, Glaawen a Vernunft verbonnen fannen, déi wirklech Weisheet, fir eis Menschen.“ AMEN.

10. Predigt: Mt 7,24-27: Vom Haus auf dem Felsen
Der Glaube, eine vertrauenswürdige Grundlage menschlicher Werte

Mt 7, 24-27
Wer meine Worte hört und danach handelt, ist wie ein kluger Mann, der sein Haus auf Felsen baute. Als nun ein Wolkenbruch kam und die Wassermassen heranfluteten, als die Stürme tobten und an das Haus rüttelten, da stürzte es nicht ein; denn es war auf Fels gebaut.
Wer aber meine Worte hört und nicht danach handelt, ist wie ein unvernänftiger Mann, der sein Haus auf Sand baute. Als nun ein Wolkenbruch kam und die Wassermassen heranfluteten, als die Stürme tobten und an das Haus rüttelten, da stürzte es ein und wurde völlig zerstört.

Här Erzbeschof, léif geeschtlech Matbridder, léif Pilger, léif Leit, di dir mat eis iwwer Radio verbonne sidd,

1. Als Duerfpaschtouer a verschiddene Gemengen, sinn ech och Member vun de Schoulkommissiounen, an esou kréien ech regelméisseg Kloen vun de Elteren iwwert d'Schoul ze héieren.

Viru kuerzem kruut ech ee Bréiw iwwert d'Agressivitéit vun de Kanner am Schoulhaff, am Schoulbuss an um Schoulwee. An d'Elteren, di dëse Bréif geschriwwen hunn, hu gemengt, si hätten hirt Kand an den demokrateschen an an de chrëchtleche Werter erzunn, an elo missen si hirem Kand bäibrengen sech ze wiren, erem ze schloen, wëll keng Autoritéit méi do wiir, di d'Kanner um Schoulwee giff zurecht weisen, wann se anerer agresséieren.

„Mir liewen an enger judéo-chrëchtlecher Demokratie mat de Werter: Respekt virum aneren a senge Saachen, Respekt virun der Autoritéit, d'Gläichheet virum Gesetz, Hëllefsbereedschaft, Bridderlechkeet an Toleranz. « Or à l'école », esou de Bréif wuert wirtlech weider, « on se croirait dans une république bananière dont les lois sont la loi du plus fort et la loi du talion ! »

An d'Elteren, di de Bréif geschriwwen hunn, verlaangen dann, datt an der Schoul, niewt dem Schoulprogramm, och misst drop geuecht ginn, de Kanner d'Werter bäizebrengen, e strikt Reglement misst ausgeschafft an duerch Surveillanten, eventuell och en Primärschouldirektor, kontroléiert ginn.

2. Kuckt, léif Leit, mir sinn ëmmer erem konfrontéiert mat Problemer, di d'fundamental Werter vun eiser Gesellschaft betreffen.

Spéitestens wann d'Kand heem kënnt, mat enger bluddeger Noes, oder ouni seng nei Jackett, oder mat futtisse Bicher, da mierke mer datt ët esou nët ka goen.
A wat ech an dësem Bréif interessant fond hunn, dat ass, datt di jonk Elteren, de Rapport maachen, tëschen der Demokratie an de chrëchtleche Werter. Gesetzer a Reglementer, an der Schoul, grad esou wi an der Gesellschaft, si secher noutwendeg, awer mir wëssen all, dat een ëmmer ka Gesetzer hannergoen, si fir sech interprétéieren, oder ganz einfach, si iwwertrieden an sech net erwesche loossen.

Gesetzer a Reglementer eleng, brengen et net ferdeg, eng wertvoll Haltung bei de Kanner, de Jonken an den Erwuessenen erfirzebrengen, ze förderen an oprechtzeerhaalen. Do muss een anert Fundament geluecht ginn, an dëst Fundament hunn d'Elteren an hirem Bréif als di chrëchtlech Werter an eisen Demokratien ugeschwaat.

Iwwerhaapt fonktionnéiert eng Demokratie op d'laang Weil nëmmen, wann si di fundamental chrëchtlech Werter, dem Hergott säi Wuert, iwwert alles respektéiert.

3. Leider ass an eiser europäischer demokratescher Kultur en Aschnëtt geschitt, deem seng Folgen mer nach nët ganz ausgeduecht hunn.

Dësen Aschnëtt war nët di franséisch Revolutioun, och nët den éischten oder zweete Weltkrich, mee wi de Nietzsche eemol gesoot huet, „alles wierklecht Grousst, dat mëcht nët vill Kaméidi, wann ët ukënnt."

Et war an de 60er Joeren vum 20. Joerhonnert. Ech hu mer d'Méi nët ginn, fir dee geneeën Datum an di genau Platz eremzesichen, awer di wirklech Revolutioun, déi wierklech grouss Ännerung, ass du geschitt, wéi mat demokrateschem Recht dezidéiert gouf, ongebuere Kanner strooffräi ëmzebrengen.

Secher waren deemols d'Argumenter fir eng Konsumgesellschaft am postsäkulare Styl valabel, esou valabel, datt zuguer verschidde Kiercheleit sech positiv fir dës Virschléi ausgeschwaat hunn. An hei werten mussen zukunfteg Generatiounen a grousse Mea Culpa maachen.

Secher kann een op kee Fall déi Fraen un de Pranger stellen, di aus enger Noutsituatioun eraus, sech un dat neit, modernt Gesetz gewandt hunn, an déi och

sos keng Hëllef kruten. Wéi sollten si och, wa mer demokratesch esou eng iwwerflächlech Léisung op ee fundamentalt Problem gudd heeschen?!

Et ass iwwerhaapt nët ubruecht, Scholdzouweisungen ze bedreiwen, wëll d'Schold jo letztendlech nëmmen nach um Gesetz hänkt an de moraleschen Domäin, vum Reliséien nët ze schwätzen, verlooss huet.

Awer ët bleiwt, datt deemols ee Schratt gemeet gouf, an eng Richtung, di d'Demokratie vun hirem Gronn aus – de Respekt virun all Mensch – zerstéiert.

An Europa haat just eng vun de politeschen Autoritéiten dat kloer erkannt, de belsche Kinnik Baudouin: Hie war deen eenzegen, deen kloer gemierkt haat, wat dëst à premiere vue offen an tolerant niewesächlecht Gesetz fir eng ëmwälzend Bedeitung fir Europa an d'Menschheet iwwerhaapt wäert kréien:
Et war him derwäert, op säin Troun ze verzichten, jo zuguer d'Monarchie an domater vläicht och d'Belge als Belge op Spill ze setzen, fir säin absoluten NEE verständlech ze maachen.

Hien hat kloer gesinn, datt sech durch Gesetz, „ongebuere Kanner däerfen strooffräi ëmzebrengen", sech d'Modernitéit an domatter d'Fräiheet an d'Gerechtegkeet, Solidaritéit an de Fridden, dat heescht all di Werter, di eis chrëchtlecht Weltbild ausmaachen, selver hiert Graaft wert gruewen.

Ee Staat, deen d'Liewen vu sengen Matbierger nët méi voll a ganz schützt, bleiwt secher nach e Staat, awer ët gëtt en anere Staat.
An di Menschen, di hei liewen, bleiwe secher nach Menschen,
awer si ginn aner Menschen.

Esou ee Staat ka secher nach eng Zäit laang am Wuehlstand liewen, zuguer nach méi materielle Wuehlstand erreeschen, awer op laang Weil verstreckt en sech an eng Dynamik, di verlaangt, dass d'Menschsinn selver ëmmer erem no dëser oder där Majoritéit, no dësem oder deem Ethiksroot, nei definéiert muss ginn.
De Mensch huet nët méi déi unantastbar Würde, mee de Mensch als Mensch steet zur Dispositioun.

4. En aneren Belge, den Universitéitprofessor Michel Schooyans, huet a senge Bicher den kulturpoliteschen Hannergronn vun dësem luesen, awer fir d'Demokratie fatale Schrëtt analyséiert.

„La dérive totalitaire du liberalisme", heescht eent vu sengen opschlussräiche Bicher, an een anert, viru kuerzem erauskomm: „La face caché de l'ONU", wou hien, iwwert Europa eraus, Dynamik vun der Weltorganisatioun, kritesch hannerfreet.

Léif Leit, esou bedauerlech och dësen oniwwerluechtene Fehltrëtt aus de 60er Joeren vum 20. Joerhonnert fir d'Demokratie war, mir kennen dësen Aschnëtt an d'Kulturgeschicht vun Europa, viraussichtlech, nët méi reckgängeg machen, och nët esou einflussräiche Mensche wi de Popst Jean Paul II., eng aner vun deenen rare positiven Figuren di Geschichtsschreiwung wert aus dem 20. Joerhonnert zereckbehaalen.

Wëll de Mensch dezidéiert huet, mat demokratesche Mëttelen, d'Grondlagen vun der Demokratie ze änneren, dofir musse mer elo mat engem flue Fundament rechnen, vun deem mer nët wëssen op ët dréit oder nët. Oder fir ët biblesch auszedrecken: „Op Sand si mer am Gang eist Europa-Haus, an eist Welt-Haus ze bauen."

Zenter datt ongebuere Kanner strooffräi kënnen embruecht ginn, ass d'Bild vun der Mamm a vum Kand geännert. Ee ganz neie Rapport ass amgang sech opzebauen, an esou munch ee freet sech elo schon, op ët nët besser wiir, nëmmen déi Kanner an d'Welt ze loossen, déi, geklont oder sos manipuléiert, deem entspriechen, wat mer gären hätten, dat si solle sinn.

Déi aner Fro ass dann nët wäit eweg, wien däerf nach hei bleiwen, an eiser Welt, a wie muss fort, wëll ët ze deier gëtt, eis nach laang mat him a senger Krankheet ze beschäftegen?

A fir d'Krankheete lass ze ginn, kënne mer do nët och Ersatzstecker bei aner Mensche siche goen? Oder nach besser d'Embryonen, déi mer nët wëllen, gebrauchen, fir Forschung zum Wuehl vun deenen, déi mer wëllen, an déi hei däerfe bleiwen? Wiir dat nët am Fong e gutt Wierk, ganz am Sënn vum Evangelium??? froen sech déi schlaust, ouni se mierken, datt si Sand ënnert de Féiss hunn.

Op Sand gebaut, gëtt alles wackeleg.

Ech erennere mech, ganz gutt, wéi an den 80er Joeren, mat Donum Vitae de Kardinol Ratzinger däitlech Positioun geholl haat, géint all d'Techniken vun der Prokreatiounmedezin. Deemols ass dat Dokument, bis an d'Kathoulesch Universitéiten eran, uech negativ kritiséiert ginn: ët giff d'wëssenschaftlech Recherche blokéieren, huet ët geheescht.

Haut kréien d'Nofollger vun dëser Recherche ët selver mat der Angscht ze dinn, a sinn sech guer nët méi esou secher, op een däerf firu fueren, ze forschen, ze fannen, ze manipuléieren, an ze patentéieren, rondermmer Planzen, Déieren a Menschen, déi vu verschiddenen Denkrichtungen all einfach nëmmen, dem

allgemenge Gläichheetswahn no, als gläichberechtegt Liewewiesen dohigestallt ginn.

Nët nemmen d'Wëssenschaft an Technik loossen dës grondlegend Froen opkommen, mee och déi sozial, politesch a philosophesch, weltanschaulech Konsequenzen.

Nei Menscherechter sinn amgang ausgeschafft an duerchgesaat ze ginn, mat Hëllef vun der UNO an hiren Ennerorganisatiounen:

Di aarm Länner, ënnerstëtzt vum Hellege Stull, hun zu Kairo 1994 verhënnere kunnten, datt an de Katalog vun de neie Mënscherechter, d'Recht op d'Oofdreiwung ageschriwwe giff ginn.

D'sexuell Differenz an d'Famill sollten keng Roll méi spillen, wëll si kulturbedingt an dofir diskriminéiernd wiiren, heescht ët.
Fir Kairo-Konferenz iwwert d'Weltbevölkerung virzebereden, sinn och „Nët Regierungsorganisatiounen" vun der UNO konsultéiert ginn.

Zougang haaten awer nëmmen Associatiounen an eng bestëmmte Richtung.
Reliounen zum Beispill haate keen Zougang,
Awer „Man Boy Love Assosiation", déi sech fir d'Liberaliséierung vun der Pedophilie agesaat huet, déi ass offiziell konsultéiert a gelauschtert ginn, 1994.
Deemols huet ët geheescht: ët muss ee mat der Zäit mat viru goen.
Ennerscheeder tësche Kanner an Erwuesener wiiren just kulturell begingt, grad esou wéi d'Ennerscheeder tëschen Mann a Fra. An enger moderner Welt ass dat alles gläich, an do huet keng Politik a kee Gesetz sech anzemëchen, dat ass Privatsaach.

Haut, no deenen horrenten Revelatiounen iwwert d'Pedophilie, wëllt natierlech kee méi eppes dovunner wëssen, wat 1994 zu Kairo alles behaapt gouf.

Wéi 5 Joër no der Peking-Uno Vollversammlung, 2000 zu New-York de Bilan gemeet ginn ass, waaren wéi gewéinlech déi Aarem Länner onzefridden.

Mir brauchen nët westlech Prokreatiounstechniken an -ideologien, mir brauchen, propert Waaser, e Schoulsystem, Aarbechtsplaazen, Schutz virun de Krankheeten vun der Aarmut, an virun allem Respekt,
esou d'Mme Kathryn Hauwaa, di nigerianesch Spriecherin vum Hellege Stull, an si hat all déi aarm Länner op hierer Säit.
Wëll dës Länner fillen sech mat Recht hannert d'Liicht gefouert, wann ët heescht: dir kritt just nach Entwecklungsgelder, wann dir och eis nei UNO-

Menscherechter unhuelt, wéi de Refus vun der sexueller Differenz an d'Recht, respektiv d'Pflicht, op Prokreationsmedezin an d'Oofdreiwung.

Wann ët vu kierchlecher Seit heescht, wéi de Popst Jean Paul II. ët ëmmer erem betount: fir d'éischt Bekämpfung vun Aarmut, opbauen vun gerechten Strukturen, Verschwannen di vu Korruptioun, Ennerstëtzung vu Gerechtegkeet, da versteet de Gros vun eise westleche Medien d'Welt nët méi, a beschränkt sech op sexual moralesch Considératiounen, oder hällt ganz einfach de Mond. Wéi sollen si och eppes vum Popst sengen Wieder verstoen, wa ee bedenkt, op wéi engem wacklege Fundament mer hei am Gang sinn, Zukunft opzebauen.

Kuckt, léif Pilger, sech bekloen iwwert Aggressiounen an d'Gewalt um Schoulwee, ass a mengen Aen nët esou wäit eweg, vun deem, wat op den Uno Vollversammlungen vun deenen Aarme Länner bekloot gëtt:

Béides geet zereck op d'Grondwerter vun der Menschheet, déi kee besser résuméiert huet wi Jesus selver.
Den Hergott gären hunn an de Matmënsch gären hunn.

Wann een un dës Grondgeboter wackelen an ännere geet, da gëtt de Mënsch matgeännert, awer nët wéi e mengt zu sengem Gudden, mee zu sengem Nodeel.

Eppes ass a bleiwt iwwert all Ännerungen eweg secher:
wa mer nët op dem Herrgott säi Wuert lauschteren, da geet ët eis wi dem Mann am Evangelium, dee säin Haus op de Sand gebaut huet: dat ganzt fëllt – vläicht nët direkt – mee iwwer kuerz oder laang an de Koup.

Wa mer awer dem Herrgott sengem Wuert trauen,
wa mer gleewen, datt sech erfëllt, wat hien eis seet,
da geet ët eis wéi Maria, eisem Virbild am Glaawen.

„Maria, Mutter Gottes, Tréischterin am Leed,
du hues nët opgehaalen, op dem Herrgott säi Wuert ze vertrauen.
Nët emol deemols, wéis du beim Kräiz stungs, a wéi all déi aner geduecht huet: ët ass elo eriwwer.
Nee, Maria, du bass nët fortgelaaf, mee stoe bliwwen, en Zeche vun dengem staarke Glaawen, deen eis all Hoffnung mëcht.
Looss och eis bei dengem Jong stoe bleiwen,
an esou ee feste Fong fannen, fir eist Liewen opzebauen.
Da wäert och vun eis gesoot kënne ginn, an deenen nächste Generatiounen:
Glecklech déi, déi dem Herrgott sengem Wuert gegleewt hunn.“ AMEN.

11. Predigt: Lk 1, 41-42.45-55: Magnificat
Schönheit als Weg zu Gott, Quelle von Glauben und Glück

Elisabet wurde erfüllt vom Heiligen Geist, und rief mit lauter Stimme: Selig ist die, die geglaubt hat, dass sich erfüllt, was der Herr ihr sagen liess.

Da sagte Maria:
Meine Seele preiset die Grösse des Herrn,
und mein Geist jubelt über Gott meinen Retter.
Denn auf die Niedrigkeit seiner Magd hat er geschaut.
Siehe von nun an preisen mich selig alle Geschlechter.
Denn der mächtige hat grosses an mir getan, und sein Name ist heilig.
Er erbarmt sich von Geschlecht zu Geschlecht über alle die ihn fürchten.
Er vollbringt mit seinem Arm machtvolle Taten. Er zerstreut die im Herzen voll Hochmut sind;
er stürzt die Màchtigen vom Thron
und erhöht die Niedrigen.
Die Hungernden beschenkt er mit seinen Gaben, und lässt die Reichen leer ausgehen.
Er nimmt sich seines Knechtes Israel an und denkt an sein Erbarmen,
das er unsern Vätern verheissen hat, Abraham und seinen Nachkommen auf ewig.

Und Maria blieb etwa drei Monate bei Elisabet, dann kehrte sie nach Hause zurück.

Här Erzbeschof, léif geeschtlech Matbridder, léif Pilger, léif Leit, di dir iwwer Radio mat eis verbonne sidd,

viru kuerzem huet am Zesummenhang mat der Oktave eng Journalistin mech gefroot, firwaat datt menger Meenung no, nach esou vill Leit giffen an d'Oktav kommen, wou dach de Glaawen giff allgemeng oofhuelen.
Op dat just aus Traditioun wiir?

Jo, firwaat kommen esou vill Leit während der Okatvszäit an d'Kathedral?

Op dës Fro, gëtt ët am Fong eng ganz einfach Entwert:
si kommen bei d'Maria, d'Muttergottes.

An esou musse mer dann déi aner Fro stellen:
A firwaat zitt d'Muttergottes ëmmer erem esou vill Mënschen un?

Op dës Fro gëtt ët, fir d'éischt emol, ganz perséinlech Entwerten.

Vill Mënschen gesäit een hei, déi manifestement Suergen hunn, doheem an der Famill, an der Beziehung mat dem Partner, Suergen mat de Kanner, oder den Elteren, Suergen mat der Schoul, mat der Gesondheet, mat der Aarbecht.
Wee wees schon, wat alles hei, dag fir dag, virun d'Gnoodebild vun der Tréischterin gedroe gëtt!?

Lëtzebuerg huet eng laang Erfahrung mat Maria a mat dem Glaawen, an esou wësse mer iergendwéi, quasi onbewosst, datt do, wou mënschlech gesinn, näicht méi ze maachen ze si schenkt, een dach Trouscht a Fridden kann bei der Tréischterin fannen.

Dëst Wëssen huet sech vu Generatioun zu Generatioun weidergerrescht. Dëst Wëssen ass zur Traditioun ginn.

Traditioun, am richtege Sënn vum Wuert:
ët ass ee Geschenk, dat mer iwwerliwwert kruten, dat mer testamentaresch geierwt hunn, an ët un déi nächst Generatioun weiderginn.

Et ass also och aus Traditioun, wou mer all hei an d'Kathedral kommen: mir wëssen, iwwert Joerhonnert weidergereescht:
d'Begéinung mat der Muttergottes, der Tréischterin am Leed, ass fir eis all ëmmer ee wertvollt Geschenk.

Nët all Generatioun huet dëst Wëssen gläich behandelt. Marieveréierung an d'Oktav huet am Laaf vun der Geschicht, „des hauts et des bas" kannt, awer verschwonnen ass si ni, a wert si ët och ni.

Wëll d'Maria, d'Muttergottes, huet eppes besonnesches:
si wees ët selver, wëll si huet am Magnificat gesongen:
„Er hat geschaut auf die Niedrigkeit seiner Magd,
von nun an preisen mich selig alle Geschlechter."

Maria huet eppes besonnesches:
hien, den Herrgott, huet op si gekuckt.

An zenter dësem Bleck ass d'Welt nët méi verlooss, mee offen op eng grouss Hoffnung : AVE SPES NOSTRA, gegréisst siefs du eis Hoffnung, heescht ët am Introitus vun eiser Muttergottesmass.

Zenter dem Bleck vum Herrgott op Maria, ass Maria eis Hoffnung.

A Maria huet den Herrgott seng gudd Schöpfung erkannt,
Immaculata, si huet näicht vu sech aus,
an si huet näicht vun der Menschheet geierwt, dat si kinnt schlecht maachen –
si ass ganz Schöpfung Gottes,
ohne Erbsünde empfangen, nenne mer si.

Esou ass si ganz fräi, ganz disponibel fir dem Herrgott säi Wuert bei sech opzehuelen, Jungfrau, seet d'Dogma vun der Kierch, Jungfrau, och nach no der Gebuert,
wëll als Mamm vu Jesus bleiwt d'Maria ëmmer nach disponibel fir dem Herrgott säi Wuert, a bleiwt esou duerch all Zäiten erduerch: Jungfrau und Mutter.
No hirem 1. Jowuert, gëtt si d'Mamm vu Jesus, d'Muttergottes,
Spéider, beim Kräiz, no hirem 2. Jowuert, Si protestéiert nët, wa Jesus vum Kräiz eroofseet: „Fra kuck däi Jong", mee si hëllt ët un, d'Mamm vun der Kierch ze ginn.
An duerch hirt permanent Jowuert zum Herrgott, gëtt si och d'Mamm vun eis alleguerten. bestänneg Jungfrau und Mutter.

Am 4. marianeschen Dogma heescht ët: Maria ass mat Läif a Séil an den Himmel opgeholl ginn.

Wann d'Séil dat onstierwlecht an eis ass, dann ass ët richteg, datt dat an d'éiwescht Liewen iwwergeet.

Awer Maria seet eis méi, nët nëmmen d'Séil, dat wësse mer zënter dem menschlechen Denken, mee och eise Läif, also all eis Beziehungen, alles, wat eis zu eenzel Persounen mëcht geet mat iwwer an dem Herrgott säin éiwegt Liewen. Kuckt, mir soen nët mat Kieper a Séil, mee mat Läif a Séil. Dat weist drop hinn, dat nët eise biologesche Kierper gemengt ass, mee eise Läif, also dat wat mer duerch eise biologesche Kierper erfaassen, erliewen, erspieren, erleiden, erfreuen. All dat, geet nët verluer, mee fënd am Himmel eng Platz, an engem Kierper vlàIcht, mee vun deem mer, wéi de Paulus ët seet, näicht kënne wëssen. Mee eppes wësse mer : och eise Läif, eis individuell Perséinlechkeet ass dozou bestëmmt, iwwert de biologesch kierperlechen Doud eraus, beim Herrgott bestand ze hunn, a Maria ass eis dofir ee Garant.

Dat ass eng aner Wourecht, wéi di orientalesch Perspektiven vum Hinduismus a Buddhismus, an dach hunn si geheimnisvoll eppes mat enaner ze dinn,
an ech sinn iwwerzeecht, datt a Maria all Reliounen en Anhaltspunkt fannen, deen si nët nëmmen an Dialog ka féieren, mee hinnen och kann hëllefen, d'Bestëmmung vum Mënsch besser ze erkennen.

Vläicht ass dat och ee Grond, firwaat dat d'Mariefrömmegkeet ni wert verschwannen, jo méi nach, firwaat datt d'Mariefrömmegkeet, di eenzeg ass, déi eng wirklech Erneierung am Reliéisen zum Virschéi brengt.

Et ass hei nët d'Platz fir di grouss theologesch Entwerf aus de Weltreliounen duerchzehuelen, an si op Maria hinn ze deiten. Dat ass eng Aarbecht, déi Reliounswëssenschaften an deenen nächsten Joerzingten mussen an Ugréff huelen, wann si an der Oekumene, an dem Dialog vun de Reliioune wëllen e neien Impuls ginn, fir virun ze kommen.

Kuckt, wat mech beandrockt, datt ass, wéi ëmmer erem di grouss Marieplatzen, aneschters wéi all aner reliéis Platzen an Institutiounen, nët nëmmen Katholiken unzéien, mee Mënschen aus alle Kulturen a Reliounen. Denke mer z.B. u Lourdes. Dat ass nët nëmmen aus Virwëlls, wëll op de Marieplatzen, dem Herrgott seng Welt op eng wonnerbar Art a Weis an eis eege Welt eraliicht, mee ët ass och aus der déiwer reliéiser Dimensioun eraus, déi an all Mënsch läit, an di Maria, wi keen anere Mënsch offe leet.

Ee vun deenen bedeitendsten Denker aus dem 20. Joerhonnert, den eis europäisch Kulturgeschicht wéi keen aneren kennt an ze deite wees, den Hans Urs von Bathasar, schwätzt vun engem marianesche Prinzip vun der ganzer Schöpfung, den sech an dem Meedchen Maria vu Nazereth konkretisiert huet. An dofir ass si den Ausgangspunkt, vun allen, déi d'Wuert Gottes werten ophuelen, also Mutter der Kirche, am ganz wäite Sënn vum Wuert, Mamm vun all deenen, déi geruff sinn, ee Wee mam Herrgott ze maachen,

an dat sinn d'Mënschen all.

Kuckt, léif Pilger, eppes fällt op, bei Maria.
Bei si ka kommen, wee wëllt: si weist keen zereck.
Den Kardinol Meisner huet eis dat e Sonndeg nach esou eindrucksvoll an Erennerung geruff.
Si weist keen zereck.

Kuckt, léif Leit, ët kinnt kommen, datt mer alles giffen vun eisem chrëchtleche Glaawe vergiessen, - wat duerchaus méiglech wiir, wann een sech d'Evolutioun vum reliéise Wëssen ënnert de Leit méi genau ukuckt,
denkt zum Beispill un di memorabel Strossebefroung virun Ouschteren op RTL, wou 30 Leit befroot goufen, a kee kunnt hei zu Lëtzebuerg soen, wat dann Ouschtere fir eng Bedeitung hätt, just d'Schwester Myriam huet de jonken Televisiounsinterviewer kloer a richteg geentwert. E Gleck, datt si do laascht komm ass...
Hir, all eisen Uerdenschwësteren, an all deenen, déi sech beméien, dat reléist Wëssen weider ze ginn, en häerzleche Merci.

Wann op emol alles vum Glaawen a vun de Reliounen vergiess wiir, eppes giff bleiwen: Maria.

Wëll dat marianescht Prinzip der ganzer Welt, als Schöpfung vum Herrgott, ugebueren ass. Dofir ass d'Uruffung „Du Mutter der schönen Liebe" och esou onverzichtbar, a kann nët genug beduecht ginn.
Iwwerall do, wou Maria ass, do ass ët schéin,
an iwwerall do, wou ët schéin ass, ass Maria nët wäit eweg.

- Kuckt, léif Leit, fir d'hellegt Joer 2000 huet d'Zäitschrëft „Heimat und Mission" ugefangen, eng Dokumentatioun iwwert di chrëchtlech Architektur ze veröffentlechen.
De Prof. Norbert Thill, deen mat senger Fra, nët nëmmen eng eemoleg Dokumentatioun iwwert eise Lëtzebuerger patrimoine religieux et culturel zesummegestallt an an deenen leschte 25 Joer an Heimat und Mission veröffentlecht huet, mee deen och onermiddlech duerch Welét gereest ass, an iwwerall aussergewéinlech gutt Photoen vun dausenden an dausenden Konschtbauten gemeet huet, gëtt nët midd drop hinzeweisen:
d'Schéinheet ass ee Wee, deen d'Mënschen kann zesumme féieren. Wa mer ët giffe ferdeg brengen eis Kanner an eis Jugend fir d'Schéinheet ze interesséieren, da wiire mer op der gewonnerer Säit.

Ech ka mer virstellen, datt de Prof. Thill, als grousse Musiker, sech driwwer gefreet huet, wéi den Daniel Barenboim an enger Diskussioun iwwert den

Onfridden am Noen Osten viru 3 Wochen gemengt huet: mat Embargoen an Drohungen kënnen mer secher nët vill ereeschen, mir mussen d'Kultur an Schéinheet dorower brengen, an esou de Mënschen weisen, datt ët méi gëtt wéi Sträit a Kriech.

War ët nët den Jean Anouilh, deen emol geschriwwen huet: d'Schéinheet ass eng vun deenen raren Saachen, déi eis nët um Herrgott verzweifelen dinn, oder méi positiv mat der Marguerite Yourcenar ausgedreckt:
„Tout ce qui est beau s'éclaire de Dieu."

D'Schéinheet,
- nët de Kitsch, an deem sech d'zäitgenössesch Konscht haut allzeoft verléiert - denke mer nëmmen un di plakesch Männercher an der Fënster vum Museum, iwwert déi sech vill Leit opgereegt hunn, a bei deenen sech meng indonesesch Frënn lëscht Joër hei op Besuch, baal futti gelaacht haaten –
nee nët Kitsch, mee d'Schéinheet verbënnt, iwwert d'Grënzen eweg, an dréit esou zum wirkleche Fridde bäi,

D'Schéinheet ass e Kinnikswee zum Herrgott, deen sech selver an der beandrockender Schéinheet, an der Herrlechkeet vum Kräiz, gewissen huet.

„Mein Gott, mein Gott, warum hast du mich verlassen?" rifft den Herrgott selver um Kräiz, an esou trëtt den Herrgott a Jesus Christus zu sech selver an eng Distanz, déi gréisser ni vum Béisen kinnt opgemaach ginn, eng Distanz, déi onendleche Raum schaaft, wou alles kann dran opgeholl ginn, wat an der Schöpfung vu Schlechtem a Béisen sech oofspillt.

An dësem Raum steet standfest - beim Kräiz, dee neie Liewensbaam – d'Maria, Mutter der schönen Liebe.
Si ass zënter hir eis all eng Mamm, eng Gottesgebärerin, wëll si an eis dat Göttlëcht opkomme léisst, an d'Welt setzt.
Mutter der schönen Liebe, rifft sie es an Erennerung, datt mer Schöpfung an Ebenbild Gottes sinn.

Di äusserst Dramatik, déi sech um Kräiz oofspillt, tëschen Gott a Gott, a Gott an de Menschen, - Maria ass Zeien dervun – begrënnt esou eng nei Sproch iwwert den Herrgott a vum Herrgott, déi eis de Wee zum Glaawen un déi onendlech Léift proposéiert, an déi all d'Mënschen opgehuewe ginn...

fir nach eng Kéier ee vu menge Lieblingsdenker ze kommentéieren, den Hans Urs von Balthasar.

D’Schéinheet, als Wee zum Herrgott, als de Wee zu sengem Geschenk, de Glaawen, an dofir als de Wee zum Gleck an zum Fridden.

Virwaat kommen dann nach esou vill Leit an d’Oktav?
huet d’Journalistin gefroot.

D’Entwert ass kloer:
wëll Maria si rifft,
wëll Maria keen zereckweist,
wëll Maria zënter hirem Stoe beim Kräiz e Raum zur Verfügung huet, deen déi ganz Schöpfung ëmschléisst,
wëll Maria de Wee opmëcht, zu der wirklecher Schéinheet.
wëll Maria, Trouscht spendt a Fridde gëtt,
och engem Häerz, deem di wirklech Léift nach feehlt.

Maria, Trösterin der Betrübten, du Mutter der schönen Liebe,
bitte für uns. AMEN.

12. Predigt: Mt 5, 14-16: Ihr seid das Licht der Welt

Freude über die Glaubensgemeinschaft

Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus
„Ihr seid das Licht der Welt. Eine Stadt, die auf dem Berge liegt, kann nicht verborgen bleiben. Man zündet aus nicht ein Licht an und stellt es unter einen Eimer, sondern man stellt es auf den Leuchter; dann leuchtet es allen im Hause. So soll euer Licht vor den Menschen leuchten, damit sie eure guten Werke sehen und euren Vater im Himmel preisen.“ Mt 5,14-16

Härr ..., Vertrieder vum Erzbeschof, léif geeschtlech Matbridder, léif Pilger, léif Leit, déi dir mat eis iwwer Radio verbonne sidd,

„Jo, ech si wierklech houfreg zur kathoulescher Kierch ze gehéieren.“ Esou muss ech ëmmer erëm vun Zäit zu Zäit a Versammlunge soen, wou nëmme Schlechtes an Negatives iwwert eis Kierch gesoot gëtt.
Jo, ech si wierklech houfreg, Katholik ze sinn.

Emmerhin leescht eis Kierch der Gesellschaft an de Menschen Dingschter, vun deenen iwwer 90 Prozent vun de Leit, di hei zu Lëtzeburg wunnen, profitéieren.

Dës Dingschter ginn op ganz villen Niveauen ugebueden:
- liturgesch: all Dag kann een duerch d'ganz Land u Gottesdingschter deelhuelen.
Sakramenter gi virbereed duerch eng Kateches, an dann och a schéine Feieren gespent: denke mer un Daaf, d'Firmung, d'Kommunioun, oder d'Bestiednisser an d'Priesterweien.

Wéi oft gëtt de Geeschtlech an d'Spidoll oder heem geruff, fir engem Kranke bäizestoen, duerch Krankesalbung an d'Krankekommunioun.
Och eng ganz Reih vu hauptamtleche Maraarbechter a Benevolen hunn eng Ausbildung matgemaach fir schwéier Kranker pastoral ze begleeden. Dobäi kënnt, datt eis ganz Spidolsinfrastruktur vun den Uerdensleit hei zu Lëtzebuerg opgebaut an organiséiert ginn ass. Wéivill Fraen, an och Männer, hunn sech hei ganz an der Nofelleg vu Jesus Christus, just ëm déi bekëmmert, déi vun den öffentlechen Instanzen lënks leie gelooss goufen!?
Wéi wichteg an noutwendeg hiren Dingscht fir d'Gesellschaft ass, gëtt doduerch kloer, datt haut de Staat selver dës Aufgaben wi selbstverständlech iwwerhëllt.
An d'Kierch ass schon erem amgang nei Gebidder ze erschléissen, fir dem Mensch an der Nout, deen vun der Allgemengheet liicht vergiess gëtt, ze hëllefen.

Dat gëllt fir Organisatiounen a Gebidder, wi Hëllef doheem, oder Omega 90, oder d'Flüchtlingshëllef, dat gëllt fir di sellechen Servicer vu Caritas, fir Kanner, Jonker, Leit ouni Doheem, Prisonnéier, Aarbechtloser, Drogenoofhängeger, eeler Leit,
all dat wiir nët méiglech ouni den Initiativgeescht vun der Kierch, an och dee groussen Asatz vu kierchlech engagéierte Leit.

- Net wéineg Mënschen wenden sech mat schwierege Problemer gären an engem Beichtgespréich un ee Geeschtlechen. Oder verbrengen eng Retraite, fir iwwert hiert Liewen nozedenken. Hei kann een un déi gudd Initiativ denken, Exerzitien im Alltag, déi regelméisseg ugebuede ginn.
D'Uerdenskongregationen stellen gudd ageriichten Tagungsheiser zur Verfügung, wou ee sech kann um spirituellen Wee begleede loossen, a secher ass hei an Zukunft nach ganz vill ze maachen, wëll – op där enger Säit – ass d'Nofro grouss, op där anerer Säit, ass ët un der Kierch, Besoinen an deem Sënn bei de Leit ze schaafen. Wëll eng Kierch kann nëmmen dann d'Evangelium liewen a weider droen, wann si net nëmme Memberen huet, di vun hiren Dingschter profitéieren, mee och Memberen, déi aus hirer chrëchtlecher Motivatioun eraus, bereed sinn d'Dingschter leeschten, an dës Motivatioun muss gestärkt ginn, nët nëmmen duerch eng kompetent Formatioun, mee och duerch en intensivt spirituellt Liewen.

- Glecklecherweis hu mer och nach an eise Schoulen Reliounsunterrecht, deen nët en allgemengen moralesche Knigge enseignéiert, mee dee kloer an deitlech seng Wuerzelen am Evangelium fëndt, an de Kanner an de Jonken, di reliéis a spirituell Dimensioun opschenge léisst, déi der Moral e Fundament gëtt, dat méi staark ass, wi einfach nëmmen d'Interesse vum Group.
Mir hunn och eng Reih chrëchtlech Privatschoulen, déi pädagogesch innovativ sinn, an dem Schoulwiesen méi wéi eemol de Wee an eng valabel Erneierung vum Enseignement gewisen huet. Mir kënnen frou an houfreg op eis chrëchtlech Schoule sinn, déi oft mat wéineg finanziell Mëttelen, awer mat vill perséinlechem Engagement Grousses zu stane brengen.

- Bildung a Kultur sinn ëmmer grouss geschriwwen ginn an der kathoulescher Kierch. A wann een all reliéis Konscht giff sträichen, dann hätte mer hei zu Lëtzebuerg, wéi iwwerhaapt an Europa, nët vill ze bidden.

- E klengt Erliewnis um Kierchbierg, bei Europa. Ech hat viru Joeren eng 50 Geeschtlech aus dem Ostblock dohinner begleet, déi mat hirem Beschof, de Mgr. Wanke, heinidder komm waren, fir sech iwwert d'Strukturen an Europa ze informéieren. Am Centre Monnet hunn se eis e Film gewissen kruut, iwwert d'Geschicht an d'Kultur an Europa.

Dësen 20 Minuten Film huet iwwert alles geschwat, vun den aale Griechen, dem Perikles an dem Sokrates, eriwwer iwwert d'Franséisch Revolutioun, an den Napoléon, bis zum Schuman an dem Monnet, awer ni ass dat Wuert Chrëchtentum, oder Kierch, oder Jesus, oder Evangelium gefall.
D'Biller vum Film kummen awer nët derlaanscht grouss Kathedralen ze weisen, a reliéis Konschtwierker aus Europa.

Wéi dee höchst reliounsbanasesche Film ferdeg war, hun ech dem Responsabel dann d'Remarque gemeet, dat déi wichtegst Wuerzel vun der europäischer Kultur, d'Chrëchtentum, am Film iwwerhaapt nët giff ernimmt gin.
A seng Entwert:
elo weisen ech dëse Film schon joerlaang, daat do huet nach kee mer gesoot.
An den Direktor, dee höchstperséinlech bei dëser Firféierung derbäi war, huet mer da versëschert, hie giff dat Uleies mathuelen, wann eng zweet Oplag vum Film gemeet giff ginn.
Ech wees nët op dës zweet Oplaag scho ferdeg ass, an esou bleiwt mer d'Hoffnung, dat déi zweet Oplag manner reliounsbanasesch ausfëllt wéi déi éischt.

- Maria huet sech direkt no hirem Glaaweens-Jowuert op de Wee gemach, fir hellefsbereed, hirer Cousine Elisabeth ze begéinen. An zënterhir, gëtt ët an der Kierch nët nëmmen ee moralescht, mee och e sozialt a politescht Engagement.

Kee Glaawen ouni Politik a Moral ass secher richteg, awer nach vill méi richteg ass ët, ouni Glaawensfundament verkënnt all Moral an all Politik an engem interessegebonnenen Héiflechkeetskodex, oder an der Muecht.
Et kann een dofir nët genug Glaawen a Relioun mat an d'Politik, an d'Moral, an d'Gesellschaft eranhuelen, an hei werte mer och an deenen nächsten Joerzingten nei Weer musse goen.

- D'Kathoulesch Kierch huet dann och dee groussen Avantag, datt si de Bleck op mëcht fir dat, wat an der Welt geschitt: duerch d'kathoulesch Kierch hu mer nët nëmmen Mënschen, mee Bridder a Schwësteren an der ganzer Welt. Hei muss ech un di vill Paarverbänn denken, di Verbindungen mat Pargemeinschaften aus Afrika, Lateinamerika, Osteuropa oder Asien hunn, an esou schaffen, fir dës oder déi Situatioun ze besseren, awer och duerch dëse Kontakt immens beräichert ginn. E wirkleche Kontakt mat Menschen aus engem frieme Land ass eppes aneschters, wi sech just medial informéieren ze loossen.

Ganz houfreg sinn ech an dësem Zesummenhang op di virbildlech Aarbecht vun der kierchlecher Missiounsaarbecht an Entwecklungshellef. Eis Missionarinnen a Missionaren, esou wuehl Laien wi Geeschtlech, leeschten hei een aussergewéinlechen Dingscht. A vill Menschen, och hei zu Lëtzebuerg, di

villäicht nach nët vill mat hirer spiritueller Dimensioun kënnen ufänken, an dofir och nach nët regelméisseg de Gottesdingscht besichen, sinn dach impressionniert duerch dat, wat d'Katholiken, och eis Lëtzebuerger Katholiken, weltwäit bäidroen, fir Gerechtegkeet a Fridden opzebauen. Houfreg sinn ech op Bridderlech Delen, an all déi aner Organisatiounen, déi am Sënn vum Evangelium, d'Entwecklungshëllef an d'Missiounsarbecht förderen.

„Ech gi wuehl net an d'Kierch, mee d'Schwester esou an esou oder de Pater esou an esou kritt vu mir all Joers eng schéin Somme Geld fir d'Missiounsaarbecht." heescht een ëmmer erem.
Och hei besteet e wirkleche Rapport zur kathoulescher Kierch, deen net direkt an de falschen Dageszeitungs-statistiken iwwer Sonndesmassen zum Ausdrock kënnt.

- Et gëtt nach e sellechen aner Grënn, firwaat ech op eis Lëtzebuerger kathoulesch Kierch houfreg sinn, vun där hiren Dingschter méi wéi 90 Prozent vun eiser Bevölkerung profitéieren.

Wann ee gesäit wéivill mat esou wéineg finanzielle Mëttele geleescht gëtt, da kann een nëmme soen: Chapeau. Keng aner Organisatioun brengt dat ferdeg. An ouni onbezuelten Hëllefskräften giff dat natierlech och net goen.

An eiser Kierch ass ët schon ëmmer Benevolat ginn, och wann dat nët esou genannt gouf. Et war, an ass op ville Platzen haut nach, selbstverständlech, datt den Härr oder Mme esou an esou ‚d'Kierch an der Reih haalen. Et ass selbstverständlech, datt den Här oder Mme esou an esou eng Permanence maachen, am Parbureau, an eisen sellechen Oeuvres paroissialen, an eisen Second-hand Shopen oder Drëtt Welt Boutiker, et ass selbstverständlech – aus dem Glaawen eraus – datt Fraen a Männer sech Zäit huelen, fir anerer an d'Wiertesmass ze goen a fir si ze bieden. Et ass selbstverständlech, dass sech aus de Parréit eraus Equipen bilden, fir dës oder déi kierchlech Aktivitéit ze machen: Equipe liturgique, oder Kanner- a Jugendpastoral, oder Missiounsgrouppen, oder Bibel- a Gebiedsgruppen, oder Medie-Gruppen, wou Internet Säiten zesummegestallt an erweidert ginn, asw.

Houfreg sinn ech op eis Kanner a eis Jugend an de kierchleche Vereiner, wéi zum Beispill eis Massendinger. Dës ganz Oktavzäit kunnte mer si begéinen, aus dem ganze Land, an dann och d'Massendinger hei aus der Kathedral, déi trei all Dag hei beim Dëngscht derbäi sinn an hëllefen.

Houfreg sinn ech och op deen héiche kulturelle Niveau vun eiser kathoulescher Kierch. Denke mer un eis Medieprodukter, un d'wëssenschaftlech Aarbecht, um

Theologie, am Seminär, un Kirchegeschichtler, un Katecheteschen Institut, un Konschtkommissiounen.
Hei muss ech och de Service biblique ernimmen, deen nët nëmmen d'Bibel de Leit méi no wëllt brengen, mee deen sech och, mat aneren Organisatiounen dru gëtt, de Bibeltext op Lëtzebuerg ze iwwersetzen.

Kultur, do denken ech och un eis Gesankvereiner, eis Kanner- a Jugendkéier, eis Organisten an de Paaren, an dann och hei an der Kathedral, wou den H. Carlo Hommel eis höchsten Niveau bidd, dee mer mol nët ëmmer op auslänneschen CDe eremfannen. Houfreg kënne mer och op eis Maitrise sinn, ënnert der kompetenter Leedung vum H. Jean-Paul Majerus.

Denke mer och un di vill Konferenzen, Ausstellungen,
kuckt nëmmen all d'Méi, déi sech den H. Théo Peporté a seng Mataarbechter vum Info-Video-Center ginn, fir och Bildungsaarbecht ënnert de Gleewegen ze maachen.

- E Land, dat zu iwwer 90 Prozent vun der kathoulescher Kierch profitéiert, - an dat no rezenten Emfroen, och nach zu 89 Prozent bereed ass, de kathoulesche Glaawen duerch Daaf vun hire Kanner weider ze ginn, mecht sech op, fir Leit, di heihinner kommen an zu aneren chrëchtleche Konfessiounen, Reliounen oder reliéise Gemeinschafte gehéieren.

Ech sinn houfreg op eis Lëtzebuerger Kathoulesch Kierch, datt si eng gutt a kompetent Accueilsaarbecht leescht, ouni direkt wëllen Integratioun ze maachen, oder e multikulturellt gläichgültegt Niewtenaner ze förderen.

D'Kathoulesch Kierch reduzéiert sech nët méi op dat, wat mer d'Lëtzebuerger Kierch kinnten nennen. Den H. Erzbeschof mecht dat schon am Wuert deitlech, wann hien nët méi vun der Letzebuerger Kierch schwätzt, mee drop oppasst ze soen, d'Kierch, di hei zu Lëtzebuerg ass. D'Viefalt brengt och ëmmer Erausfuerderungen mat sech, denke mer nëmmen un d'Sproochen, oder un di verschidde Gebräicher a Gewunneschten, awer dës Schwieregkeeten, wann se dann erkannt an ugeholl sinn - an hei hu mer e ganz hëllefsräichen Service an der Kierch, de SESOPI - da mierkt een, dat mer nët all gläich sinn, an datt just dat eise Räichtum ass, wa mer eis als Ebenbild Gottes unhuelen, an an Dialog mat enaner trieden.

- Kuckt, léif Pilger, vill vun iech sinn an dëser oder där kierchlecher Organisatioun täteg. Et ass mer nët méiglech si all hei opzezielen : wéi den Familje Center CPF, oder Jugendpastoral, oder Guiden a Scouten, Fraen a Mammen, d'kathoulesch Männeraktioun, d'Bridderlech Deelen, d'ALUC,

Kommissioun Justice et Paix, Foi et Lumière, fir eis behënndert Matmenschen, asw.
- Nët ze vergiessen, - op si sin ech als Pater ganz besonnesch houfreg - all eis Uerdenskongregatiounen hei zu Lëtzebuerg. Si hun esou ze soen, dat ganzt sozial Wiesen opgebaut. Och nach haut leeschten si an dësen Institutiounen vill a gutt Dingschter, an si bereed, och op nei Froen a Problemer Entwerten ze sichen. Nët ze vergiessen, och eis Kontemplativ Kléischter, déi am Gebied d'Uleies vun der ganzer Kierch droen.
** Jonk Leit, iwwerleet iech, op nët och dir an dësen Instititiounen är Platz kinnt fannen, fir explizit mat Christus äre Liewenswee ze maachen.

Also wirklech, wann een dat alles esou kuckt, an dann och nach gesäit, wat an eise Paaren a Parverbänn alles geschaaft gëtt, da kann ee wirklech houfreg sinn, iwwert eis Kiierch, di grouss Glaawensgemeinschaft, an och iwwert eisen Erzbeschof, seng enk Mataarbechter, eis Pastoralassistinnen a Assisten, a eis Geeschtlech an de Paaren, oder an aneren Aarbechtsgebidder, déi kaum en Dag hunn, wou si nët kinnten eng ganz Reih vun Iwwerstonnen opschreiwen.

Trotz all deem äusserst Positiven, gëtt dach nach vill kritiséiert an eise kierchleche Gremien. Mir soe, wat eis nët gefällt, a mir hätten gären méi, besser a aneschters.

Och doriwwer, léif Leit, sinn ech houfreg, wëll et weist, datt d'Kierch de Courage opbrengt, och dat ze soen, wat an hiren eegene Reihen faul war an och nach ass,
denke mer un d'Scholdbekenntnis vun der Kierch, oder un de Refus vun deenen räiche Kierchen, sech voll a ganz anzesetzen fir méi Solidaritéit an der Welt, oder dann un déi rezent Pedophiliesgeschichten an Amerika, an déi zuguer eng Reih Kleriker verwickelt sinn...

Et kascht oft Krempes, fir Neies ze denken an ze ennerstëtzen, awer och dat gehéiert zum Kierchsinn. Wëll d'Kierch kann och, mat hirer Reckstännegkeet, bestëmmtene modernen Ideen géinteniwwer e Schutz an eng Hëllef sinn.

- Regelméisseg gëtt behaapt, d'Kierch hätt op d'Froen vu Mënschen vun haut keng Entwert. Ech kenne weltwäit keng Organisatioun, déi zu esou vill verschiddenen Themen Stellung hëllt wéi kathoulesch Kierch, duerch hire Magistär, awer och duerch hier Universitéiten, hir Akademien an Instituten, duerch hir Nunciaturen, hir Uerdensgemeinschaften, hir Vereiner, hir kleng a grouss Gruppen, déi an der Kierch schaffen. Niewt Zeitungen, Revuen, an Bibiliotheke voll Bicher zu allméiglechen Themen, niewt kathoulesche Radio- a Fernseh-Emissiounen, gëtt ët dausenden vun Internet-Säiten, déi aus der Siicht vun der kathoulescher Léier all méiglech Themen bespriechen.

Datt Kierch keng Entwerten op d'Froe vu de Mënschen vun haut giff ginn, ass carrément falsch. Datt déi Entwerten, déi kathoulesch Kierch gëtt, nët jidderengem gefaalen, dat ass eng aner Saach.

Kuerz iert Christus gesoot huet: „Ihr seid das Licht der Welt," huet hien och gesoot: „ihr seid das Salz der Erde". Nët alles, wat aus dem authentesche Glaawen vun der kathoulescher Kierch eraus gesoot gëtt, muss och scho gefaalen. An nët alles, wat sech als kathoulesch ausgëtt, ass ët och schons.

Hei kënne mer un di dräi Kritären vum Kathouleschen erenneren:
d'Helleg Schrëft, de Magistère, an d'Gefill vun de Gleewegen, dat sech och am Gebied ausdreckt. Déi 3 mussen zesummen harmoniséieren, wann ët da soll zum authenteschen Kathoulesche Glaawen gerechent ginn.

- Oft ginn Texter vu Roum, direkt, ouni ganz gelies ze ginn, vun der westlecher Medie Kritik zerappt. Wàhrend menger journalistescher Ausbildung hat ech engem auslännesche Journaliste-Kolleg emol dee ganzen Text ginn, vun dem hien, ouni e gelies gehaat ze hunn, eng negativ Kritik gemaach hat.

An hien huet mer geentwert:
„wann ech éierlech sinn, muss ët der soen, wéi ech deen Text ganz gelies haat, du war e bessen houfreg, och zu dëser Kierch ze gehéieren, déi esou Positioune vertrëtt."
Et ass vun dësem Journaliste-Kolleg, wou ech den Ausdrock hunn: „ech sinn houfreg, Katholik ze sinn".

- Awer nach méi houfreg, wéi iwwer gutt a kompetent Texter, sinn ech, wann ech Mensche begéinen, och hei zu Letzebuerg, Fraen a Männer, di trei zum Evangelium, versichen hire kathoulesche Glaawe ze liewen, an esou Licht, Freed a Begeeschterung ronderemmer sech verbreeden.

Do fällt mer dann dat an, wat d'Elisabeth zu Maria gesoot huet:
„Glecklech bass du, wëlls de gegleewt hues"

Kuckt, léif Pilger, versammelt ronderemmer Maria, loosse mer emol e positive Bleck op eis Glaawensgemeinschaft werfen, do wou mer am Alldag liewen. Secher gëtt ët villäicht dëst oder dat, wat iech nët geet, awer dir wert och mierken, wéivill Schéines an Erfreeleches ët hei, ganz no bei iech, gëtt. An ech sinn iwwerzecht, datt och dir kënnt soen: „ma ech sinn houfreg Katholik ze sinn."

Ech op alle Fall, kann dat a menger vilfälteger kierchlecher Aarbecht soen, an ech soen dem Herrgott ëmmer erem Merci, datt e mir esouvill gudd Mënschen mat op de Wee ginn huet, fir kënnen an der Kierch ze schaffen.
Et ass nët fir näicht, dat Jesus seet, mir sollen eist Liicht nët ënnert den Eemer stellen, mir mussen eist Liicht op de Liichter stellen.
Mat dësem Liicht ass secher mat dem Evangelium och de Glaawen gemengt.

A wann eise Glaawen esou am Mëttelpunkt do steet, da wert hien och di gudd Wierker opschenge loossen, awer nët fir eis domatt ze bretzen – secher vill vun iech hätten all Ursach sech ze bretzen, fir dat wat si maachen – awer ët geet dem Jesus net dorëms. D'Wierker sollen duerch d'Liicht vum Glaawen erkannt ginn, fir dat si op deen hiweisen, den Ufank an Zil vum Ganzen ass:
eise Papp am Himmel. AMEN.

13. Predigt: Mk 8, 31-35: Nachfolge und Selbstverleugnung
Falscher Glaube macht krank, wahrer Glaube befreit zum Glück

Aus dem Heiligen Evangelium nach Matthäus

Jesus begann, seine Jünger darüber zu belehren, der Menschensohn müsse vieles erleiden und von den Ältesten, den Hohenpriestern und den Schriftgelehrten verworfen werden; er werde getötet, aber nach drei Tagen werde er auferstehen. Und er redete ganz offen darüber.
Da nahm ihn Petrus beiseite und machte ihm Vorwürfe. Jesus wandte sich um, sah seine Jünger an und wies Petrus mit den Worten zurecht:
Geh hinter mir, Satan, denn du hast nicht das im Sinn, was Gott will, sondern was die Menschen wollen.

Er rief die Volksmenge und seine Jünger zu sich und sagte:
Wer den Weg hinter mir gehen will, der soll davon absehen.
er hebe vielmehr sein Kreuz auf und gehe mit mir den Weg.
Denn wer seine Seele für sich retten will, wird sie verlieren, wer aber seine Seele um meinetwillen und um des Evangelium willen verliert, der wird sie retten.

Här Erzbeschof, léif geeschtlech Matbridder, léig Pilger, léif Leit, déi dir mat eis iwwer Radio verbonne sidd.

1. Am Altertum sinn ët zwou Manéieren ginn duerch Stroossen ze goen:
entweder ass een niewtenaner gangen, an ët huet en zesummen de Wee gemaach,
oder ët ass een hannert deenen anere gangen.

Hannert engem goen, dat huet geheescht, säi Sklav sinn.
De Meechter ass fir gangen mat senge Frënn, an de Sklav ass hannendru gelaaf, ëmmer bereed, fir wann säin Här eppes vun him verlaangt hätt. De Sklav war jo am Fong näicht aneschters wi dem Här säin Roboter, an e Sklave huet sech doduerch ausgezeechent, dat hien keen eegene Wëllen huet dierfen hun, an dat een aneren Meechter iwwert säi Liewen a säin Doud war.

Um Marsch huet een dofir erkannt, wien ee war.

D'Grieschech Sprooch huet dann och fir dës Attitüden auszedrecken, zwee verschidde Verben: „hannert engem goen", a „mat engem de Wee maachen".

Leider hunn eis Bibeliwwersetzungen nët opgepasst, an iwwersetzen di zwee Verben oft duerch en nämlecht Wuert „nachfolgen“, op franséisch „suivre“, also „Jesus nogoen“, am Sënn vun „hannert Jesus goen“.

Dat soll ët jo och heeschen, menge mer oft.
An d'Bild vum Sklave, vum Dinger, deen hannert dem Meechter leeft, wiir nët esou falsch, fir eis gleeweg chrëchtlech Haltung auszedrecken.

Esou ass zuguer dat Wuert „Nachfolge Jesu“ geprägt ginn, a mat dësem Wuert „Nofolleg“ sinn all d'Beruffungsszenen aus der Bibel gedeit ginn:
„Komm folge mir nach!“ heescht ët bestänneg, zuguer an de neien deitschen Iwwersetzungen, opschons am griecheschen Text meechtens kloer do steet: „komm, geh mit mir den Weg!“

En Detail, deen am Fong nët wichteg wiir!?

Oder awer eng Fehlinterpretatioun vum Jesus sengem Ruff, déi responsabel ginn ass, fir esou munch Wonnen, esouwuehl bei de Gleewegen, wi bei den Uerdensleit, di ganz besonnesch wëllen Jesus nogoen, an déi baal all kloen, datt si keng jonk Mensche méi fir hirt „dem Jesus nogoen“ begeeschtere kënnen?

2. Di franséisch Psychanalytikerin Marie Balmary schreiwt an engen vun hire Bicher, datt vill Kranker bei si kommen, di um Glaawen krank sinn.
Hinnen kann d'Elisabet nët zouruffen: „glecklech bass du, wëlls du gegleewt hues...!“ Et hätt een éischter d'Impressioun vum Géigendeel: de Glaawen wiir schold un der Onzefriddenheet, jo um Ongleck vun dëse Mënschen.

Eng Reih vu gutt gesënnte Leit, scheiteren un hirem Glaawen, deen si fir d'éischt freedeg opgeholl haaten, dann awer nët méi eens dermat ginn. Hirt Liewen ass wi verfuscht, an si behaaptem virun hirem Beichtvater oder virun hirem Psychotherapeut: de Glaawen hätt hinnen dat geholl, wat si als Mensch auszeechent: hir Fräiheet, hir Autonomie, hier Liewensfreed...

Emmer engem anere musse nogoen, säi Kräiz gedëlleg droen, ouni ze meckeren, jo zuguer ëmmer dat musse maachen, wat anerer, - di reliéis Autoritéiten - kommandéieren, dat ass alles aneschters wi Gleck, dat geet géint de Mensch, a mëcht letztendlech de Mensch kleng a krank. Wëll de Mënsch ass dach nët zu soe engem Liewe beruff - soen si da meechtens aus hirem Glaawen eraus: soll ët nët eng gutt an eng freedeg Saach sinn, eise Glaawen, deen eis zum Gleck féiert, an deen dem Mënsch erem seng voll a ganz Würde erem gëtt?
Eleng dës Argumentatioun weist, datt dës Mënschen nët ganz Onrecht hunn, a wa mer an eis eege kierchlech Traditioun erakucken, da stelle mer fest, dat niewt deem zweifellos gudden a schéinen, ët och Tendenzen gi sinn, a vläicht zuguer

nach haut gëtt, di de Mensch ëmmer erem kleng an eekleg wëlle maachen, zu Sklaven, di onfräi hannert hiren Häre laafen,
an nët zu fräie Menschen, nët zu Frënn vu Jesus, di mat him de Wee ginn, an esou sech erem voll a ganz als Ebenbild Gottes entdecken a verstinn.

D'kathoulesch Kierch huet sech am Laaf vun hirer laanger Geschicht ëmmer erem misste wiiren géint zevill Demut, géint zevill Akzent leen op Leiden a Kräiz. Am Jansénismus, an am Dolorismus, grad esou wi an enger falsch verstanener Herz-Jesu-Sühnespiritualitéit kënnt dës Tendanz zum Ausdrock, di nët liewensbejoend ass, wéi si virgëtt, mee „mortifère", doudbrengend, wi d'Marie Balmary ët an hiren äusserst interessanten Studie beleet.

3. Wat ass dann do falsch gelaaf?
De Mensch geet ëmmer mat senger Zäit mat virun, a léisst sech vun hir beaflossen, grad esou wi hien se jo och mathëlleft ze gestalten. Et ass an dës Zäit eran, wou de Glaawen zur Sprooch bruecht gëtt, an dofir muss hien ëmmer erem nei gesoot ginn. Och, an zuguer d'Bibel, wëll déi liese mer jo och haut an enger anerer Sprooch, an zuguer wa mer hebräisch a griechesch kennen, dann denke mer dach an Iwwersetzungen: an – wi d'Italiener soen: traduttore, tradditore, Iwwersetzungen sinn ëmmer Iwwerliewerungen, an Iwwerliewerungen kënnen och, wi d'Bibel eis ët mat der Jesus Traditio virbildlech weist, Auslieferunge sinn.

Den authentesche Glawen kënnt also nët laanscht en authentescht Studium. „Fides quaerens intellectum", soote fréier, di gréisst aus eiser europäischer Kulturgeschicht: fir kënnen ze gleewen, musse mer de Sënn vum Glaawen hannerfroen. De Glaawen selver ass op der Sich no deem, wat hien tëschen den Zeilen eis matdeelt, intelligere, liesen, tëschen den Zeile liesen, fir esou d'Zeilen matenaner ze verbannen an de Sënn ze verstoen.

4. Haut um Freideg, wou mer op Kräiz vu Christus kucken, dat eis erléist huet, loosse mer e Bleck op den Text werfen, dee mer elo jhust héieren hunn, fir ze mierken, wat ët heescht, Christus nogoen, wi mer soen.

Hannert Jesus, huet letztendlech nëmmen nach een méi Platz, deen, deen iwwerwonne gouf, an zum Sklav ginn ass, de Satan. Him seng Platz ass, zenter dem Doud um Kräiz, hannert Jesus!
Hanneru mëch Satan! seet Jesus kloer zum Petrus, wann dee wëllt Satan spillen.

All déi aner si nët opgeruff, hannert Jesus ze goen, mee mat Jesus de Wee ze maachen.

Wëll Jesus wëllt nët, datt mer seng oder sos iergendengem seng Sklave sinn, nee hie wëllt eis als eng Frënn:

Ausdrecklech huet den Evangelist Johannes eis dëst opgeschriwwen, a bestätegt esou d'Synoptiker:
„Ich nenne euch nicht mehr Sklaven, denn der Sklave weiss nicht, was sein Herr tut. Vielmehr habe ich euch Freunde genannt; denn ich habe euch alles mitgeteilt, was ich von meinem Vater gehört habe."

Mat Jesus de Wee maachen, vun him ënnerwee gewuer ginn, alles, wat hie vum Papp am Himmel weess, dat ass nët ee Verhältnis vun Här a Sklav, dat ass ee Glaawensverhältnis, ee Vertrauensverhältnis, e Frëndschaftsverhältnis.

A Jesus seet eis dann och nach kloer:
Wien hannert mir wëllt goen, fir einfach nëmmen mäi Sklave ze sinn,
nëmmen nomaachen, ouni eegen Initiativ,
dee soll séier dëse Wonsch opginn;

mir wësse firwaat, wëll hannert Jesus geet, zenter dem Kräiz, just nach de Satan, hie ass,zënter dem Kräiz, als Ligener entlarwt.

- Hei kann ech iech nëmmen entfehlen den René Girard säi Wierk ze studéieren. Als Literaturwëssenschaftler an Anthropolog huet hien, wi keen aneren ët ferdeg bruecht, wëssenschaftlech opzeweisen, firwaat datt Christus sech, trotz villen Ähnlechkeeten, vun allen aneren Reliounen a Meenungen grondlegend ënnerscheed. Zenter dem Kräiz ass ët nët méi richteg, datt Gutt a Béist sech kompletéieren, datt ouni dat Béist, dat Gudd nët zum Virschéi giff kommen, wéi wa Gudd a Béis, zwou gläich Gréisste wiiren.
Nee, léif Pilger, dat ass grondlegend falsch: zenter dem Kräiz vu Christus, wësse mer: den Herrgott, dat Gutt, ass dem Béisen ëmmer e Schratt viraus. An dofir ass, zenter dem Kräiz vu Jesus, den Deiwel, dat Béist, zum Sklav ginn.
Hannert Jesus huet hie seng Platz.

Et ass hei nët Platz, fir dat religionsgeschichtlech a kulturanthropologesch ze beweisen, awer wéi scho gesoot: de René Girard seng vill Schrëften an och seng sellecher Schüler, kënnen hei hëllefen.

Eppes, wësse mer zenter dem Kräiz:
Jesus ass dem Béisen ëmmer e Schratt viraus. A *mat* dësem Jesus, wëlle mer de Wee maachen, als seng Frënn, an *nët hannert him*, mam Satan, dem Sklav goen.

- „Wien *hannert mir* wëllt goen," seet Jesus, „soll dat esou séier wéi méiglech vergiessen: hie soll villméi säi Kräiz ophiewen, a *mat mir* de Wee goen."

- Kräiz, stauros, ass dee Poul am Buedem, dee feststeet, an op deen de Querbalken mat dem Gekräizegten héichgezun a festgemeet gëtt.
Dee Poul do, esou seet eis Jesus, solle mer ophiewen.
Dat, wat eis festneelt, dat, wat eis Grenzen sinn, eis „condition humaine“, solle mer nët einfach stoe loossen, mee mir sollen de Courage hunn, ët an déi zwou Hänn ze huelen, fir ët opzehiewen, an da mat Jesus de Wee maachen.

Jesus wëllt keng kleng, untertäneg Sklaven, ouni eegene Wëllen, an ouni Fräiheet. Esou ee Glaawen, och wann en duerch Bibeliwwersetzungen erfirgeruff gëtt, ass falsch a mëcht wirklech, wéi Marie Balmary, an nët nëmme si feststellt, de Mënsch krank.

Jesus wëllt fräi Mënschen, déi - houfreg wéi Maria am Magnificat - mat him de Wee maachen, e Wee, deen och vläicht op Golgota féiert – an hei kënne mer un all Märtyrer, och nach aus eiser Zäit denken, déi wéingst hirem Glaawe verfollegt ginn, jo zuguer ëmbruecht ginn.
Awer Golgotha ass, zënter dem Doud vu Jesus um Kräiz, ni méi Endstatioun.
D’Ziel ass nët den Doud, de Mënsch ass nët e Sein zum Tode,
mee Zil ass d’Liewen, e Sein zum Leben.

5. Kuckt, léif Pilger, falsche Glaawe ka krank maachen, mee dee richtege Glaawen, dee vu Maria, mecht ni krank, am Géigendeel, hie féiert zum wirkleche Gleck.
„Glecklech bass du, wëlls du gegleewt hues,“
seet d’Elisabeth, an dem Elisabet, mengen ech, kënne mer gleewen.

Eleng d’Schreiwweis vun hirem Numm deit eis dat un:
D’Wuert Elisabeth fänkt nämlech mat deem 1. Buchstaw aus dem Hebräischen Alphabet un, an hëllt mat deem leschten op. Elisabeth: Aleph an Taw.
Dat kinnt een deiten, datt si alles seet, wat ee mat mënschleche Buchstawen kann ausdrecken.

An hirem Numm fënd een dann och de Buchstaw „Lamed“ erem. Hien ass deen eenzegen vun den Hebräische Buchstawen, dee wäit iwwert di iwwescht Schreiwlinn erausgeet. Esou erennert de Lamed ëmmer un dem Herrgott säi Wuert, dat an eis Welt wëllt kommen, an ët ass secher keen Zoufall, datt dee leschten Buchstaw aus der hebräischer Bibel, eisem aalen Testament, eben e Lamed ass, an esou wëssen mer, wa mer d’aalt Testament liesen, datt eng Fortsetzung muss kommen. Fir eis Chrëchten, ass dës Fortsetzung, dat Neit Testament: Jesus Christus selver, deen déi ganz prophéitesch Linn aus dem éischten Testament virbereed huet. An Elisabet faasst dës prophéitesch Linn zesummen mat dem Satz: „Glecklech bass du, wëlls de gegleewt hues, datt sech dem Hergott säi Wuert erfëllt.“

Iwwert Schreiwweis eweg, huet d'Wuert Elisabeth selver eng duebel Bedeitung:
Eli - sabeth
1. Gott huet geschwuer;
an 2. Gott ass d'Erfëllung vum Allem.

A bee, léif Pilger, enger Fra, di esou een ausdrocksstaarken Numm huet, musse mer jo baal nolauschteren, oder nët? A wa mer hier nolauschteren, an op eist eegent Glaawensliewen zereckkucken, da mierke mer vläicht selver: si huet Recht: „Glecklech déi, déi gegleewt huet"

Ech wënschen iech a mir, datt mer mat Bleck op Maria, all kënnen am Glaawen eist Gleck fannen.

Erlaabt mer um Enn ee Merci ze soen, all denen, déi mech duerch hirt Gebied an hir Ënnerstëtzung während dëser Oktavszäit begleed hunn,
an och iech, Här Erzbeschof, datt Dir mir d'Gelegenheet ginn hutt, dës Priedegten ze haalen.

Ee ganz häerzleche Merci och un all hei an der Kathedral, déi fir de gudden Ooflaaf gesuergt, dem H. Feltes an allen Hëllefskoschteren,
de Massendinger, dem Organist, dem Dirigent an de Sängerinnen a Sänger,
ee ganz grousse Merci och un den Abbé Claude Bache, deen vu mueres fräi bis owes spéit, der Muttergottes, an eis all hei, während der Oktav, esou vill a gutt Dingschter leescht.

Maria, Tréischterin am Leed,
begleed eis op eisem Wee.
Féier eis bei Jesus, däi Jong.
Looss eis, d'Kräiz ophiewen,
a mat him de Glaawenswee goen,
deen mat Secherheet zum wirkleche Gleck féiert. AMEN.

14. Predigt: Mt 13, 44-46: Die Gleichnisse vom Schatz und vom Kaufmann
Selig sind die, die glauben, dass sich erfüllt, was der Herr ihnen sagen ließ

Mit dem Himmelreich ist es wie mit einem Schatz, der in einem Acker vergraben war. Ein Mann entdeckte ihn, grub ihn aber wieder ein. Und in seiner Freude verkaufte er alles, was er besass, und kaufte den Acker. Auch ist es mit dem Himmelreich wie mit einem Kaufmann, der schöne Perlen suchte. Als er eine besonders wertvolle Perle fand, verkaufte er alles, was er besass, und kaufte sie. (Mt. 13,44-46)

Här Erzbeschof, léif Pilger, déi der haut de mëtteg hei un der Wallfahrt vun deenen eelere Leit deelgeholl hutt,

1. ët huet emol een aalen Här mer gesoot:
wann ech op mäi Liewen zereckkucken, da muss ech soen: ech hu vill geschafft, an ech hunn och munches ereescht. Ohne Fleiss kein Preis. Alles, wat hei steet, hunn ech selver gebaut, mat mengen eegenen Hänn.
Awer - esou deen aale Mann weider - wann ech esou richteg iwwert alles nodenken, da muss ech soen:
dat Schéinst an dat Wichtegst a mengem Liewen, hunn ech nët selver gemaach, mee dat krut ech geschenkt.

Dat Wichtegst hunn ech nët selver gemaach, mee dat krut ech geschenkt.

Dës Feststellung, léif Pilger, ass en déift chrëchtlecht Glaawensbekenntnis.

Mir wëssen, datt an der Bibel d'Gleck nët einfach en Zoustand, e Gefill ass, dat een huet, mee d'Gleck ass eng Bewegung, ee Wee, deen ee mëcht.
Nët egaal wéi ee Wee natierlech, mee de Wee, deen an dem Herrgott säi Räich féiert.

Glecklech nennt d'Bibel deen, deen ënnerwee ass an dem Herrgott säi Räich, an sech dies bewosst ass, dee gleewt a vertraut, dass dëse Wee zum Zil féiert.

Esou kunnt d'Elisabet dann och zu Maria soen:
„Glecklech déi, déi gegleewt huet, datt sech dem Herrgott säi Wuert erfëllt." de Motto vun der dësjähreger Oktave.

2. An deen zwee Gleichnisser, déi mer elo just am Evangelium héieren hunn, erzielt Jesus eis méi vun dësem Wee an d'Himmelräich.

A fir d'éischt emol, gi mer drop opmierksam gemeet, dat mer selver eppes fir dëse Wee kënne maachen.

D'Himmelräich ass wéi e Schatz, dee mer fond hunn, a wou mer eis dann och mussen, wéi de Mann am Gleichnis, schlau uleen, fir en ze kréien.
Hie verkeeft alles, fir mam Erléis sech d'Feld mat dem Schatz kënnen ze leschten.

Hei läit also den Akzent op der Leeschtung. An ët ass sëcher richteg, datt mer ëmmer erëm, egaal wéi aal mer sinn, och eppes vun eis mussen dozou bäidroen, fir d'Himmelräich, fir d'Gleck, ze fannen.

Awer ze mengen, alles giff vun eis oofhänken, mir wiiren déi, déi d'Räich Gottes an domatter d'Gleck giffe machen, am Sënn vu: - Jeder ist seines eigenes Glückes Schmied -, dat ass secher eesäiteg, a letztendlech falsch.

3. Wëll d'Himmelräich mëcht och eppes fir eis, wéi dat zweet Gleichnis aus dem Evangelium vun haut ët weist.

Hei gëtt d'Himmelräich nët méi mat engem Schatz verglach, deen mir musse fannen, mee mat engem Händler, deen sech op de Wee mëcht fir kostbar Perelen ze fannen.
An mat dëse Perelen, mengt d'Evangelium eis Mënschen. Mir sinn déi Perelen, déi den Herrgott gären a sengem Schatz hätt,
an hien, den Herrgott, setzt alles drun, fir eis mat an säi Räich, an d'Himmelräich ze huelen.

Kuckt, léif Leit, dat ass eng grondlegend Wourecht vun eisem chrëchtleche Glaawen:

Fir eis Mënschen de Wee zu him erem fräi ze maachen, fir eis an d'Himmelräich opzehuelen, gëtt den Herrgott dat Beschten hinn, wat en huet: säin eegene Jong um Kräiz.
Wéi den Händler am Gleichnis vum Himmelräich, gët den Herrgott alles eweg, fir déi kostbar Perel, déi mir Mënschen a sengen Ae sinn, ze kréien.

Den Herrgott denkt grouss vum Mënsch, den Herrgott wess: de Mënsch ass säin Ebenbild. An hie setzt alles drunn, fir eis Mënschen dat erem nei entdecken ze doen.

4. A Maria, der Muttergottes, kann d'Mënschheet déi richteg Entwert op dem Herrgott seng Propos erkennen.

Si huet op d'Ufro vum Engel Gabriel hinn, mat grousser Freed hirt Jowuert ginn.
„Siehe, ich bin die Magd des Herrn! Mir geschehe nach deinem Wort!"

Dat kinnt ee liicht mëssverstoen, wéi wa Maria gesoot hätt:
„ech sin nëmmen eng Mood, d'ailleurs alt, du bass jo den Herrgott, da muss ech eben follegen": de Glaawen als eng Mussesaach, als eng Pflichterfëllung, wéi dat allzeoft verstanen a geliewt gouf.

Nee, dat ass ganz a guer nët de Sënn vu Maria hirem Jowuert.
Dat ass keng Mussesaach, mee ët ass fir si eng grouss onbeschreiwlech Freed!
„Du Ursache unserer Freude," heescht ët an der Lauretanescher Litanei!

„Mir geschehe nach deinem Wort." D'Evangelium gebraucht hei en Optativ, eng Verbform, déi ët an eise Sprochen nët gët, an déi ee Wonsch ausdreckt:
Maria wënscht sech vun Häerzen, d'Mamm vum Erléiser ze ginn.

An deem ganzen läit esou eng déif Freed, di wirklech Glaawensfreed.

5. Kuckt, léif eeler Leit,
dir kënnt op e laangt Liewen, an och op vill Erfahrungen, zereckkucken.
Déi zwee Gleichnisser aus dem Evangelium vun haut, grad esou wéi Jowuert vu Maria erlaaben ze sënneren:

ze sënneren tëschen deem, wat ee selver gemeet huet, an deem, wat ee geschenkt krut. De Glaawen besteet doran, déi zwee ze erkennen, a festzestellen, dass dat wat mer geschenkt kruten, dat wesentlecht ass. Esou kann een an deen allgemenge MERCI vun der Eucharistiefeier matastëmmen.

E Mënsch, deen aus der Dankbarkeet eraus liewt, ass nët wäit eweg vum Herrgott.

Virun 3 Wochen hunn ech an enger Klass um Fieldgen iwwert d'Weiderginn vum Glaawe geschwaat, an ech hunn esou an d'Klass eragefroot, wou si dann fir d'éischt a Kontakt mat der Relioun komm wieren.
E Meedchen huet spontan geentwert:
Mäi Bopa, hien huet ëmmer owes mat mir gebiet.
A wat war d'Gebiet: e Merci un den Herrgott.

Kuckt, léif Leit, dëse Merci ka jiddereen mat Maria a wéi Maria soen.
An esou strahlt de Glaawen an d'Gleck och op anerer iwwer, är Famill, all déi Menschen, mat deenen dir a Verbindung sidd, an och all déi, déi sech, esou gutt ëm iech am Alter bekëmmeren. Hinnen eenzel, an als Associatiounen, soen ech en häerzleche merci, an iech all wënschen ech ee schéinen a segenräichen Liewensowend.
D'Maria, d'Tréischterin am Leed, soll iech begleeden. AMEN.